16.
MEE
2025

# Gemengebuet



#LIEWENZUESCH

esch

☑ = Jo
☒ = Nee
⊜ = Enthalen
↻ = Procuratioun

16.
MEE
2025

# Gemengebuet

esch

Voir les votes par conseiller →

**Transkriptioun Gemengerotsëtzung Esch**

**16. Mee 2025**

*Réunion publique*

## 0. Assermentation de Monsieur Aldin Avdic en sa fonction de conseiller communal

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Vertrieder vun der Press, léif Escherinnen an Escher, déi eis iwwer déi verschidenst Medien elo grad vläicht live suivéieren oder nokucken, ech begréissen Iech dann an der haiteger Gemengerotssëtzung.

Eng Gemengerotssëtzung, déi eng Particularitéit huet. Nämlech dass mer no der Demissioun vum Kolleeg Tonnar zënter dem 1. Mee net méi komplett besat sinn hei an dëser Ronn. An doweinst si mer frou an hunn d'Éier, fir haut an der Persoun vum Aldin Avdic den neie Conseiller bei eis opzehuelen.

A menger Virbereedung op déi haiteg Assermentatioun hunn ech mech e bëssen agelies an Artikelen oder a Parteipublikatiounen. An dat, wat mech beim neie Conseiller scho berouegt, dat ass, dass hien ee Gedanken ënnerstäicht. Nämlech dass hien dës Stad an d'Mënschen hei gär huet. An ech mengen, dat ass genau de richtegen Undriff, mat deem een an dës Ronn hei ka kommen. An déi bescht Motivatioun, déi ee fir dës Stad kann hunn.

Wat ech soss nach konnt liesen, dat ass, dass den neie Conseiller eng Biografie huet, déi vläicht ontypesch, awer keng isoléiert hei an Esch ass. An domat mengen ech, dass dëse Gemengerot alt erëm eng Kéier e Stéck méi authentesch gëtt mat dem neie Conseiller, dee mer elo wäerte bei eis ophuelen.

An doweinst freet et mech dann, dass mer elo zu der Assermentatioun vum neie Conseiller, dem Här Aldin Avdic, kënne virgoen. Doweinst bieden ech Iech, dann hei an d'Mëtt ze kommen.

Monsieur Aldin Avdic, et wäert elo hei de Procès verbal virgelies ginn. An da wäert ech duerno de Serment virliesen, wou Dir dann äntwert mat „Je le jure".

*(Procès verbal virgedroe vun der Madamm Laetitia La Vecchia, Secretaire générale adjointe)*

Je jure d'observer la constitution et les lois et de remplir ma fonction avec intégrité, exactitude et impartialité.

**M. Aldin Avdic (LSAP)**

Je le jure.

*(Applaus)*

*(Confirmatioun vum Eed duerch d'Madamm Laetitia La Vecchia, Secretaire générale adjointe)*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Léif Kolleegen, éier mer dann elo zum Ordre du jour kommen, ass et dann esou Traditioun, dass den neie Conseiller seng Untrëttsried hei an der Ronn dierf halen.

Här Avdic, Dir hutt d'Wuert a mir si ganz gespaant, fir Iech nozelauschteren.

**M. Aldin Avdic (LSAP)**

Här Buergermeeschter, merci fir d'Wuert.

Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Escherinnen an Escher,

Och wann dat aktuellt Mandat säit geschwënn 2 Joer leeft wéit ech als aller éischt emol all de Wielerinnen a Wieler merci soen, datt se mär hiert Vertrauen geschenkt hunn a mär domat d'Méiglechkeet ginn hunn mech politesch aktiv ze engagéieren.

Och wéilt ech un dëser Stell dem Här Jean Tonnar villmools Merci soen fir säin laangjähreegt Engagement als Schäffen an als Conseiller vun der Stad Esch. De Jean huet mech a meng wonnerbar Fra virun ebessen méi wi 2 Joer bestued wat dozou bäidréit datt dësen Moment ganz beweegend fir mech ass.

Haut hei ze sëtzen, als neie Member vum Escher Gemengerot, ass fir mech e ganz spezielle Moment. Et ass nët nëmmen eng Éier – et ass och fir mech perséinlech e grousse Schratt.

Ech sinn am Kosovo gebuer an am Joer 1999 mat mengen Elteren a mengem Brudder op Lëtzebuerg geflücht. Mär haten deemols net vill dobäi – mee mär haten Hoffnung. Zënter 2004 wunne mär zu Esch – an dës Stad ass fir eis zur Heemescht ginn.

Meng Elteren hunn vill an hoart geschafft, fir mengem Brudder a mär e secheren Kader ze bidden, an duerfir sinn ech hinnen vir ëmmer dankbar.

De Fondamental hunn ech um Brill gemaach an de Secondaire am Jongelycée hei zu Esch. Ech hunn de Bachelor am Droit op der Uni Lëtzebueg gemaach a sinn am Moment mam Master am Personalmanagement op der Uni Koblenz amgaangen. Ech schaffen och schonns zënter 7 Joer beim Edukatiounsministère.

Ech hat net den einfachste Wee an hunn hoart geschafft, fir dee Mënsch ze ginn deen ech haut sinn.

Dëse Werdegang ass awer och eng Motivatioun an en Unsporn fir mech: vill Escherinnen an Escher hunn och e Migratiounshannergrond. Et läit mär dowéinst vill drun an dësem Gemengerot d'Sprochrouer vun deenen ze ginn, déi leider net vun sech selwer op sech opmierksam maachen kënnen. Dat ass fir mech eng Fro vu Mënschlechkeet – a vu Gerechtegkeet.

Laut dem Rapport vum Observatoire social aus dem Joer 2023 ginn et zu Esch immens grouss sozial Ongläichheeten. Dat ass eng Realitéit, déi et fir eis zur Pflicht mescht, eis besonnesch gutt ëm dës Matbiergerinnen a Matbierger ze këmmeren. Keen dierf alleng gelooss ginn. Di sozial Offer an eiser Stad muss och déi erreeschen, déi vun Hëllef ugewisen sinn.

Esch ass eng Unisstad. Bis dohinner, ass et awwer fir d'Schülerinnen a Schüler e lange Wee. Fir hinnen déi néideg Bedéngungen ze schafen fir hier schoulesch Lafbunn ze meeschteren, brauche mär niewt dem néidege Personal och déi néideg Infrastruktur. Wéi virdrun schon gesot sinn ech selwer an d'Brillschoul gaangen an schon deemols wuar et eng vun de gréisste n Schoulen am Land. Mëttlerweil ass d'Schülerzuel sou grouss ginn, dass alleng d'Brillschoul gläich epuer Annexen kritt huet. Jo, zum nohaltege a pädagogesch sënnvolle Schoulbau. Nee, zum Bau vun iwwerdeierten Schoulen, ouni pädagogescht Konzept an déi, wann se bis ferdeg gebaut sinn, vill ze kleng sinn.

Ech wënschen mir eng liewenswäert Stad Esch. Fir se awer liewenswert ze maachen,

brauche mär och eng konsequent Strategie wat d'Bekämpfung vun der Wunnengsnout ugeet. Wunnen ass e Grondrecht a sollt mat dem néidege Serieux ugepack ginn. De Leerstand vun enger 60 Wunnengen, deen schon säit epuer Joer undauert, ass net dat wat mär eis an enger Logementskris kënne leeschten.

Themen wéi Personal, Sport oder och nach Stadentwécklung an Ëmwelt si fir mech net manner wichteg au contraire, dat sinn och Themen déi mär immens um Häerzen leien an na deenen ech mëch an de nächste Méint a Joeren wëll eraschaffen a mäi Bäitrag leeschten.

Ech géif dann mat engem kuerze Zitat vun Louis Blanc ofschléissen deen eis hoffentlech alleguerten zum nodenken ureegt: *Notre idéal, c'est une société où chacun donne selon ses moyens et reçoit selon ses besoins.*

Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci fir Är Wierder, Här Avdic. Mir freeën eis all op eng gutt a fair Zesummenaarbecht.

0.bis Modifications de l'ordre du jour ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer zu de Formalitéiten. Mer fänken u mam traditionelle Lous, fir ze entscheeden, wien dann haut däerf als éischt ofstëmmen.

Tatsächlech ass et den Här Sehovic.

Da maache mer den Appel nominal.

*(Appel nominal)*

Entschëllegt ass de Moien den Här Bermes. Hien huet eng Procuratioun un d'Madamm Weyrich ginn. An d'Madamm Braz huet eng Procuratioun un den Här Faltz ginn.

Par rapport zum Ordre du jour krut Der gëschter e Mail, an deem Der schonn ugekënnegt krut, dass mer géingen Upassunge proposéieren de Moien.

Als éischt wéilte mer, wéi dat no all Changement an eiser Ronn néideg ass, den neie Tableau de préséance stëmmen. Dat ass vergiess gi beim Ordre du jour. Dat géinge mer dann als neien éischte Punkt op den Ordre du jour eropstëmmen.

An da wéilte mer proposéieren, de Punkt 4 vum Ordre du jour, dat ass d'Charte communale du vivre-ensemble religieux, fir haut erofzehuelen.

Ech wëll awer zu deem Punkt eppes soen. An der Commission des Cultes vum 29. Abrëll 2025 gouf d'Versioun vun der Charte, iwwer déi mer haut sollten ofstëmmen, unanime guttgeheescht. Unanime vun de Vertrieder vun der CSV, der LSAP, vun der DP, vun Déi Lénk, vum ADR. An d'Vertrieder an de Suppleant vun Déi Gréng waren an der Kommisisoun do absent.

An dësem Sënn, dass mer dovunner ausgaange sinn, dass mer eng grouss Unanimitéit hätten op deem doten Dossier, wou eis dat awer wichteg war, hu mer du geduecht, mer huelen et op den Ordre du jour vum Gemengerot.

Elo war et awer esou, dass an de leschten Deeg souwuel vu Vertrieder aus Oppositiounsparteie wéi och vu Vertrieder aus Majoritéitsreien nach Upassungen a Gedanke formuléiert goufe par rapport zu dëser Charte. A fir eis huet dat zwee Elementer bedeit, oder zwou Konklusioune sinn eis do an de Kapp komm.

Éischtens, dass et nach eng Kéier drun ze erënnere gëllt, dass natierlech d'Vertriederinnen an d'Vertrieder an de Kommissiounen och e seriöe Rôle an den Decisiounen hunn, am Decisiounsprozess vun dëser Gemeng.

An dass och den Echange innerhalb vun de Parteie muss funktionéieren, wa mer eis wëllen op d'Rapporte vun de Kommissiounen awer kënne baséieren, wa mer da wëllen hei Decisiounen, opgrond vun engem Avis, an dëser Ronn huelen.

Tout en sachant, dass de Gemengerot natierlech dat lescht Wuert huet, och nach ëmmer kann Amendementer proposéieren an net un d'Avise vun der Kommissioun gehale gëtt.

An zweetens, wann et nach Iwwerleeunge gëtt, dass einfach d'Charte dann à ce stade nach net prett ass fir de Vott an dass et nach un dem néidege Feinschlëff feelt, a vläicht och un Opklärungsaarbecht par rapport zum Rôle vun der Commission des Cultes, deen nach ze bedreiwen ass.

An dowéinst proposéiere mer dann elo, haut, zu dësem Moment, fir d'Charte erofzehuele vum Ordre du jour an dann erëm an d'Kommissioun ze goen, mat den Iwwerleeungen, déi nach formuléiert goufen. Fir dann duerno zu engem spéidere Moment op dës Charte zeréckzekommen.

Gëtt et soss nach Wuertmeldunge par rapport zum Ordre du jour? Den Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Also ech sinn absolutt domadder averstanen, datt dat hei erofgeholl gëtt. Ech hunn awer e bëssen e Problem domadder, datt Dir elo déi ganz Responsabilitéit dofir just op d'Kommissioun an d'Kommissiounsmembere setzt.

Et muss een awer soen, et ass en Dokument, wat vum Schäfferot à la base ausgeschafft ginn ass oder vun dem responsabele Schäffen. Ech sinn och net frou doriwwer, wann dat sou ass, datt eise Member deem zougestëmmt huet – dat wäert ech dann och esou zu Protokoll ginn. Mee et ass awer à la base och eng Responsabilitéit vum Schäfferot. An an zweeter Instanz ass et och eng Responsabilitéit vun eis.

An ech menge wierklech, datt an där Charte Saachen drastinn, déi fundamentale Prinzippie widderspriechen. An dofir ënnerstëtzen ech absolutt, datt dat hei vum Ordre du jour geholl gëtt.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wann et soss keng Wuertmeldunge ginn.

Jo, et ass eng Responsabilitéit vum Schäfferot. Et ass eng Responsabilitéit vun de Kommissiounen, vum Gemengerot a vun de Parteien.

An dowéinst mengen ech, dass mer eis de Ball net sollen elo hei am Krees zouspillen, mee dass jidderee soll a seng Partei zeréckgoen, a seng Gremien zeréckgoen an dass mer dann nach eng Kéier anescht sollen dës Charte diskutéieren, fir da kënnen – well et awer e sensibelen Dossier ass, mengen ech, fir vill Leit. Dass mer deen dann hei kënnen en bonne forme diskutéieren an dann och als Gemengerot duerno stëmmen.

Wann et soss keng Wuertmeldunge gëtt, géinge mer au vote goen.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Joy Weyrich)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 1. Tableau de préséance du conseil communal ; mise à jour ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei den Tableau de préséance vun de Conseillers communaux.

No der Assermentatioun gëtt et hei dann Ännerungen an der Reiefolleg, wou d'Anciennetéit, natierlech d'Anciennetéit ouni Ënnerbriechung am Gemengerot den Haaptkrittär ass. Bei selwechter Anciennetéit ass et d'Walresultat bei der éischter Kéier, wou een an de Gemengerot gewielt gouf, wou dann d'Reiefolleg virgëtt.

Nom Depart vum Här Tonnar iwwerhëlt dann den Här Knaff déi éischt Plaz an dësem Ranking, virum Här Zwally.

Gëtt et Wuertmeldungen zum Tablo? Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Just eng kleng Prezisioun.

Den Tableau de préséance ass net d'Reiefolleg vun der éischter Kéier, wou een am Gemengerot war, mee vun der leschter Kéier, wou een am Gemengerot war. Wat dozou féiert, datt ech relativ ënne sinn, obwuel ech mam Här Knaff a mam Här Zwally ee vun deenen eenzege sinn, dee schonn an der Mandatperiod 2005-2011 dobäi war.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dir hutt Recht, et ass d'Reiefolleg, wéini ee fir d'lescht am Gemengerot war. Awer ouni Ënnerbriechung. Awer wann een zum selwechte Moment erëm erakomm ass, dann zielt d'Walresultat.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Joy Weyrich)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 2.1. Étude des pratiques culturelles, sportives et de loisirs des Eschois.es ; présentation et discussion

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Punkt 2.1. Dat ass d'Etüd iwwer d'Pratiques culturelles, sportives et de loisirs des Eschois et Eschoises. Den Här Knaff huet d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech si frou, datt mer haut op en Neits hei am Gemengerot iwwer d'Kultur kënne schwätzen. An zwar dës Kéier iwwer en Aspekt vun der Kulturpolitik, dee leider dacks vergiess gëtt: de Publikum.

„Le public, c'est le suffrage universel honneur", huet de franséische Schrëftsteller Jim Renard eemol gesot. A grad wéi mer ëmmer wëllen d'Biergerinnen an d'Bierger verstoen a wëssen, wou de Schong dréckt, sou ass et eis och wichteg ze wëssen, wéi déi räichhalteg Kulturoffer, déi mer als Stad Esch ubidden an ënnerstëtzen, bei de Leit ukënnt an ob se iwwerhaapt bei de Leit ukënnt.

Fir dat ze erfuerschen, hu mir dës Etude des pratiques culturelles, sportives et de loisirs des Eschois et Eschoises maache gelooss, där hir Resultater ech lech elo kuerz hei virstelle wollt.

Dir hutt de PDF vum Resümmee vun der Etüd ugangs der Woch kritt an elo eng gedréckt Versioun virun lech leien.

Fir d'éischt wollt ech lech e bëssen de Kontext vun däser Etüd ginn, wie se gemaach huet a firwat. An d'Methodologie an der Feuille de route vun eisem Kulturentwécklungsplang „Connexions II", dee mer 2022 unanime hei gestëmmt hunn, hate mer eis fir d'Joren 2023-2027 virgeholl, e bëssen Distanz ze huelen.

Nom Kulturjoer 2022 eng Kéier duerch-zeootmen, aus de Feeler ze léieren, an dat, wat mer gutt gemaach hunn, weider ze entwéckelen.

Wéi Der wësst, huet de Service Culture eng Chargée d'études et de formation, d'Madamm Céline Schall, déi deelweis op der Universitéit vu Lëtzebuerg detâchéiert ass. D'Madamm Schall huet dës Etüd scho virum Kulturjoer, ab 2019 op d'Bee gesat. An zwar an Zesummenaarbecht mam Laboratoire Culture & Communication vun der Universitéit vun Avignon, dem Departement vum Här Jean-Christophe Vilatte.

An Zesummenaarbecht hu si fir d'éischt 2019 a sougenannte Focus Groups mat Escher Leit, méi laang Gespréicher iwwer hire Bezuch zur Kultur, hir Souveniren an Erliefnisser, hir Liblingsplazen oder Objeten, hir Wënsch a Reklamatioune geschwat, wéi iwwer hiert Gefill an hir Approche iwwer d'Kultur zu Esch.

Duerno hu si am Ufank vum Kulturjoer tëscht Enn Januar an Enn Mee 2022 déi Questionnairen, déi si ausgeschafft haten, entweeder mat de Biergerinnen a Bierger an Esch an um Belval ausgefëllt, oder d'Leit konnten dat online maachen.

Dat waren um Enn am Ganze 67 Froen an 896 Leit hu matgemaach. An zwar op déi Sprooch, déi si wollten. Sief et Lëtzebuergesch, Franséisch, Portugisesch oder Englesch. Dat ass also wierklech e groussen Echantillon.

D'Froe goungen drëm, wéi d'Leit hir Fräizäit verbréngen. Sief dat doheem oder dobaussen, ob se gär spadséieren, lafen oder iesse ginn,

bei d'Famill oder an e Kulturhaus, ob se selwer eng Kulturpraxis hunn an an engem Veräin aktiv sinn.

An natierlech wollten d'Experten dann och wëssen, ob déi Leit fannen, dass se zu Esch déi Offer kréien, déi si erwaarden, wéi gutt si d'Escher Kultur, an ob se fannen, dass d'Gemeng genuch an deem Domän mécht.

Nodeems si déi Äntwerten all haten, hunn d'Chercheure se missen auswäerten. Si hunn d'Données brutes gekuckt, mee si hunn och déi verschidde Variabele gekräizt, wéi den Alter, d'Geschlecht, de Wunnuert oder d'Sprooch vun de Leit. Wéi vill Schoule si hunn, wou si wunnen oder wéi si hir Perséinlechkeet aschätzen.

Dat alles huet Zäit an Usproch geholl, mee elo ass d'Etüd prett. Dat ganz wëssenschaftlecht Dokument huet 600 Säiten, an et ass eng Goldgrouf fir eise Kultursecteur. Eis Haiser a Veräiner kënne vill doraus léieren.

Fir eis hei a fir de Grand public ass dëse Resümmee hei e wäertvollen Outil, fir ze gesinn, wou mer dru sinn. Mir kucken eis eng Kéier eng Kéier déi wichtegst Resultater un. Wat sinn d'Tendancen, déi observéiert gi sinn?

Fir d'éischt wollten d'Chercheure vun de Leit wëssen, wéi si hir Fräizäit doheem verbréngen, wa si net virun d'Dier ginn. Ouni grouss Iwweraschung a grad wéi bei aneren Etüden aus dem In- an Ausland sinn den Internet an d'Sozial Netzwierker do den éischte Magnéit.

78,9 % vun de Befrote surfen all Dag um Internet oder consultéieren hire Facebook, Instagram oder soss Sozial Reseauen, op deem si aktiv sinn. 67 % vun de Befrote lauschteren all Dag Musek digital, also iwwer eng Applikatioun um Handy oder iwwer Computer. 41,8 % vun de Leit kucke Filmer oder Serië via Plattformen oder den Internet.

Déi klassesch Medien dann, och dat ass net erstaunlech an zimmlech änlech wéi an aneren Etüden, déi verléieren un Attraktivitéit. Am beléifste bleift de Radio, dee bal d'Hallschent vun de Leit, 46 %, nach all Dag lauschteren. Duerno kënnt d'Tëlee mat 41,4 %, an als lescht klassesch Medien d'Press, manner wéi ee Véierel. 20,4 % vun de Leit liesen nëmmen nach all Dag Zeitung.

Dat ass eng wichteg Informatioun och fir eis Kulturhaiser a -veräiner, déi de Public besser erreeche wëllen. Vläicht ass et da méi effikass, direkt iwwer d'Sozial Netzwierker ze fueren, fir sech u säi Public ze riichten.

Dann, wann d'Leit Fräizäit ausser Haus hunn, gi se gär spadséieren. 35,8 % vun de Befrote ginn eemol d'Woch en Tour duerch d'Stad maachen. 41,9 % gi gär an de Bësch oder soss an d'Natur.

Oder si maache gär Sport. Ronn dräi Véierel vun de Leit gi lafen, an de Fitness oder fuere Vëlo. Zwee Drëttel vun de Leit maachen dat op sech, also net an engem Club.

D'Escher Leit ginn och gär an de Restaurant. Iwwer d'Hallschent waren am leschte Mount eemol an de Restaurant iessen. 36,1 % an e Fastfood an ongeféier d'selwecht vill, 35,4 %, an de Café oder eng Bar.

Ronn en Drëttel ginn dann an hirer Fräizäit bei d'Famill oder Frënn op Besuch. Ee Fënneftel vun de Leit, ronn 20 %, sinn an engem oder puer Veräiner. Déi, déi dat net sinn, soen haaptsächlech, si hätte keng Zäit.

Dann hu mer och nach eng ganz Partie Leit, déi gär an hirer Fräizäit selwer Musek maachen, 43,8 %, oder sangen, 31,6 %.

Am nächste Block vu Froe goung et drëm, wéi d'Leit den Image vun der Stad an d'Offer zu Esch aschätzen. Och hei sinn d'Retouren

éischter positiv. Sou hunn an de Fokusgruppe vill Leit gesot, dass si fannen, Esch wär eng flott Stad mat enger gudder Offer, mee den Image vu bausse leider méi negativ.

Konkreet zu den Zuelen; och déi si ganz gutt. Ronn 60 % vun de Befrote fannen, dass ee sech zu Esch gutt ka kulturell beschäftegen. E bësse méi, 60,7 %, fannen, dass ee sech hei gutt kann ameséieren. Iwwer d'Hallschent vun de Befrote fannen, dass een hei ka gutt entspanen.

An am beschten ass däitlech eis Offer, fir Sport ze maachen. Dräi Véierel vun de Leit, 72,2 %, fannen, dass een hei gutt Sport ka maachen. Dat freet eis natierlech besonnesch dëst Joer, wou mer europäesch Sporthaaptstad sinn.

Ech wëll hei wierklech drop insistéieren, datt d'Escher Leit, déi hei wunnen, an déi, déi hei schaffen, wierklech ganz zefridde si mat deem, wat d'Stad hinnen ubitt a Saache Fräizäitgestaltung.

An dës Zuele ginn op 2022 zeréck. Zanterhier ass immens vill geschitt. Mir hu mat der Konschthal eng immens attraktiv an aktiv Plaz, fir lieweg Konscht vun haut ze weisen, bäikritt. Den nationale grad wéi den internationalen Echo, dee mer mat dësem Haus kréien, positionéieren Esch op dësem Domän ganz positiv.

Am Bridderhaus hu Kënschtlerinnen a Kënschtler eng Plaz, fir a Residenzen ze wunnen an ze schaffen. Aus dëse Residenzen entstinn entweeder Ausstellungen oder aner Projeten an der Konschthal, Zesummenaarbechte mat der Kufa oder soss Acteuren zu Esch an doriwwer eraus.

Fir de Publikum sinn hir Open-House-Eventer ganz spannend, well een do gesäit, wéi Konscht entsteet a mat Kënschtler a Kënschtlerinnen an d'Gespréich kënnt.

Den Escher Theater huet 2022 eng zweet Bün kritt am fréieren Ariston, wou si och hire Kanner- a Jugendtheaterberäich kënnen ausbauen. Mir gesinn e bësse méi spéit nach emol, wéi wichteg dat ass.

Am Bâtiment IV hu mer en Tiers lieu, an deem Kënschtlerinnen a Kënschtler grad wéi Kollektiver kënnen a gudde Konditioune schaffen. Dat nieft deene sëllege Veräiner an Evenementer, déi mer finanziell a logistesch ënnerstëtzen.

An der Etüd fannt Dir am drëtten Deel Lëschte mat deenen, déi am aktiivste sinn an déi mir begleeden, wéi mir nëmme kënnen.

Mee zeréck bei eis Etüd. D'Leit goufen dann och gefrot, ob se fannen, dass mer genuch an d'Kultur an an aner Fräizäitinfrastrukturen investéieren. Déi Grafik ass grad affichéiert oder op Säit 45 vun der Etüd.

Hei fannen d'Leit, dass nach Loft no uewen ass, dass mer nach méi kënnen a Sport-, Fräizäit- oder Kulturinfrastrukturen investéieren. Ronn 16 %, och dat soll een net verstoppen, fannen, dass ze vill Geld an d'Kultur fléisst. An iwwer 11 % fannen, dass ze vill an de Sport geet.

Komme mer dann elo bei dat, wat d'Leit och wierklech maachen. Wéi eng Kulturoffer kenne si oder wat gi si da kucken oder lauschteren? Och hei si mer ganz oppen a veréffentlechen d'Resultater vun dëser Etüd sou, wéi se och wierklech sinn.

Den éischte Chiffer ass do éischter erniichternd. Eng kulturell Sortie ass net onbedéngt prioritär fir d'Leit. Nëmmen 8,7 % vun de Befroten hunn uginn, dass si als Prioritéit an hirer Fräizäit hätten, sech kulturell ze betätegen.

Mee dat ass net onbedéngt sou beonrouegend. Jidderee kennt dat, et huet een e Stot, et huet een eventuell eng Famill, et wëll

ee sech informéieren, et mécht ee Sport. A sou geet den Alldag séier eriwwer.

Mee mir gesinn dann awer och, dass a Wierklechkeet nach bal e Véierel vun de Befroten, 24,69 %, uginn hunn, dass si reegelméisseg ausser Haus Kultur erliewe ginn. Wa se méi Zäit hätten, da soten 33,7 % vun de Leit, géinge se gär méi dacks Kulturprojete kucke goen.

Interessant ass dann d'Statistik vun der Säit 29, fir wéi eng Forme vu Konscht a Kultur interesséiere sech d'Leit am meeschten. Mee opgepasst, dat sinn déi Konschtformen, déi si unzéien, net déi, déi si am meeschte praktizéieren.

Hei gesi mer, datt e Kino Spëtzereider ass mat 82,2 % Interêt. Duerno kommen d'Concerten, 78,7 %, Ausstellunge mat 63,3 %. An nëmmen d'Hallschent vun de Befrote gi gär a Bibliothéiken, an den Theater oder interesséiere sech fir Kultur. Déi genee Zuele gesitt Der um Graphique. Den Danz huet dann e bësse manner mat 41,3 %.

Dës Statistik ass fir eis e wichtege Kompass, fir och déi nächst Méint a Joren ze kucken, wou mer eventuell nach Projete kënnen entwéckelen. Ech denken a Saache Kino zum Beispill un de flotte Projet Sunset-Cinema am Rousegaart um Gaalgebierg. Do hutt Der virdrun eng Foto dovu gesinn.

Dat ass e beléifte Projet 2024 gewiescht, deen och dëst Joer erëmkënnt an deen also ganz däitlech dem Interêt vun den Escherinnen an Escher entsprécht.

Wann een dës Statistik vis-à-vis vun der nächster kuckt, do gesitt Der, wat déi befrote Leit dann och reell maachen. Effektiv geet déi grouss Majoritéit vun de Befrote reegelméisseg an de Kino, ronn dräi Véierel vun hinnen. Ongeféier d'nämmlecht vill ginn an d'Muséeën, Ausstellungen oder Monumenter kucken. Duerno kommen d'Bibliothéiken, d'Concerten, den Theater an den Danz.

Deemno sinn déi bekannst Institutioune bei de Leit och d'Rockhal, de Kinepolis, d'Kulturfabrik, den Escher Theater an d'Héichiewen. Wéi gesot, déi Zuele si vun Ufank 2022.

Ech wéilt och e Wuert hei soen iwwer d'Grënn, déi d'Leit uginn, firwat si net méi dacks Aktivitéiten an der Kultur ënnerhuelen.

Iwwer d'Hallschent, 59,9 % vun de Befrote soten, si hätte keng Zäit. Duerno komme mat jeeweils ronn engem Véierel vun de Leit de Manktem un Informatiounen driwwer, wat iwwerhaapt lass ass. De Manktem u Geld, fir sech eng Plaz kënnen ze leeschten. An dann éischter den Interêt fir aner Fräizäitbeschäftegungen oder familliär Obligatiounen.

Als lescht wollt ech lech e Camembert weisen, deen eis besonnesch gefält. Deen ass op der Säit 35. Do soe 65,3 % vun de befrote Leit sinn zefridde bis ganz zefridde mat der Kulturoffer vun Esch. Dat ass e ganz gudden Taux.

Vun de Säite 34 bis 49 ginn d'Resultater nach emol mat verschiddene Variabele gekräizt. Wat sinn Ënnerscheeder an der Praxis jee no Alter oder Geschlecht, jee nodeem ob ee 14 oder 65 Joer al ass, ob een hei schafft oder wunnt, ob een Diplomer huet oder net.

Ech wéilt hei just e puer interessant Zuelen eraushuelen. Déi éischt betrëfft d'Evolutioun vun de Gewunnechte mam Alter. Déi Jonk ënner 25 Joer sinn zum Beispill däitlech manner vum Theater oder de Muséeën ugezu wéi déi iwwer 65-järeg. A si gi manner op Concerten.

Erstaunlecherweis nenne si net als éischt finanziell Grënn dofir, mee d'Angscht, net gebilt genuch ze sinn. Oder si soen, dass si einfach keen Interêt hunn. Do kënne mer dru schaffen.

Mir wäerten e Plan d'action, zesumme mam Conseil de gouvernance vun der Kultur an de Servicer vun der Stad Esch, fir d'Jugendkultur iwwer déi nächst dräi Joer konkreet ze fërderen.

Déi aner Zuel ass interessant an eisem multikulturellen Esch. D'Chercheure weisen däitlech op, dass een net ka soen, déi eng Nationalitéit huet aner Goûten oder aner Erwaardungen un d'Kultur.

Sou soen zum Beispill nëmmen 9,7 % vun de Leit, dass si zécken, eppes kucken ze goen, well si d'Sprooch net verstinn. Dës Variabele kënnen och ganz feinkörneg gekuckt ginn. D'Céline Schall vum Service Culture ass disponibel, fir den Detail vun der Etüd op Wonsch mat de concernéierten Haiser ze kucken. Eis géing dat elo, mengen ech, ze vill an den Detail féieren.

Eis Politiker interesséiert awer nach, wat maache mer elo mat deenen Erkenntnisser vun dëser éischter grousser Etude publique. Well wa 65 % vun de Leit zefridde si mat der Offer, dann hu mer op d'mannst nach 35 % Sputt no uewen, fir dat mol einfach ze soen. Oder wann e Véierel vun de Leit net informéiert sinn, wat leeft, kann een dat och verbesseren.

Ech erlabe mer lech hei, op de fënneften Deel vun der Etüd ze verweisen, wou d'Experten e puer Pisten opweisen, wat mir kéinte maachen, fir un deene verschiddene Schrauwen ze dréien.

Ech nennen der mol e puer. Mir mussen op jidde Fall ganz vill verschidden Zorte Kulturoffer ënnerstëtzen. Sief dat den Theater, Kino, Concerten, Ausstellungen, Bibliothéiken oder den Evenementiel.

Diversitéit an de richtege Mix si wichteg, fir all Zorte vu Leit unzeschwätzen. Dozou gehéiert och den Ekiliber tëscht eisen Institutiounen an dem Evenementiel.

Et geet drëm, vu Jonkem un, d'Gewunnecht zur Kultur ze schafen an d'Gefill ze ginn, dass jiddereen do wëllkomm ass. Dat fänkt vläicht bei enger Nuit de la Culture un, déi ee mat den Eltere kucke geet, da geet et da weider mat enger Liesung an der BESA oder engem Workshop am Theater oder der Konschthal. Iwwer Coursen am Conservatoire bis bei e Concert an der Rockhal, dem LOA oder de Francofolies.

Alles dat mécht d'Räichhaltegkeet vun eiser Kulturzeen aus. An déi schwätzt da ganz vill verschidde Leit un.

Mir mussen iwwer d'Kommunikatioun vun eisen Evenementer nodenken. Wann ëmmer manner Leit déi klassesch Kaneel benotzen, fir sech ze informéieren, musse mer och do diversifiéieren.

Ech wëll, dass mer an den nächste Méint eng grouss Campagne op de Sozialen Netzwierker maachen, fir positiv iwwer eis Kulturzeen ze kommunizéieren.

Mer wëllen och d'Gouvernance culturelle, déi scho viru bal zéng Joer agefouert hunn, am Austausch mat de Partner aus den Haiser an den ASBLe weider entwéckelen. Ech mengen, dass mer do um richtege Wee sinn an den Dialog elo erëm belieft ass.

A mir mussen nach méi op de Wee vun der Mediatioun goen, eis nei Kaneel fir den Austausch tëscht dem Publikum an de Kënschtler a Kënschtlerinnen afale loossen.

Och do ass schonn immens vill geschitt an de leschte Joren.

Den Escher Konschthal, d'BESA, d'Bridderhaus, de Conservatoire oder d'Kufa hu vill Forme vun esou Zesummekommen entwéckelt.

Sief et Kanneratelieren oder Mediatioun mat Erwuessenen, sief et Abanne vu Populatiounen, déi vläicht dach méi wäit ewech ware vun der Kultur, duerch oppe Prouwen, dekontraktéiert Formater wéi Open House oder Sortie de résidence. An net ze vergiessen, extreem wäertvoll vun de Grand-reveuren, déi fir d'Participation culturelle zoustänneg sinn.

Kuerz gesot, déi Etude des pratiques culturelles, sportives et de loisirs des Eschois et Eschoises ass e wichtege Meilesteen an eiser Kulturpolitik. E Moosspeegel, deen eis seet, dass mer net komplett um Holzwee sinn, mee datt ganz vill vun deem, wat mer déi lescht Joren op d'Bee gesat hunn, och beim Publikum ukënnt.

Sidd verséchert, mir rouen eis elo net dorop aus, mee schaffe weider. Ech soen Iech Merci fir Ären Interêt a fir d'Nolauschteren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Knaff. Gëtt et Wuertmeldungen zu dësem Punkt?

Da ginn ech dem Här Pulli fir d'éischt d'Wuert.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Merci fir d'Wuert. Merci och fir d'Presentatioun vun dëser Etüd. Oder besser gesot vum Resümmee vun dëser Etüd, déi jo elo dräi Joer, nodeems se gemaach ginn ass, hei am Gemengerot virgestallt gëtt. Fir vläicht unzefänken, wat mer awer e bësse vill fannen. Dräi Joer.

Ech mengen, et ass kloer, dass déi Date mussen analyséiert ginn. Mee dräi Joer duerno kréie mer se virgestallt. Dat ass vläicht awer e bësse vill.

An deem Kontext och nach eng aner Fro. Wa mer dat richteg verstanen hunn, ass déi Etüd och vun der nämmlechter Uni gemaach gi wéi déi Etüd, déi deemools gemaach ginn ass iwwer d'Tiers-lieux, déi bis elo net hei presentéiert ginn ass. Dofir och vläicht eng Fro, wou den Här Knaff kann herno äntweren, wéini déi Etüd dann hei am Gemengerot presentéiert gëtt.

Da géif ech och einfach gär op e puer Punkten agoe vun der Etüd. Wat scho gesot ginn ass, et liest een effektiv zum Beispill, dass déi kulturell Institutioun, déi am positiivste bewäert gëtt, d'Rockhal ass mat 80 % Zoustëmmung, virum Kinepolis, der Kulturfabrik, den Héichiewen an dem Escher Theater.

Och steet an der Etüd, dass ball d'Hallschent vun de Leit, dat ass och gesot ginn, uginn, all Woch zum Beispill an d'Natur spadséieren ze goen. Och do vläicht eng kleng Kritik direkt. Ëmsou méi schued, dass elo ab nächster Woch de Gaalgebierg da quasi fir ee Mount zou ass. Virun allem schued fir d'Kanner – wéinst engem Kulturfestival dee Moment.

Interessant ass och, dass „just" 25 % vun de Befrote soen, si géife reegelméisseg vun der kultureller Offer profitéieren. An hei hunn ech och direkt eng Remark, oder ech hunn dat selwer net ganz verstanen. Vun deene 25 % si 65 % zefridden.

Dir hutt dat elo, mengen ech, sou duergestallt, wéi wa 65 % zefridde wären. Mee dat ass jo just, vun deem Véierel si 65 % zefridden.

Ausser ech hunn dat elo falsch verstanen.

An dann nach vläicht aner Punkten. Vläicht manner iwwerraschend, dass d'Consommatioun vun der Kultur ofhängeg ass vun eeben dem schouleschen Ofschloss, Beruff, Alter. Et ass gesot ginn.

An dofir steet och an der Etüd – an do si mir ganz d'accord –, dass et eeben och wichteg ass, fir déi Jonk vun Ufank u fir d'Kultur ze sensibiliséieren. Dass dat och e ganz wichtege Punkt ass.

An dann awer en éischte Problem eiser Meenung no. An der Etüd gëtt och oft dovu geschwat, dass et – sou versti mir et mol – an de leschte Joren net gelongen ass, d'Kultur zu Esch wierklech ze demokratiséieren. Dat heescht, jidderengem d'Méiglechkeet ze ginn, un der Kultur deelzehuelen.

An dat soe se och relativ kloer an der Etüd. Ech mengen, si gi souguer d'Beispill vun der Nuit de la Culture, dass et eeben net doréms geet, eng grouss Mass vu Leit op enger Plaz ze versammelen an dann ze mengen, et hätt een d'Kultur demokratiséiert. Nee, dat ass eeben net de Fall. An dat steet och kloer dran.

Dofir nach ëmmer – ech mengen, do si mer eis eens – e groussen Defi also virun allem hei zu Esch, fir wierklech jidderengem d'Méiglechkeet ze ginn, un der Kultur deelzehuelen, d'Kultur och ze schafen an domat seng eege kulturell Identitéit auszedrécken.

E weidere Punkt ass deen, dass d'Kulturpolitik zum Deel an engem Widdersproch steet mat der Kulturstrategie, déi jo, wéi scho gesot ginn ass, hei am Gemengerot 2022 unanime ugeholl ginn ass. Eng Kulturstrategie, déi, mengen ech, wierklech gutt ass. Déi eng nohalteg Entwécklung vun der lokaler Konschtzeen virgesäit an de Fokus och op Diversitéit an Dynamik vun der Stad Esch leet. An awer eigentlech zum Deel de Géigendeel ass, wat gemaach gëtt.

Dir maacht nach ëmmer eng Eventpolitik, déi de Steierzueler Millioune kascht a vun där déi national oder lokal Kulturzeen iwwerhaapt näischt huet. An haut ass e gutt Beispill dofir. Well am Dossier brauch ee just e puer Säite weiderzebliederen, wou mer e Beispill hunn. An den Här Faltz wäert herno e bësse méi am Detail dorop agoen.

A fir nach eng Kéier beim Kulturentwécklungsplang ze bleiwen. Deen e puermol doran, an där Etüd zitéiert gëtt. Dofir hunn ech mech och elo dorop beruff. Och gëtt sech zum Deel jo net un den éischten Objectif gehalen, wou gesot gëtt, mir wëllen eng Terre d'accueil si fir kreativ a jonk Kënschtler a Kënschtlerinnen.

A mëttlerweil ass, mengen ech, d'Lëscht vun deenen, déi Esch oder besser gesot de Bâtiment IV hu misse verloossen, relativ grouss. Ech wëll se net alleguer opzielen. Just vläicht fir op een anzegoen.

Mir hunn dat all matkritt mat Richtung22. E Kollektiv, dee jo hei mat enger Mediatioun e bësse vertréischt ginn ass. Eng Mediatioun, déi zéng Méint eréischt ugefaangen huet, nodeem se hei am Gemengerot annoncéiert ginn ass. A wou mir d'Impressioun hunn, dass op d'mannst eng Partie oder eng Säit ni wierklech d'Zil hat, fir eng Léisung ze fannen, mee just en Datum ze fannen, fir dee Kollektiv aus der Stad eraus ze kréien.

An dat reng aus politeschen, ideologesche Grënn. Dobäi geet et jo bei der Kultur grad net ëm d'Ideologie, mee et geet eeben ëm den Ausdrock och vu Kritik, Villfalt an Diversitéit.

An dann e leschte Punkt, ganz kuerz. Ech hu mer iwwerluecht, mat wat kéint een d'Kulturpolitik, déi vun Iech – ech schwätze

bewosst lech – deelweis gemaach ginn ass, iwwerhaapt vergläichen. An et kéint een e bësse vergläiche mat engem Bam mat enger fauler Wuerzel.

Bei engem Bam mat enger fauler Wuerzel kann een déi bescht Bamexperten op Esch huelen an déi ganz schéi Beem geplanzt hunn – dat ass richteg. An och kann een déi bescht Etüde presentéieren. Mee et ass an et bleift e Bam mat enger fauler Wuerzel.

An e Bam mat enger fauler Wuerzel huet numol keng Stabilitéit a ka keng Närstoffer ophuelen. Dofir muss ee wierklech de Courage hunn, dann heiansdo och déi faul Wuerzel ze ersetzen. Nëmmen da kann op där Plaz en neie Bam wuessen.

Domat wollt ech dann ofschléissen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Pulli.

D'Madamm Scholl an duerno den Här Baum.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Här Buergermeeschter, Dir Léif alleguerten, e grousse Merci un den Här Schäffe Pim Knaff an och un alleguerten déi, déi am Fong un där vaster Etüd geschafft hunn. Dat ass dann effektiv d'Madamm Céline Schall, déi och hei sëtzt. E grousse Bravo. An den Här Vilatte vun Avignon. An natierlech och elo d'Madamm Josée Hansen, déi sech deem Ganzen och ugeholll huet. E ganz grousse Bravo u si.

Ech mengen, mir wëssen alleguer, dass virun 2017 d'Stad Esch iwwerhaapt keng Kenntnisser iwwer eng Pratique culturelle vun den Escher Bierger a Biergerinnen hat. Dat heescht, wann deemools och virun 2017 Entscheedunge getraff goufen, huet d'Stad Esch se op der Grondlag vun deem getraff, waat ee gemengt huet, ze wëssen. Gemengt.

Wéi zum Beispill, si hu keng zäitgenëssesch Konscht gär. Oder d'Escher gi guer net eraus. Oder d'Sprooche stellen e richtege Problem duer. D'Institutioune sinn net bekannt. Oder Esch huet e ganz schrecklech schlechten Image.

A munchmol sinn deemools Entscheedungen net un déi reell Besoinen adapteiert ginn, well ee sech an hinne getäuscht huet oder well ee grouss Verallgemengerunge gemaach huet. A mer wëssen awer alleguerten, dass d' Situatioun vill mei komplex ass.

Mat dem Kulturentwécklungsprogramm „Connexions" gouf e Plan d'étude – souwuel an den Institutionen, am Theater, an der Kufa, am Musée de la Résistance et des Droits humains, zum Beispill och an der Bibliothéik – gemaach an déi hunn hir eege Studië gemaach. Wéi och an der Stad Esch.

Dir musst wëssen, dass esou eng Etüd ganz aussergewéinlech a Lëtzebuerg ass a ganz selte fir mëttelgrouss Stied an Europa. Dës Ambitioun ze hunn, am Fong fir de Publikum gutt ze kennen. A sou wéi den Här Knaff et gesot huet, well effektiv ass et e wichege Kompass, fir kënnen ze gestalten.

Duerch d' Zesummeféierung vun all dëse Studië kënne mer an e puer Joer e ganz gudden Abléck an déi kulturell Praktike vun eisen Awunner kréien. Firwat ass et wichteg, de Public a seng kulturell Praktiken ze kennen?

Dir musst wëssen, dass déi éischt Etudes de public am Kulturberäich goufen an de 50er-Joren an den Vereenegte Staaten an a Frankräich duerchgefouert, fir am Ufank Touristestréim ze steieren.

Säit den 90[er] an den 2000er si se am Fong groussflächeg scho méi verbreet an et gëtt se a villen Aarten a mat verschiddenen Ziler: wëssen, ob een en Zil erreecht huet, dann ass et eng Evaluatioun; eng Situatioun bis an de Fong besser kennen ze léieren, analyséieren, ob d'Leit eppes verstanen a geléiert hunn, gär haten, kucken, ob et eng Entwécklung am Verhalen vun de Leit gëtt, fir da besser Entscheedungen ze treffen a gegeebenfalls Problemer ze behiewen. Dann ass et eng Etüd.

Ech mengen, „Connexions" huet virgesinn, dass effektiv déi jugendkulturell Offer sollt verstäerkt ginn. Dofir fannen ech dat och ganz gutt, wat den Här Knaff och hei elo annoncéiert huet.

Dass eng grouss Campagne de communication soll lancéiert ginn, fir engersäits d'Kultur nach méi grouss erauszebréngen an anerweis méi visibel ze maachen. An och dass mer déi Jonk ënner 25, dass do e Plan d'action soll ausgeschafft ginn, fir d'Jugendkultur ze förderen.

Et ass extreem komplex. Ech mengen, ech schaffen an deem Beräich, virun allem mat Kanner a mat Jugendlechen. Et huet villes geännert an alles ass am Wandel. Wat fréier oder souguer virun zéng oder fënnef Joer guttgeheescht gouf, ass ganz schwéier, fir am Fong Kanner a fënnef Joer do matzehuelen.

En tout cas, wann ee vun Eventpolitik schwätzt, kann ech just soen, dass et effektiv ganz schwéier ass, e Festival ze gestalte mat engem Liederabend vum Schumann, fir dann déi Jonk doranner ze begeeschteren. Dat ass effektiv ganz schwéier.

An eng Eventpolitik ass fir mech och en Outil, fir dass déi Jonk hemmungslos kënnen anzwousch deelhuelen, wou se da sech net musse mat Apriorien am Fong konfrontéieren. Also e grousse Bravo un d'ganz Ekipp.

An ech hoffen, dass mer elo weiderhi fir de Sënn vun der Stad Esch schaffen. An zwar fir eng staark Kulturpolitik. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Scholl.

Den Här Baum an duerno d'Madamm Ragni.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Endlech, mengen ech, kann ee soen. Endlech hu mer déi Etüd hei virleien. Se ass virun dräi Joer duerchgefouert ginn. Et huet Zäit gebraucht, se ze analyséieren. Et ass eng Etüd, déi net nëmme d'kulturell Praktike vun den Escherinnen an Escher probéiert, ze verstoen, mee och vun deenen, déi zu Esch schaffen, respektiv déi op Esch kommen an zu Esch en Deel vun hirer Zäit verbréngen.

Ech mengen, et ass en onheemlech wäertvollen Outil, dee mer do hunn. Dee mer, mengen ech, och sollte weider als Guideline benotzen a virun allem och déi Reflexiounen, déi zum Schluss – well et si keng Konklusiounen, mee et sinn éischter Reflexiounen, déi gemaach gi sinn op der Säit 51. Wéi mer déi Reflexiounen, opgrond vun deem, wat mer erausfonnt hunn, kënnen ëmsetzen.

Ech sinn elo wierklech net esou interesséiert dorunner, fir sou e Majoritéit-Oppositioun-Spill ze maachen, datt virun 2017 näischt geschitt wier an no 2017 wier alles besser gaangen. Dat ass, mengen ech, vollkommen oninteressant.

Esch huet eng Kulturlandschaft, déi sech entwéckelt huet, déi sech am Fong zënter dem

Enn vum Zweete Weltkrich entwéckelt huet mat ganze villen, staarken, voluntaristeschen Decisioune vun der Stad Esch.

Déi eeben ouni grousse finanzielle Support aus der Stad Lëtzebuerg de Courage hat, en Theater ze bauen. Déi och d'Responsabilitéit iwwerholl huet, e Resistenzmusée opzebauen.

An an där Lignée ass, mengen ech, d'Kulturpolitik zu Esch ganz laang Zäit gemaach ginn. An ech mengen och, datt se mat engem Voluntarismus bis haut weidergefouert gëtt.

Mir wäerten herno nach iwwer d'Richtung vum deem Voluntarismus d'Geleegenheet hunn, ze schwätzen. Ech wëll awer op d'Etüd selwer eng Kéier kuerz agoen a vläicht déi Saachen, déi mech vläicht net erstaunt hunn, méi déi ech e bësse remarkabel fonnt hunn.

„Just" ee Fënneftel vun den Escherinnen an Escher ass associativ engagéiert. Heescht, ass an den Associatiounen dran. Ech hunn elo keng Vergläichswäerter, wéi dat mat anere Gemengen ass, mee et stellt ee fest, datt souwuel sportlech wéi och kulturell Praktike ganz dacks individuell gemaach ginn an net méi an Associatiounen oder Gruppen.

An dat ass jo och eng Reflexiounspist, déi, mengen ech, als Stad eis misst interesséieren, fir ze kucken, wéi kënne mer d'associatiivt Liewen zu Esch sou gestalten, datt och méiglechst vill Escherinnen an Escher kënnen aktiv drun deelhuelen.

Et ass nawell esou, an ech mengen, dat ass och eraukomm, datt zwou vun deene grousse Barriären, fir net vun der kultureller Offer kënnen ze profitéieren, ass d'Zäit. An ech mengen, dat kann ee ganz gutt novollzéien. An deem Hamsterrad, an deem ganz vill Leit liewen.

Mee et ass och nach ëmmer en Obstacle financier. Mir hunn zu Esch eng Tariffpolitik, déi a ganz ville Beräicher korrekt ass. Mee ech mengen, datt mer do och weider Reflexioune féiere mussen, nieft deenen Instrumenter, déi mer am Moment hunn, wéi zum Beispill de Kulturpass.

Fir datt den Obstacle financier keng Barriär dierf sinn, fir vun der kultureller Offer ze profitéieren. Wëssend, datt se souwisou zu engem enorm groussen Deel ëffentlech finanzéiert gëtt.

Dann eppes, wat mech och verwonnert huet. Dat ass d'Wichtegkeet an der kultureller Praxis vum Kino. An der Vergaangenheet ass ëmmer erëm gesot ginn, de Kino wier um Stierwen. A mir stellen awer fest, datt net nëmmen d'Attraktivitéit vum Kino ganz grouss ass, mee och déi effektiv Frequentatioun vum Kino.

Mir hunn um Territoire vun der Stad Esch e private Kinoskomplex um Belval mat enger, naja, qualitativ duerchwuessener Offer, fir et mol sou ze soen. An der Vergaangenheet si verschidden Tentativë gemaach ginn, fir och am Summer OpenAir-Cinema unzebidden. Et ass an der Zäit och emol Kino an der Kulturfabrik ginn.

Vläicht sinn dat Pisten, déi een eng Kéier kéint opgräifen, fir och do dem kulturelle Besoin vun de Leit entgéintzekommen a vläicht och eng méi breetgefächert Offer unzebidden, wéi dat am Moment just um Belval de Fall ass.

Ech ka mech nach un Diskussiounen erënneren; ech mengen, dat war – d'Madamm Scholl ass elo net do – 2017, wou eebe justement den deemolege Buergermeeschter gemengt huet, den Ariston wier fir d'Gemeng net interessant. De Kino géif souwisou stierwen, et géif kee Mënsch méi an de Kino goen.

Ee Gléck huet hie sech innerhalb vun der Koalitioun net duerchgesat kritt an den Ariston huet do eng aner Vokatioun kritt. A mir stellen

an dëser Etüd fest, datt Kinosaktivitéiten eng ganz grouss Popularitéit hunn.

Et stellt een awer och fest – an do géif ech och gär déi ganz Etüd méi genau kucken –, datt an der kultureller Praxis en Ënnerscheed gëtt, eng Trennungslinn gëtt tëscht Belval an dem Rescht vun Esch.

Dat ass net wierklech erstaunlech, wann een e bëssen d'Geschicht vun der Stadentwécklung kennt. Nawell ass et eppes, wat mer, mengen ech, sollte seriö huelen an och um kulturelle Plang Reflexioune féieren, wéi een do Brécke baue kann tëscht dem alen an dem gewuessen Esch ronderëm d'Universitéit. Well dat, mengen ech, och e wichtegt Element wier, fir d'Universitéit selwer méi staark an Esch anzebannen.

Et gëtt nach ëmmer eng Distanz, déi bei méi Jonke méi grouss ass. Erstaunlecherweis, déi mat engem Virurteel verbonnen ass, datt et eng Bildungsfro ass. An och do, mengen ech, sinn d'Recommandatiounen oder d'Reflexiounspisten, déi opgezeechent ginn, déi, datt een dat och sollt seriö huelen an och dorunner schaffen. Ech mengen, datt dat och eng ganz wichteg Pist ass.

Wat ech eng, wann een dat sou ka soen, positiv Konklusioun oder e positive Constat fannen, well en intuitiv à contre-courant ass. Nämlech deen, datt Evenementialismus net gläich populär ass. An dat gesi mer en plus an där Etüd, déi beim nächste Punkt iwwer d'Francofolies gemaach ginn ass. Wann ee sech nämlech de Bildungsgrad vun den Usageren ukuckt. Dat ass net onbedéngt e populäre Bildungsgrad.

Dat heescht, och wéi d'Madamm Scholl dat virdru gesot huet, déi Verbindung vun Evenementkultur a Populärkultur ass sou net ginn, an deelweis souguer a Fro ze stellen.

An dofir, eng vun de grousse Reflexiounspisten ass jo, fir doraus d'Konklusioun ze zéien: Mee komm, mir bauen op deem Bestoenden op. Bestoend Infrastrukturen, bestoend Institutiounen, déi globalement e ganz gudde Ruff hei zu Esch hunn.

Wou och, mengen ech, an de leschten zéng Joer sech e Mikrokosmos gebilt huet, och ronderëm d'Direktioune vun deenen eenzelen Haiser, déi exzellent ass. Mir hu Leedunge vun de kulturellen Institutiounen, déi exemplaresch ass. Souwuel dat, wat Theater/Ariston ugeet wéi och d'Kulturfabrik, wéi och de Conservatoire.

An do kann ech net vum edukative Volet schwätzen, mee éischter dat, wat als Offer ugebuede gëtt. D'selwecht gëllt et fir d'Bibliothéik an och de Resistenzmusée. An net ze vergiessen d'Konschthal an d'Bridderhaus.

An ech mengen, datt mer op deem Mikrokosmos a vum bestoenden institutionelle solle weiderschaffen. Weiderschaffen och op där Pist, déi proposéiert gëtt, datt mer d'Mediatioun vill méi staark mussen eng vill méi grouss Valeur innerhalb vun den Haiser ginn. An och d'Kultur an d'Schoule bréngen. An och do erëm Brécke schafen tëscht de kulturellen Institutiounen, déi mer hunn. A besonnesch och Jonken.

Leschte Punkt ass, an dat ass och schonn e puermol gesot ginn, d'Kommunikatioun. Kommunikatioun gëtt dacks fir sou zimmlech alles benotzt, wann ee seet, wat solle mer dann elo anescht maachen, da komm, mir fänke mol mat der Kommunikatioun un.

Et ass effektiv, datt d'Kommunikatiounskaneel haut weesentlech méi komplex sinn. Ech selwer versti ganz vill net. Villes leeft iwwer Reseau-sociallen. Klassesch Medien, wéi Radio, Tëlee, Zeitung, huelen u

Wichtegkeet of. An och d'Reseau-sociallen ass quasi just en Ausschnëtt an eng Bulle vu Kommunikatioun, déi gemaach gëtt.

Datt d'Institutiounen an och d'Stad Esch an engem permanente Reflexiounsprozess musse sinn, wéi se hir Bierger – awer dat gëllt net nëmme fir d'Kultur, mee an alle Beräicher – besser erreeche kann, ass, mengen ech, immens wichteg.

Ech mengen, Här Buergermeeschter, vläicht ofschléissend gesot, datt ech ganz frou sinn iwwer dëst Dokument. Et ass e seriöt Dokument an et si seriö Pisten dran, deenen ee sollt nogoen. An et ass och deelweis dorunner, ob een a wéi een deene Pisten nogeet, wéi een d'Kulturpolitik vun der Stad Esch ka weider bewäerten. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

D'Madamm Ragni an duerno den Här Schmit.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischt wéilt ech emol villmools Merci soe fir d'Presentatioun iwwer dës Etüd, an awer och alleguer deene Leit, déi mat dru geschafft hunn.

Déi eis als Stad e wichtegen Outil ass, fir ze verstoen, wéi d'Leit hei zu Esch liewen, wat hinne wichteg ass a wou mir nach besser kënne ginn.

D'Kulturgouvernance zesumme mam Kulturservice an och den Universitéitslabo vun Avignon hunn eng Fro opgeworf: Wéi kënne mir méi objektiv, méi fair a virun allem méi effikass Entscheedungen am Beräich Kultur a Fräizäit huelen?

D'Äntwert war mat enger grousser Etüd, déi net nëmme kuerzfristeg kuckt, mee eis e richtegt Spigelbild vun eiser Bevëlkerung gëtt.

Wéi mer schonn héieren hunn, hu bal 900 Leit matgemaach. An dat war trotzdeem schonn e grousst Engagement. Si hunn eis en Abléck ginn an hir Gewunnechten, hiert Wuelbefannen an och an hir Erwaardungen un eis als Gemeng.

Zur Konklusioun kann ee soen, mir hunn eng dynamesch, villfälteg a verännert Bevëlkerung. An et ass un eis als gewielt Vertriederin a Vertrieder dorop anzegoen; och bei de Jonken.

Ech denken, dass et bei de Jonken ass, wou mer an Zukunft och mussen ufänken an dorop opbauen, fir dass mer iergendwann eng Kéier net méi mussen hei sëtzen an doriwwer hei diskutéieren an eventuell nach Etüde maachen. Mee dass dat einfach schonn eng ganz normal Saach bei deenen ass.

Déi Jonk sinn d'Bierger vu muer. An et däerf een och net vergiessen, dass dat heiten eng aner Form vu Bildung ass. A wa mer bei de Jonken och schonn direkt mat an de Schouss ginn, dann ass dat och fir si eigentlech eppes, wou si sech kënnen dru festhalen. An och eng Form vun der Chancëgläichheet hei un eis Bierger alleguerten.

Ech wëll awer och drop hiweisen, dass och scho ganz vill an dësem Beräich vun der Kultur drop geschafft ginn ass fir déi Jonk. An ech wëll dat awer och nach eng Kéier hei ervirhiewen an och nach eng Kéier luewen.

Et däerf een net vergiessen, déi super Theaterstécker, déi am Kader vu Pâté gemaach ginn. Oder och dee Forum oder d'Kufa mat

sengen Atelieren iwwer de Summer fir déi Jonk. Ob dat Danzen oder artistesch Ateliere sinn. Awer och den Ariston an den Theater, deen ëmmer méi awer och Stécker fir Kanner op sonndes mëttes verleet, wou Familljen och kënnen dohinner goen an einfache och de richtege Schratt dohinner maachen.

An dann awer och, den Här Baum huet et och gesot, d'Schoule mat erabréngen. An do wëll ech awer och nach eng Kéier drop hiweisen, dass mer virum Kulturjoer eigentlech e Coordinateur de culture agesat haten an de Schoulen, dee wierklech och do déi ganz Koordinatioun mat afléisse gelooss huet an d'Kultur.

An ech denken, dass dat awer och scho wichteg Piliere sinn, déi ee kucke muss an déi een och weiderféiere muss. Well ech denken, sou e Coordinateur de culture kann een och weider an de Schoulen asetzen, an net nëmmen am Kulturjoer.

Well och esou komme mer erëm méi un déi Jonk erun, fir hinnen ze weisen, wat ass Kultur. Iwwer d'Schoul. Wann och d'Eltere vläicht net direkt déi sinn, déi direkt an en Theater ginn. Zumindest kréien d'Kanner dat awer mat op de Wee iwwer d'Schoulen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni.

Den Här Schmit an duerno den Här Faltz.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Etüden hu mer jo vill. An alleguerte kréie mer eng Tonn presentéieren iwwer d'Joren. Et muss een dozou soen, datt déi Etüde leider oft ganz – éischtens mol de positive Sënn. Meeschtens jo dann ëmmer ganz gutt a seriö gemaach ginn.

An im Endeffekt awer ganz oft ëmmer nach eng gewëss Spannung, op jidde Fall sou spieren ech et, tëscht der Realitéit an den Zuelen, déi wou presentéiert ginn. Dat heescht, d'Spannung ass am Fong geholl och zu engem groussen Deel an der Interpretatioun.

An natierlech muss een déi Etüd hei elo, solle mer soen, studéieren, fir ze kucken, wat ee wierklech doraus zéie kann.

Op jiddefalls d'Froestellung ass natierlech wichteg. A wat och wichteg ass, ass, ob déi Leit déi Fro am Fong geholl richteg verstanen hunn, wéi se gestallt ginn ass. An do hunn ech vläicht Zweiwel, ob déi Äntwerten dann ëmmer koherent sinn, déi wou dobäi erauskommen. Wa vläicht Leit net genau wëssen, wat am Fong geholl do gemengt ass. Well fir esou eppes ganz seriö duerchzeféieren, muss ee fir d'éischt emol d'Leit genau opklären, wat genau gemengt ass. An net einfach nëmme sou pauschal Froe stellen.

Dat ass zum Beispill eppes, wat ech bei villen Etüden an och selwer gemierkt hunn. Dorop kënnt et am Fong geholl un. Well wann déi Leit äntweren, dech net honnertprozenteg verstinn an net wëssen, wat een domat wëll soen, da kënnen déi Wäerter, déi wou dann herno dobäi erauskommen, verfälscht sinn an da kann een am Fong geholl net vill domadder ufänken.

Jo, dann, wéi gesot, dat war et am Fong geholl iwwer déi Etüd, wat ech dozou wollt soen.

Ech muss soen, ech sinn awer am Generellen ëmmer e bësse skeptesch, wann ee sou Saachen, solle mer soen, groussaarteg presentéiert gëtt, wat dann déi Follgen dobäi wäerte sinn.

Warscheinlech ass do schonn eng gewëss Pist virpreparéiert. An do sinn ech net ëmmer, solle mer soen, do hunn ech ëmmer schlecht Iwwerraschungen, a wellch Richtung a wellch Interpretatioun duerno dann am Fong geholl d'Iwwerhand gewënnt an a wellch Richtung dat dann duerno wäert goen. Ech hoffen, datt ech an dësem Fall mech ieren. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. An ofschléissend den Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci fir d'Wuert.

Ech wéilt mech menge Virriedner uschléissen an och villmools Merci soe fir dës Etüd, déi hei presentéiert ginn ass. Déi jo dann awer iwwer dräi Joer gelaf ass, wou bal 1.000 Leit matgemaach hunn. Bei der Gréisstenuerdnung Esch ass dat wierklech schonn e flotte Prozentsaz. Do kritt ee schonn eppes eraus.

An ech denken, déi Zuelen, déi mer hei hunn, hu jo net déi, dat hat den Här Knaff och scho gesot, net déi Feinkörnegkeet, fir dat erauszeliesen, wéi dat, wat mer hei kënnen erausliesen. Mee ech mengen, fir eis en Abléck ze ginn, ass dat awer schonn de richtege Wee.

A virun allem an engem villschichtegen Theema wéi der Kultur ass esou eng Etüd en cours de route ëmmer erëm wichteg, fir ze wëssen, wou ee grad drun ass.

Et ass richteg, dass déi Resultater, déi do erauskommen, d'Resultater si vun engem Wëssenschaftler. Engem Wëssenschaflter, deen – ech weess elo net, wéi wäit d'Madamm elo an Esch involvéiert ass, oder am beschte Fall souguer wierklech ganz vu bausse kënnt, dass si eng Overview kann hunn, wou si net an iergendenger Form vun iergendengem Wee beaflosst ass.

An ech mengen och, wann een dat hei sou liest, schéngt dat och sou ze sinn, dass et wierklech eng wëssenschaftlech Aarbecht ass mat enger gewësser Distanz. An do ass eebe wichteg, dass déi wëssenschaftlech Instanz dann duerno vun den Decideure richteg interpretéiert ginn an déi richteg Konklusioune gezu ginn. A virun allem dass sech net op d'Schëller geklappt gëtt bei Zuelen, wou ee vläicht d'Tendenz huet, sech e bësse selwer an d'Täsch ze flunkeren.

Wou ech awer net hei matginn, an dofir hunn ech mer d'Wuert elo nach eng Kéier geholl, dat ass ëmmer erëm déi 2017, déi d'Madamm Scholl elo hei ernimmt huet, fir do ze soen, virdru war dat, duerno war dat.

Ech wëll kuerz drun erënneren, dass et trotzdeem eng gewëss Kontinuitéit an där ganzer Kulturpolitik gëtt. Wéi gesot, ech wëll mol net soen, ob Dir do méi gemaach hutt oder manner gemaach hutt. Ech wëll just, dass et eng Kontinuitéit gëtt an dësem Theema, an dat ass de Kulturservice.

An de Kulturservice, an do sëtzen hei elo dräi Damme vum deem Service, dat ass eng flagrant an d'Gesiicht fir déi Leit. Déi hunn – ech mengen, mir kënnen ech drun erënneren – d'Kulturjoer awer ugezunn.

An et géif mech immens wonneren, wa bis 2016 hei Navigation à vue bedriwwe ginn ass. Also dat gëtt deene Leit awer net gerecht.

Ech ka mer net virstellen, dass d'Europäesch Institutioune gesot hätten, mir huelen déi doten, well déi hunn zwee Theateren oder en Theater an e Kino. Also dat gëtt deene

Leit net gerecht. An do hätt ech gär méi Respekt vis-à-vis vun deem, wat virun 2017 geleescht gouf.

An elo ganz éierlech, et géif mech immens wonneren, wann net am Virfeld – ech kann net matschwätzen, ech war déi Zäit weeder hei am Haus an ech war och kulturell aktiv. Dass virun där Zäit net och schonn Etüde gelaf sinn, éischtens, en vue vun enger Presentatioun vun engem Kulturjoer, respektiv en vue vun enger Offer un den Escher an d'Ëmgéigend, wéi zum Beispill den Theater ëmgebaut ginn ass. Oder wéi de Conservatoire geplënnert ginn ass. Wéi d'Kufa ëmgebaut ginn ass.

Dir sot mir dach net, dass dat gemaach ginn ass einfach aus enger Iddi. An dofir géif ech mengen, e bëssen Hamble, Madamm Scholl, a sech net hei all Medail an esou alles op de Revers maachen.

Also ech schmäleren déi Aarbecht, déi zënter 2017 gemaach ginn ass, null hei. A mir kënnen iwwer Evenementiel diskutéieren, wéi den Här Baum an den Här Pulli et och scho gemaach hunn.

Mee déi Kontinuitéit vun dem Kulturangebot hei zu Esch ass remarkabel. An do solle mer eis alleguer Merci soen. An dofir wëll ech, wannechgelift, am Theema Kultur dat Theema 2017 net héieren. Wannechgelift. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz.

Den Här Knaff huet d'Wuert fir d'Äntwerten.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci all den Intervenanten, déi sachlech Positioun geholl hunn zu deem Dokument. Dat war jo och de But dovun.

Mir hunn eng Etüd, déi effektiv vu Scientifiquë gemaach ginn ass. Dat si Chercheure vun der Universitéit vun Avignon. Firwat hu mer Avignon geholl? Well déi e ganz grousse Savoir-faire an esou Etüden hunn.

Avignon war och eng vun deene Stied, déi effektiv d'Stad begleet huet an deem ganze Processus, deen eeben zum Titel Europäesch Kulturhaaptstad gefouert huet. Avignon ass och déi Stad, déi soll de Monitoring maache vun der Stad Esch par rapport zum Agenda21.

Dat heescht, dat ass eng Universitéit, mat där mer ganz gutt Kontakter hunn. An duerch de Fait, datt d'Madamm Schall, déi op der Uni Lëtzebuerg och d'Travaux de sciences mécht, also Chercheure ass, konnt do déi Zesummenaarbecht gemaach ginn.

Et ass also esou, datt d'Gemeng Esch, de Service Culture an d'Madamm Schall do participéiert hunn, bien entendu, un där Etüd, déi mer elo virleien hunn.

Jo, et huet e bësse laang gedauert. Wéi gesot, 2022 sinn déi Questionnairë gemaach ginn. D'Etüd krut ech Enn 2024 fir d'éischt gewisen. Do war se en état brut. Dat heescht, dat war déi ganz Aarbecht, déi virgeluecht gouf. Do ass den Här Vilatte och an de Service Culture komm.

Dat ass wierklech eng exhaustiv Aarbecht vu 600 Säiten, déi awer huet missen elo nach an eng Form geluecht ginn, datt mer kënnen eppes domadder ufänken. Datt mir Politiker, d'Leit dobausse kënnen eppes domadder ufänken.

Mee ech mengen, wat scho wichteg wäert sinn, dat ass, datt jiddwereen, dee sech elo fir deen Dossier interesséiert, se eng Kéier ganz kuckt.

Well all eenzel Institutioun gëtt am Fong do och analyséiert. A fir déi Haiser ass natierlech duerno en Outil, dee ganz wichteg ass.

Den Här Pulli huet ugeschwat, hie géif bedaueren, vu datt d'Etüd géif erginn, datt vill Leit gär géifen tréppele goen, datt elo fir d'Francofolies en Deel vum Gaalgebierg géif zougemaach an net accessibel sinn. Do muss ech soen, datt dat aktuell nach net de Fall ass. Mee den Här Pulli weess och, datt Esch mat héchstwarscheinlech 50 % Gréngflächen nach ganz vill aner Méiglechkeeten ubitt, fir tréppelen ze goen.

Mir hunn e ganz schéinen Naturreservat am Ellergronn, mir hunn de Lallenger Bierg, mir hunn de Clair-Chêne. Mir hu ganz vill Plazen, wou een dann och wärend deenen Deeg, wou dann de Festival um Gaalgebierg ass, wou ee kann dann tréppele goen a sech do senger Passioun vum Spadséieregoen higinn.

Wéi gesot, de Gaalgebierg ass och net ganz zou. En ass natierlech ëmmer nach accessibel bis dann déi Woch virdrun, wou en da gespaart gëtt.

Dat ass jo och eppes, an do ginn ech dem Här Faltz Recht, et soll een net ze vill sou Rupturë maachen an der Kontinuitéit vun enger Politik. An ech wollt lech just och soen, datt de Gaalgebierg am Historique och ëmmer Plaz war, fir gréisser Evenementer ze organiséieren. Och um kulturelle Plang.

A mir hunn eis d'Méi gemaach, fir dat eng Kéier alles opzeléschten. An de Gros vun den Aktivitéite sinn natierlech virun 2017 gemaach ginn. Dat heescht, et war ëmmer eng Plaz, déi sech gutt pretéiert huet, fir à la fois Erhuelungsgebitt ze sinn, mee och en Endroit war, wou ee konnt d'Plaz utiliséieren, fir Evenementer ze maachen.

Wéi gesot, zënter 1935 ass virun allem eise Futtballsstadion do uewen, deen ëmmer funktionéiert huet, wou och ëmmer vill Leit komm sinn.

Mee kulturell ass et ugaangen 1985 mat engem grousse Festival, dee RockEsch Festival geheescht huet, wou sou Stare wéi den Joe Cocker, Meatloaf, den Herbert Grönemeyer, Wishbone Ash do waren.

2001, do war am Stade Emile Mayrisch, wou och den Accès huet misse gespaart ginn, déi éischt Editioun vum Terres-Rouges-Festival mat Hooverphonic, Macheeba, Placebo, Reamonn.

2003 déi zweet Editioun mat Limp Bizkit, Eagle-Eye Cherry a GusGus. 2004 GuanoApes, Wir sind Helden. 2005 Silbermond. Fir d'Joerhonnertfeier 2006 sinn d'Feierlechkeeten ugaange mat engem Musical iwwer d'Geschicht vun Esch, déi vum Fons Kontz geschriwwe ginn ass an an engem Zelt virum Kiosk um Gaalgebierg gewise ginn ass.

2006 hu mer e grousse Concert vum Sting gehat op der selwechter Plaz. Dat heescht, och um Gaalgebierg. Mir haten e Kader am Open Air vum Barbara Hendricks op der Äispist, der weltbekannter Sopranistin.

Mir haten 2006 den Terres-Rouges-Festival mat Revolverheld an TokioHotel, wat jo awer och relativ Headliner à l'époque waren. Mir haten 2007 Karpatenhund, de Mark Medlock, Pink. 2008 OneRpublic, Revolverheld, Sunrise Avenue.

2009 Silbermond a VanVelzen. 2010 The Rasmus. 2011 Kaiser Chiefs, Shaka Ponk, The Subways. Ëmmer op der selwechter Plaz. Ëmmer op der selwechter Plaz, wou elo d'Francofolies elo ofgehale ginn, hu mer déi Concerte gemaach.

2012 Revolver, Therapy?, Tricky. An dann 2014 Morcheeba. Dat war de leschte Concert, deen

do organiséiert ginn ass. Bis mer dann den éischte Festival 2021 erëm mat de Francofolies hate mam Philippe Katerine, mam Camélia Jordana a mam Yseult.

Dat heescht, mir haten effektiv eng Kontinuitéit an der Kulturpolitik, datt mer déi Plaz ausgemaach hunn, fir sech och ze pretéiere fir gréisser Evenementer. Mir wëssen, datt mer 2023 den DJ Snake haten, 2024 Shaka Ponk an den David Guetta.

An da sinn nach ganz vill aner Saachen op deem Gaalgebierg gemaach ginn. Dir wësst, datt ganz laang Joren d'Fiesta de l'Unita hire Siège do hat. Datt mer x Personalfeiere gefeiert hunn op deem Site, sous chapiteau.

An net ze vergiessen, natierlech den alljärleche Luxembourg Beach Open vum Volleyballclub, deen zënter 1995 all Joer um Gaalgebierg organiséiert gëtt, zur Freed vu ganze ville Sportler an och Visiteuren.

Sou datt ech mengen, datt mer am Fong hei d'Kontinuitéit duerchgespillt hunn, fir dee Site, dee sech also iwwer Jore qualifizéiert hat als e Site, dee kann utiliséiert ginn, datt mer do eis am Fong un dat gehalen hunn, wat och d'Virgänger gemaach hunn.

Gutt, dat ass elo dat, wat de Site ugeet. Komme mer vläicht nach eng Kéier duerno beim nächste Punkt drop zeréck. Mee wéi gesot, dann hu mer déi do Zuele schonn duerch.

Wat den Här Pulli och nach ugefouert huet. Dir hutt gesot, jo Dir maacht awer nëmmen nach Evenementiel an Dir haalt lech net un d'Strategie. Well Dir maacht keng lokal Produktioun.

Do muss ech lech awer wierklech vehement widdersprechen, Här Pulli. Dat do sinn d'Resultater, wann ee just ofliest, wat dann an iergendwellche Communiqués de presse erëm steet, wou dat ëmmer erëm bemängelt gëtt. Mee wat absolutt, awer absolutt net der Realitéit entspréicht.

Dat si Märercher. An et wäert lech d'ailleurs elo nach e puer Zuele ginn, fir lech ze ënnermaueren, fir datt Dir dat net méi sot. Well et ass falsch. Dir vehiculéiert do falsch Aussoen, déi net der Realitéit entspriechen.

Effektiv, déi Etüd huet eis wat gesot. Déi Etüd huet eis gesot, datt mer musse kucken, e gesonde Mix ze hunn tëscht den Aarbechten an den Institutiounen an dem Evenementiel.

Dee Mix, just fir lech en elo ze soen op dëser Plaz, de Ratio ass à peu près 15 %. 15 % Evenementiel, de Rescht Kulturpolitik an den Haiser. Am Escher Theater, an der Konschthal, am Bridderhaus, am Pavillon du centenaire. Contributioun vu 50 % bei der Kufa, Contributioun vu 50 % beim Musée de la Résistance.

Dat sinn all déi Plazen, wou Produktioun gemaach gëtt. Dat sinn déi Plazen, wou mer d'lokal Produktioun favoriséieren. Dat gëtt an den Haiser gemaach.

Wann d'Kufa eng Residence d'artistes mécht, wou se Leit eranhëlt, déi sollen do entweeder Bicher schreiwen oder Musek spillen oder wat och ëmmer, fir dat kënnen duerno opzeféieren, fir also ze kreéien, fir eng Kreatioun ze weisen, dann ass dat bien entendu Produktioun. An dat ass net Evenementiel.

A wann d'Stad Esch zu 50 % d'Kufa finanzéiert, da finanzéiert se zu 50 % d'Produktioun vu jonken Artisten op eisem Territoire. Wann eis Directrice vum Theater aacht Produktioune mécht, selwer mécht, eegen hausgemaachen Theaterproduktiounen, wa se zwielef Koproduktioune mécht, nationaler, dann ass dat Kreatioun. Dann ass dat Produktioun vu

Kultur. Dann ass Kreatioun vu Kultur. An da kann een net soen, mir géifen do näischt maachen.

Well mir hu ganz prolixe Haiser, déi justement d'Kultur an d'Kreatioun an der Stad héichhalen.

Dat wat do gesot gëtt, wat ëmmer vehiculéiert gëtt, mir maachen näischt, mir maachen näischt, dat ass falsch. An dat zerwéiert just den Zweck vun enger eenzeger, engem eenzege Kollektiv, dee wëll gär eis Politik schlechtrieden a soen, mir géifen näischt an där Hisiicht maachen. Mir géifen eis do net un d'Strategie halen.

An der Konschthal hu mer siwen Expoe gehat. Do waren eelef Nationalitéite vertrueden. 2025 hate mer néng Residencen, véier Nationalitéiten dovunner. Dem Bridderhaus, do hate mer 13 Residencë mat néng Nationalitéiten. Dat si Residenten aus Lëtzebuerg an aus der Grande Région, déi komm sinn.

FrEsch hat en Ensemble vu Projete vun 117. D'Lëtzebuerger, déi do deelgeholl hunn, 75. Dat si 64,1 %. 42 % Auslänner. Am Bâtiment IV hu mer 32 permanent Artisten, déi do logéieren. 32 permanent Artisten. Een Artist, ee Kollektiv ass net frou am Bâtiment IV. 32, déi schaffen do all Dag un hirer Kreativitéit, un der Produktioun vu Kultur.

Dann hu mer nach do dobäi 81 Non-Permanenten. 81 Non-Permanenten, déi dohi ginn, fir punktuell d'Gebailechkeeten am Bâtiment IV deelzehuelen oder kënnen dovun ze profitéieren.

Bei de Francofolies, 46 Artisten, déi kollaboréieren. 15 Lëtzebuerger, 31 Auslänner. Awer trotz allem 15 Lëtzebuerger, déi eng Bün kréien, déi eng Formatioun kréien, déi duerch d'Francofabrik forméiert ginn.

Also et muss een ophalen, Saachen ze soen, déi net wouer sinn. Esch ass eng Stad, déi sou vill an d'Produktioun an d'Création artistique gëtt wéi keng aner a ganz Lëtzebuerg. An de Contraire soen ass einfach falsch.

A mir sollen eis alleguer zesummen, déi, déi et virdru gemaach hunn, déi, déi et elo maachen, an déi, déi et nächstens wäerte maachen, solle mer eis zesummendoen a kucken, wat mer zesummen erreecht hunn. Wat mer aus eiser Stad fäerdegbruecht hunn um kulturellen Niveau. Well dat ass dat, wat zielt.

An elo sinn, wéi gesot, nach eng Rei Haiser dobäikomm. An dat ass zegutts vu jidderengem. A mir mussen elo kucken, datt mer mat all deenen Instrumenter, déi mer hunn, datt mer et fäerdegbréngen, déi Jonk – an dat ass, mengen ech, de grousse Fazit vun där Etüd – nach méi no un d'Kultur erubréngen.

Well wann déi Etüd eppes och erginn huet, wann een an de jonke Joren net un d'Kultur erukënnt, dat changéiert sech net méi duerno. Dat heescht net, well ee méi al gëtt, datt een duerno erugefouert gëtt. Dat heescht, et ass scho primoridal, datt mer an där Hisiicht, wéi gesot, nach eng Kéier Jalone setzen an do nach eng Kéier urappen.

Ech mengen, ech hätt elo e bëssen den Tour gemaach ... a, de Kino. Den Här Baum huet Recht, de Kino, dat ass effektiv e flott Resultat, wou ee gesäit, datt d'Leit nach ëmmer de Kino als hir éischt kulturell Aktivitéit gesinn.

Mir haten jo och ëmmer zu Esch masseg Kinoen. Dat huet elo ofgeholl. Elo ass nach ee grousse Kino do. An dann hate mer de Kinosch. Beim Kinosch hate mer e Plang, fir en am Summer, mat der Kufa natierlech, beliewen ze loossen. Et waren eng Rei Problemer do, de Projectionnist, deen net méi komm ass, dee krank ginn ass, etcetera.

Mee de Kinosch ass nach ëmmer am Programm elo fir d'Renovatioun vun der Kufa. Dee soll do effektiv drakommen. Dee soll erëm frësch belieft ginn. An et schwieft sougutt der Kufa wéi och eis vir, datt mer do géife wierklech erëm e Kino maache mat vläicht e bësse méi Cinéma d'auteur, mee awer mat enger deeglecher Programmatioun.

Datt mer och zu Esch an eisem Centre ville nach eng Plaz hätten, fir, wéi gesot, Kino kucken ze goen. An dann huet ee jo op der anerer Säit, um Belval huet een dann d'Méiglechkeet, eeben och méi Grand public kucken ze goen.

An nach e lescht Wuert, well den Här Baum et ugeschwat hat. Belval-Esch. Belval-Esch, do geet d'Etüd drop an. Et ass d'Säit 44. Do gesäit een, datt do effektiv nach méi Reseaux sociaux gekuckt gëtt, datt nach méi sech informéiert gëtt iwwer d'Reseauen. Etcetera.

Mee do soen och vill Leit, si wären atiréiert vun Theater, vu Concerten, vun Danz. Si wären och interesséiert u Bibliothéik an un Expositiounen. Da soen ech mer, dat ass jo am Fong e Vecteur, fir eis zesummenzebréngen. Well all déi Institutiounen, déi déi Leit vum Belval gär hunn, déi sinn am Centre-ville vun Esch.

Dat heescht, do besteet, mengen ech, duerch d'Kultur e Flux vu Leit, déi dann och déi zwee Quartieren erëm matenee verbannen.

Well, an dat, mengen ech, ass dat anert, wat d'Etüd nach gesot huet, wat ech, mengen ech, och ganz wichteg fannen. Dass net méi oder manner Kulturinteresse do, deemno wéi d'Quartiere sinn, deemno wat d'Position sociale, wann een dat sou kann nennen, vun engem Quartier, wéi mer et heiansdo kucken. Déi hunn am Fong keen Afloss op d'Resultater am grousse Ganzen.

Dat heescht, do kann den Interêt bei deenen enge wéi bei deenen anere ganz grouss si fir déi verschidde Saachen, déi d'Etüd opgezielt huet.

Voilà, dat war dat, wat ech wollt äntweren zu deene verschiddene Froen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Knaff.

## 2.2. Convention de partenariat avec l'association FrEsch ASBL ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer zum nächste Punkt. Dat ass d'Konventioun mat der Associatioun FrEsch ASBL. Den Här Knaff behält d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir hunn nach zwee Punkten elo um Ordre du jour, déi mateneen zesummenhänken. Dat eent ass d'Convention de partenariat tëscht der Stad a FrEsch. An dat zweet ass d'Statutten, déi iwwerschafft Versioun vun de Statutte vu FrEsch, déi mer Iech wëllen am Virfeld weisen, iert datt den CA vu FrEsch déi wäert an enger Assemblée générale unhuelen.

Déi lescht Diskussiounen iwwer FrEsch waren ëmmer relativ e bësse rouleuse, pour ne pas dire, se ware mouventéiert. An et ass net mat Kritik u FrEsch gespuert ginn.

Et ass net u Kritik gespuert ginn an et sinn och eng Rei Saachen opgefouert ginn, déi Sënn gemaach hunn. An notamment déi, déi den Här Baum ugefouert hat, datt et am Fong net

gesond ass, datt Politiker, déi hei Subside fir eng ASBL stëmmen, och vertruede sinn an där ASBL oder do un de Manettë sinn. A follglech och decidéieren am Fong, wéi déi Suen, déi si gestëmmt hunn am Gemengerot, ausgi ginn.

Dat war, mengen ech, ee vun den Haaptreprochen, wou den Här Baum formuléiert hat. An dat war een, deen eiser Meenung no, nodeem dat formuléiert ginn ass, och Sënn gemaach huet.

Firwat ass dat net direkt gemaach ginn? Dat wësst Der. Dir waart alleguer informéiert, wéi mer 2019 d'ASBL FrEsch gegrënnt hunn. Firwat mer se op eemol séier hu misse grënnen.

Mir hu se misse séier grënnen, well et drëm gaangen ass, e Subside substanciel vun der Oeuvre ze kréien. Notamment fir d'Mise en sécurité vum Bâtiment IV a fir deen Tiers lieu kënnen ulafen ze loossen.

An do ass eng normal ASBL gemaach ginn, wou à la fois Leit aus der Gemeng dra waren. Dat heescht, Fonctionnairen, déi e wichtege Rôle haten an deem Sënn, datt se entweeder mat Urbanismus ze dinn haten, datt se mam Transfrontalier ze dinn haten, datt se mat dem Sekretariat a mat der Direction générale ze dinn haten. Datt se, wéi gesot, mat der Kultur ze dinn haten.

An do dernieft, an ech ka mech dat ganz gutt erënneren, sinn ech bei all Parteie froe gaangen, datt se sollten een delegéieren, fir och an déi ASBL eranzekommen. An dat ass och du gemaach ginn.

An déi Gréng hunn een delegéiert, d'LSAP huet een delégéiert, déi Lénk hunn een delegéiert, d'CSV huet een delegéiert, d'DP huet delegéiert. Voilà, sou datt alleguerten deemoleg Sensibilitéiten a politesch Kräften am CA vu FrEsch vertruede waren.

Bon, dat ass elo sou gaangen. Dir wësst, datt am Ufank gesot ginn ass, FrEsch wär dann zoustänneg fir de Bâtiment IV. Wéi mer d'Konschthal an d'Bridderhaus gegrënnt hunn, waren déi och eng Zäit nach ënner der Gestioun vu FrEsch.

A FrEsch war och do, fir am Fong d'Gestion événementiel ze maachen. Dat heescht, déi zwee grouss Eventer, déi mer maachen all Joer. Dat ass d'Nuit de la Culture an och dann den nei gegrënnte Musekfestival Francofolies.

2019, wéi mer dat ugefaangen hunn, waren do keng Diskussiounen. 2021 och net. 2022 och net. Duerno huet et ugefaangen, zu Diskussiounen ze komme par rapport zu där Sàrl FrEsch.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

ASBL. Eng SARL ass et nach net.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Jo, pardon, ASBL FrEsch.

An dat sinn natierlech Saache gewiescht, déi een interpelléiert hunn. Well mer am Fong geholl fonnt hunn, datt FrEsch seng Aarbecht géif gutt maachen. Se huet d'Francofolies gutt iwwer d'Bün bruecht. Ech hunn Iech eng Etüd geschéckt, wouraus erausgeet, datt d'Leit net onzefridde si mat deem Event.

Se hunn Dausende Leit op d'Nuit de la Culture bruecht; wat se och gutt organiséiert hunn. A se hunn och sou gutt wéi konnten a mat deene Moyenen, déi se haten, d'Gestioun vum Bâtiment IV gemaach.

Bon, elo geet et drëm, e Schrëtt weider ze goen. Et geet drëm, eng aner Gouvernance ze kréien a FrEsch. Et geet drëm, eng aner

Gouvernance ze kréien, wou d'Politik en anere Rôle ze spillen huet.

D'Politik soll nach ëmmer do sinn, well FrEsch ass en Instrument vun der Kulturpolitik vun der Stad Esch. Se ass d'Instrument, wat mer brauchen, fir déi Politik vum Evenementiel kënnen duerchzeféieren, déi net machbar sinn, wann alles géif an all d'Operatioune missten iwwer den awer bësse schwieregen a komplizéierten Apparat goe vun der Escher Gemeng.

Soudatt e wichtegen Outil ass, fir eis Politik kënnen ëmzesetzen. D'Politik vun à la fois dem Betrib vun eisen Haiser, mee och dem Evenementiel, der Kultur am Espace public, fir och d'Kultur un d'Leit erun ze bréngen, fir se doru schnupperen ze loossen, fir se am Fong ze incitéieren, och emol de Schratt ze maachen, an eng Institutioun ze goen.

Dofir hu mer dat elo changéiert. Wéi gesot, mir sollten e méi klengen CA hunn. Dee soll surtout bestoen aus Fonctionnairen an aus Leit aus der Société civile. A fir awer eng beschtméiglech Transparenz ze garantéieren, fir eng Kontroll dem Gemengerot ze iwwerginn, och iwwer d'Konte vun der FrEsch ASBL, géif e Comité d'accompagnement gemaach ginn, déi ganz grouss Pouvoiren hunn.

Déi ganz grouss Pouvoiren hu punkto Informatioun, punkto Kontroll vun de Bicher, punkto Kontroll vun den Depensen. An ech mengen, dat ass och sou wäit, wéi de Gemengerot sech kann an d'Fonctionnement vun enger ASBL dann imixéieren.

Sou datt mer dat elo probéiert hunn, ze maachen. Déi Konventioun, déi mer mer elo hei gemaach hunn, déi dréit deem Rechnung. Se fixéiert nach eng Kéier den Objet vun der Konventioun, d'Konditioune vun deem engen a vum deen anerem. D'Konditioune vun der Gemeng, d'Konditioune vun der ASBL.

Et ass eng Konventioun, déi soll dauere bis den 31. Dezember dëst Joer. Et ass virgesinn, wéi se ka resiliéiert ginn.

De Chiffer, dee mer a Budgetsdebatte festgehalen hunn, ass dee Montant, deen och an der Konventioun steet. Dat sinn 3,9 Milliounen. Dat soll à la fois d'Contributioun fir d'Francofolies mat 1,6, da fir d'Nuit de la Culture mat 1 Millioun, fir de Projet Elektron, dee mer gemaach hunn am Kader vun der Biennale, a fir d'Gestioun vum Bâtiment IV. Dat sinn déi Saachen, déi mat deem Montant sollen ofgedeckt ginn.

Donieft engagéiert sech d'Gemeng och nach, fir Material, e bësse Main d'oeuvre, Knowhow zu de Branchementen, zu de Reseauen etcetera ze maachen.

Wat sinn d'Obligatioune vun der Associatioun? Déi Saachen, déi mer gär vun hinnen erwaarden, fir déi duerchzeféieren. Dat heescht d'Francofolies an d'Nuit de la Culture, de Bâtiment IV an dann Esch – Capitale de la culture.

Eng Fro, déi ee sech muss stellen, de Bâtiment IV steet nach dran. Et ginn Iwwerleeungen, fir sech ze soen, dans la mesure, wou mer am Fong eis Haiser alleguer elo institutionaliséiert hunn, dans la mesure, wou am Fong d'Gemeng sech ëm hir Haiser këmmert, wéi mer et elo mat der Konschthal gemaach hunn, wéi mer et mam Bridderhaus gemaach hunn, wéi mer och déi aner Haiser hunn, d'BESA etcetera, ob d'Gestioun vum Bâtiment IV net och besser géif beim Service Culture leie wéi beim Bâtiment IV.

Dat ass eng Iwwerleeung, déi gefouert gëtt. Dat bréngt natierlech erëm aner Contraintë mat sech. Dat muss gekuckt ginn, ob dat machbar ass.

Dir wësst, datt de Bâtiment IV eis net gehéiert. Deen ass ugelount. Mir bezuelen do e Loyer. Et gëtt Contrainten, deemno wien an deem Bâtiment IV schafft. Sou datt dat awer eng Pist ass, déi ee ka kucken.

Fir de Moment ass de Bâtiment IV an d'Gestioun vum Bâtiment IV nach an den Obligatioune vu FrEsch mat dran.

D'Clause de transparence financière. Et gëtt verlaangt, datt d'Konte gefouert ginn no den Normes comptables, déi en vigueur sinn. Datt e Rapport financier detaiilé muss un de Gemengerot goen. Datt mer d'Konte verifiéiere loosse vun engem Reviseur d'entreprise. Datt d'Gemeng och nach kann en Audit financier supplémentaire instituéieren. An datt e Rapport och muss gemaach gi mat der Justificatif vun deene Suen, déi mer vun der Gemeng kréien.

An de Changement de gouvernance hu mer och an der Konventioun festgehalen, fir datt d'ASBL och – net datt dat einfach nëmme bei Wierder bleift. Mir huelen d'Politik aus dem Organe décisionel eraus. Mee datt dat dann och duerno muss ëmgesat ginn. An dat hu mer dofir och drageschriwwen, mat der Instiutioun och vun deem Comité d'accompagnement.

Voilà, dat ass den éischten Draft iwwer d'Konventioun. D'Konventioun ass duerch verschidde Kommissioune gaangen. Se ass natierlech duerch d'Commission juridique gaangen. Se ass och duerch d'Finanzkommissioun gaangen. Se ass duerch d'Kulturkommissioun gaangen.

An der Kulturkommissioun ass se mat enger grousser Majoritéit gestëmmt ginn. Mat 9 zu 1. An der Finanzkommissioun ass se manner gutt duerchgaangen, mee se ass, mengen ech, och duerchgaange mat 8 zu 5. Sou datt ech Iech géif bieden, där Konventioun zu FrEsch zouzstëmmen.

Niewendrun an hannendrun hutt Der e Projet de statut vu FrEsch. Wéi gesot, déi Statutte kënne mer hei elo net ofstëmmen, mee mir kënne se awer diskutéieren. An dat war jo och de Sënn dovun. Datt mer se nach hei kéinten diskutéieren, iert se géifen an de Vott goe bei der Assemblée générale.

Se rejoignéieren dat am Fong bëssen. Et gëtt net alles changéiert, mee et gëtt awer schonn e groussen Ënnerscheed bei der Zesummesetzung vum Conseil d'administration.

Wéi gesot, et soll e Conseil d'administration vun néng Leit sinn. Fënnef Leit, déi aus der Administratioun kommen, véier Leit aus der Société civile kommen. De President soll eng Persoun aus der Société civile sinn, de Vizepresident soll een aus der Administratioun sinn.

D'Assemblée générale, do ass alles d'selwecht. D'Modification des statuts wéi och do muss de Quorum sinn etcetera. Dat ass dat, wat konform ass zu der neier Legislatioun. D'Leit, déi eragewielt ginn, solle fir dräi Joer do sinn. Et kann e Bureau exécutif restreint ginn, fir Decisiounen ze huelen.

An dann d'Mesures d'accompagnement stratégiques. Dat soll e Kommitee sinn tëscht aacht an eelef Memberen, mat engem maximalen Total vun 13 Memberen. Dat wären aacht bis eelef Membere „représentant les partis politiques représentées au Conseil communal." Déi wären och fir dräi Joer genannt.

An datt de Comité d'accompagnement, wéi gesot, Accès zu de Konten huet, Accès zu den Ausgaben, déi d'ASBL mécht.

Ech mengen, do ka se am beschten a jiddwereen no sengem Wëssen a Gewësse sech en Abléck an d'Konte verschafen. Wéi

gesot, déi solle ganz transparent sinn. Se waren nach ëmmer transparent. Et konnt jiddweree se kucke goen, et konnt jiddwereen do eppes maachen.

Ech mengen, mir hunn och an de Statutten drageschriwwen, datt mer eis wäerten och an Zukunft, well dat och ugefouert ginn ass, un d'Marché-publiquen halen. Do ass et natierlech wichteg ze wëssen, datt FrEsch finanziell net eleng vun der Gemeng ofhänkt. D'Subventioun vu FrEsch ass manner wéi d'Hallschent vun deem, wat FrEsch à disposition huet.

Mee wéi gesot, mir wäerten eis awer dorenament – an et waren am Fong just een, zwee Posten, wou dat hätt misse spillen. Mir wäerten eis un d'Marché-publiques-Gesetz halen. A mir hunn dat och deementspriechend communiquéiert no där Interpellatioun, déi den Här Faltz gemaach huet bei dem betreffende Gremium.

Sou, dat war dat, wat ech wollt soen. Ech géif Iech bieden, der Konventioun zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Knaff.

Wie kann ech aschreiwen? Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, den Här Knaff huet Recht, wann d'Theema FrEsch op den Dësch kënnt, virun allem d'lescht Kéier, dass dat héichgekacht gëtt. Ech ginn dovunner aus, dass d'Leit och elo erwaarden, dass mer hei Zirkus kréien. Ech mengen awer, dass vu menger Säit aus Iech do normalerweis elo wäert enttäuschen.

Ech mengen, och fir mech war et wichteg, dass schonn eng Zäitchen ugefaangen hunn, mech mat deem Theema FrEsch auserneenzesetzen. Well ech mengen, et bréngt Esch näischt, et bréngt eis hei näischt, et bréngt der Kultur näischt, wa mer soss näischt wéi mat polemesche Saache ronderëmgeheien. An ech denken, dass et dofir awer wichteg ass, dass mer eis op d'Fakte baséieren. An dass mer dofir, mengen ech, am beschte sinn, fir do erauszekommen.

Ech wéilt trotzdeem bemierken, mir stëmmen hei eng ASBL FrEsch, déi trotzdeem d'Successioun ass vun dräi Kultur-ASBLen. An ech mengen awer net, dass et richteg ass. An et soll een dat och elo net lassgeléisst gesinn, déi eng zu der anerer.

Ech mengen, eleng nëmmen an der neier ASBL an de Konte stinn 900.000 € vu Fonds propres. Also wou kommen déi hier, wann net vun den alen ASBLen. An dofir ginn ech de Wee elo net mat, fir dat doten elo just isoléiert ze kucken. Mee ech denken, dat sollt een am Ganze kucken. Well et ass jo dann awer eng Kontinuitéit, och wa mer elo en aneren CA kréien.

Well firwat ass et am Fong esou, dass dat negatiivt Liicht am Fong kënnt? Wéi gesot, mir huelen emotionell alles eraus. An dann, mengen ech, resüméiert et sech op dräi Punkten.

Dat eent ass, deen enorme Montant, deen déi Kultur-ASBLen oder och elo déi nei FrEsch ASBL quasi ouni Kontroll dierfe geréieren. Ech erklären herno den „ouni Kontroll". Neelt mech elo net domadder fest.

Déi flagrant Intransparenz. Ech ginn dem Här Knaff do net Recht, dass déi Asiicht – och dat

wäerte mer herno nach eng Kéier schwätzen – an déi manifest Inkompetenz vun där Ekipp, déi d'Gelder geréiert.

Déi Inkompetenz soen ech elo net ouni Grond. Well frot Iech einfach selwer. Wa Rockhal oder Atelier an engem ganze Joer 1,96 Milliounen Euro Paie bräichten – okee, si brauche se jo net alleguer just fir dee Festival; mee awer e groussen Deel. En artistesche Budget vu 4,5 Milliounen – da si mer op 6 Milliounen –, fir nëmmen ee Festival op d'Been ze stellen. An do kommen u Recettë just 2 Milliounen eran, da géif et weeder d'Rockhal nach den Atelier haut nach ginn. Ech hoffen, mir sinn eis do eens.

Firwat ass dat sou? Déi Haiser hunn Infrastruktur, se hu Kompetenz, se hu Reseau, se hu Sponsorpool – an déi wäert FrEsch an 100 Joer nach net hunn.

An ech ginn Iech och net Recht, dass mer déi ASBL brauchen, fir dee Festival op d'Been ze kréien; deen iwwregens gutt fannen, nach eng Kéier. D'Francofolies. Mir sinn e frankofoont Land, op der Grenz zu Frankräich.

D'Francofolies mécht Sënn – mee mat deene Partner hätt ee missen zesummeschaffen.

A wann ee sech déi Plaz ukuckt – an och do ginn ech dem Här Knaff net Recht. Hien haut lauter Concerten opgefouert; déi waren an enger ganz anerer Dimensioun. Ganz anerer Dimensioun.

Do ass déi Bün hannen am Eck opgeriicht ginn, do waren d'Kanner nach op der Spillplaz a just ganz zum Schluss sinn d'Clôturë gesat gi mat de Keessen. Freides owes. Wa kee méi do war. Sou huet dat deemools funktionéiert.

Wéi gesot, mir schwätze jo haaptsächlech vun de Francofolies do uewen am Park. An deen ass ongëeegent, zemools fir déi doten Dimensioun. An och de Beachvolleyball ass net an där doter Dimensioun.

En plus kënnt déi Firma, déi do op- an ofbaut, wat warscheinlech den eenzege Stager ass, deen ech kennen, dee sech kann erlaaben, ee Mount laang un enger Struktur op- an ofzeriichten.

Also geet et generell bei sou grousse Bünen dorëm, dass déi virun allem am Summer dréinen. Also wann Der elo LOA kuckt, dat war véier Deeg opriichten, zwee Deeg ofriichten, weg, nächst Plaz. Sou funktionéiert dat. Well da verdéngt een och Suen.

An da kënnt och dobäi, dass zu kengem Moment aus der Majoritéit iergendeen emol d'Fro gestallt huet, si mer wierklech um richtege Wee. Op jidde Fall, wann een et gesot huet, huet en et ganz lues gesot.

Well awer e massive Asaz vu Steiergelder ze rechtfäerdegen, nee? An dat deet engem awer trotzdeem ze denken.

Wéi mer an der leschter Gemengerotssëtzung de LOA gestëmmt hunn, do hu mer 150.000 € mat de 4,5 Millioune verglach. Ech denken, et war den Här Baum, deen dat gesot huet. Et koum de Sproch, mir hunn eeben decidéieren, dass mir dat selwer organiséieren. Ënnertoun: Mir kënnen et zwar net, mir hu keng Anung, mee mir ginn de Wee stuer weider.

An ech gräife vir: Och dës Konventioun an déi nei Statutte schéngen éischter eng panesch Flucht no vir wéi eng wierklech seriö strukturell Reform.

Mir kréien also hei elo eng fuschnei ASBL presentéiert, déi zënter dem 1. Abrëll scho funktionéiere soll, mat engem Subsid vun 3,9 Milliounen. A wann ech mer elo d'Fro stellen, vu que dee Budget schonn ënnerwee ass, fir genotzt ze ginn, who is in charge. Wie seet

deene Leit, déi fir FrEsch schaffen, wou et elo higeet? Ass nach ëmmer déi al, ass et déi nei?

An de Statutte steet, dass déi nei Membere vum Verwaltungsrot vun der Assemblée générale solle gewielt ginn. Fir mech bäisst sech do d'Kaz an de Schwanz. Well dat mécht absolutt kee Sënn.

Also bei der Grënnung vun enger neier ASBL ass et normalerweis esou, dass d'Membres fondateurs, an dat misste jo dann déi néng Persounen do sinn, déi missten eigentlech an iergendengem Akt erwäänt sinn. Entweeder an de Statutten oder an engem separate Grënnungsakt. An hei näischt dovun, guer näischt.

Transparenz. Nee come on.

Wie sinn dann déi Leit? Well et ass schonn en Ënnerscheed, wien déi Leit sinn, a wéi eng Richtung dass dat do geet. Ech hoffen, mir sinn eis awer do eens.

Dofir, ech froe mech, ob Dir iwwerhaapt wësst, wat Der maacht. Entweeder hutt Der erëm an Ärem Fall vu kompletter Intransparenz, dass Der ies net wëllt soen, wien et ass. Wat ech awer schued fannen. Ech hoffe jo awer, dass déi Leit schonn iergendwéi prett sinn, fir dat doten ze maachen. Oder déi néng Leit sinn awer nach net designéiert. An da si mer awer wierklech am totale Chaos.

Well wéi gesot, zënter dem 1. Abréll misste se 3,9 Milliounen u Subside geréieren. Well hei steet dran, déi kréien déi 3,9 Milliounen iwwerwisen. Um Dag selwer.

Also egal wéi eng Alternativ, keng gëtt elo wierklech Vertrauen hei.

Zum Comité stratégique culturel, wou jo, wéi et schéngt, sou vill Muecht huet, wou 13 Memberen aus dem Gemengerot solle mat dra sëtzen. Do weess ech net, wat soen.

Ech weess net, wou mer an dësem Haus hei 13 Kultrustrateegen hierkréien. Mat Ausnam natierlech vum Här Baum, wou souguer d'Majoritéit seet, dass hien e gewësst schauspillerescht Talent huet.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Awer just e bëssen.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Majo dofir e gewësst. Dofir wäert Der vläicht awer net ugepasst si fir do eran.

Also, dat ass onkloer.

Also wéi wär dann d'Iddi gewiescht, wa mer där ASBL verflicht hätten, nächst Joer hir detailléiert Konte virum 1. Abréll – also detailléiert Konten; mir schwätzen net vum Rapport financier – hei an dësem Haus ze hannerleeën. An dann hätte mer eng Diskussiounsbasis gehat, wéi mer se och elo hunn. A mir hätte gewosst, vu wat mer schwätzen. An da kéinte mer d'Subside vum Joer drop ofstëmmen.

*(Interventioun Här Pierre-Marc Knaff)*

Ass eeben net de Fall. Dir wësst et besser. Dofir si mer jo och do, wou mer sinn. Nach ëmmer stëmme mer hei komplett an d'Blannt.

Da komme mer nämlech zum nächste Punkt – do muss ech leider Gottes e bëssen aushuelen.

Mir hunn als LSAP Esch Enn 2023 eng Ufro gemaach, fir déi komplett Konten anzegesinn. Also net nëmmen de Rapport financier, dee mer iergendwann eng Kéier bäigeluecht

kruten. Well als kleng Remark, och wann Dir ëmmer behaapt, de Comptabilitéitsbüro géif d'Konten iwwerpréiwen, heescht dat nach laang net, dass dat fir eis duergeet.

Also mir fanne schonn, dass déi ëffentlech Gelder och eng politsch Appreciatioun vun eis missten hunn, on top zu der Finanzkontroll. Also mir stellen de Büro net a Fro, mee de Büro appreciéiert net. E kuckt just, ass eng Entrée par rapport zu enger Sortie do.

Mir hunn awer d'Verantwortung hei, a mir huelen eis dat Recht awer elo eraus, ze evaluéieren, wat, wéi a firwat ëffentlech Gelder ausgenotzt ginn. Also Steiersuen. An ob do d'Reegelen, déi et jo awer gi fir Steiersuen, agehale ginn.

Wa mer also gesinn oder gesot kréien, dass Delegatioune vu FrEsch op de Bienalle sinn, zu Bayreuth, op de Journées françaises zu La Rochelle ...

*(Interventioun Här Pierre-Marc Knaff)*

Ech schwätze weider. Gitt mer Zäit, mäi Saz fäerdegzemaachen. Iwwregens ass just mäi Mikro un, soss musst Der schonn heihi kommen, wann Der wëllt schwätzen.

Um Cap Vert. Do wäre mer scho frou, ze wëssen an d'Gewëssheet ze hunn, dass et eng privat Rees wär. An dat hätte mer jo an deem Moment, wou mer d'Konten hunn. Déi Reese sinn net drop, also si se privat. Alles gutt.

Ech gräife vir, Här Knaff.

A wann et am Kader vun deene Kultur-ASBLe geschitt, dat ass jo och okee, wann d'Konditioune fir d'Aarbechtsreesen, wéi se den Här Buergermeeschter elo definéiert huet, agehale goufen. Well se gëlle fir jiddwereen. Och fir eng ASBL. Well mir schwätze vu Steiersuen.

Well wat war d'Missioun? Wie war an der Delegatioun? Dat muss ee jo kënne froen. Well ech ka mech u keng Warn-Inzenéierung, ech ka mech u kee Biennale-Bäitrag am der Kader vun eiser Biennale erënneren. Do wëll ech scho wëssen, ob Steiersuen am Spill waren. An ech wär berouegt, wann et net esou wär.

Also fir et méi kuerz ze maachen: Mir kruten déi Konten. Zéng Méint méi spéit. Et war e bëssen hin an hier. De Buergermeeschter hat sech agesat, dass mer se kruten. Mee on essait de faire noyer un poisson.

Dat heescht, mir kruten eng Palett un Dokumenter iwwer d'Joren 2021 bis 2023 – iwwergens waarde mer nach ëmmer op d'Ofrechnung vun de Francofolies 2023. Ech hat se gefrot, ech krut se net.

Mee op d'mannst hate mer awer d'Donnéeën. Dir hat eis dat ginn, wat mer versprach kruten. Alles gutt.

Kuerz drop, ech mengen, et war e Mount, krute mer vun enger Ugestallte vun der Kultur-ASBL dunn en Datum fixéiert, wou mer da kéinten Asiicht an deen Dokumentepak kréien. Also bei allem Respekt, en Ugestallte vu FrEsch seet net engem Elu, wéini dass hie wat soll asiichte kommen. Mir froen a mir kommen dann.

An dat hu mer eeben haaptsächlech gemaach, dee Froekatalog, fir dass net misste stonnelaang an deem Pabeier ronderëmwullen an dass et och fir si méi einfach wär, wat si sollten dohinner leeën a wat mir kéinten nokucken.

An du krute mir – dee Froekatalog hate mer dem Schäfferot virgeluecht – vum Schäfferot ënner der Leedung vum Här Buergermeeschter gesot, de Schäfferot ass net zoustänneg fir d'Informatioune vun den ASBLen. Dir musst lech direkt un d'ASBL wenden.

Ech wëll och do eng kleng Parallell maachen. Mir hate virun dräi Gemengeréit Transition Minett hei leien, 750.000 €, och eng ASBL. Do war den Dossier och net komplett. Do hu mer eng Ufro gemaach, den Här Sehovic huet déi Ufro verstanen an huet gesot, komm, mir huelen dat do erof an ech ginn Iech d'Donnéeën an d'nächst Kéier stëmme mer et. A mir hunn et alleguer kënnen à l'unanimité an en bonne âme et conscience stëmmen.

Den Här Sehovic huet net gesot, gitt bei de President vun der ASBL an da frot Der deen, da kuckt Der, dass Der eens gitt. Firwat geet dat net hei?

Mam Ënnerscheed zu deem Verwaltungsrot an deem heiten ass, dass hei d'Häre Cavaleiro an den Här Knaff als President am Verwaltungsrot sëtzen. Dat heescht, si hu sech am Fong selwer den Optrag gi vu riets op lénks.

Mir hunn natierlech bei der ASBL nogefrot, beim President Knaff a bei der Presidentin Scholl. Natierlech krute mer keng Äntwert. Eng ASBL ass nämlech juristesch net verflicht, dem Gemengerot op seng Ufro ze äntweren.

Awer dat ass jo de Problem, well FrEsch ass jo – an dat sot Dir selwer –, ech nennen et elo Wurmfortsatz. Mee d'verlängert Situatioun vun der Escher Kulturpolitik. An et schéngt Iech souguer ze arrangéieren, dass do keng politesch Kontroll soll sinn. Dat ass net gutt.

Elo steet an der neier Konventioun, dass d'ASBL alles op Nofro muss erausginn. An der Konventioun steet net manner wéi véiermol Transparence oder transparent.

Als ASBL, déi jo dann awer d'Roll vun den ale Kultur-ASBLen iwwerhëlt, froe mer, firwat kréie mer dann elo net eis Froen hei beäntwert. Dat wär awer elo e gudde Moment. Och am Ofschloss vun den alen ASBLen.

Firwat kréie mer net déi richteg Konten? An net just de Rapport financier. Firwat leien d'Konte vun 2023 vun de Francofolies net hei am Dossier? Mir hu se gefrot, Dir hutt eis net geäntwert. Trotzdeem denken ech awer, dass déi Froen am Schäfferot ukomm sinn.

Also wann et elo just drëm geet, fir d'Cachete vun den Artisten net ze presentéieren, also déi sinn eis wierklech egal. Also just fir eng kleng Explikatioun, ech weess net, ob Der déi Konte gesinn hutt, do stoung dem Boy George säi Cachet dran. Huet iergendeen, deen d'Donnéeë gelies huet, zu iergendengem Moment mat dem Cachet vun engem Artist hei hauséiere gaangen? Dat gehéiert net an d'Press, et ass sécher privat. An ech hoffe jo, dass Der eis kënnt vertrauen, dass mer déi Donnéeë vertraulech händelen.

Mee dat Argument hutt Der jo och net geliwwert, dowéinst ginn ech dovun aus, dass et en anere Grond muss sinn.

Also meng Fro ass virun allem, Här Buergermeeschter, hutt Dir eis déi Äntwert zu den ASBLen net ginn, fir Zäit ze gewannen, oder hutt Der se vläicht och selwer net. Ech weess net, wéi do bei Iech d'Informatiounen transposéiert ginn.

Well ech hunn et jo schonn uewe gesot, wa mer nämlech déi Konten hätten, da kéinte mer jo op Basis vun deem Dokument déi Previsiounen, déi elo do leien, déi Zuele jo richteg anuerdnen. Dir och. Also net nëmme mir.

Well de Budget previsionnel ass dann awer, also duuss gesot, flou. Ech weess net, ob Der e gelies hutt, mee do steet awer 150 € Frais de dépôt publications. 150 €. Also sou wäit gi mer erof. 500 € fir Porto. Also net Porto, mee Timberen.

Op der anerer Säit stinn dann awer 4,5 Millliounen Euro fir Budgets artistiques Francofolies. Keen Detail. Keen. 520.000 € fir eng Nuit de la Culture. Punkt. En Drëttel vum Budget vun eise Konschthaiser. An enger Nuecht verbrannt, verschoss.

*(Nofro Här Pierre-Marc Knaff)*

Vun engem vun eise Konschthaiser. Cultures artistiques. 500.000 zu 1,5 Milliounen.

Da sollen 900.000 € aus dem eegene Bestand kommen. Do wär et vläicht ubruecht, op där Basis ze kucken, ob d'Subsiden net vläicht erofgesat kéinte ginn, respektiv déi Sue vläicht anere Kulturschaffenden zur Verfügung gestallt ginn. Nee?

1,6 oder 1,7 Milliounen u Paien. Domadder läit d'ASBL-Personal op der selwechter Gréisstenuerdnung wéi de Personalbüro oder de Service informatique. Stellt Iech dat emol vir.

Ticketing, 1,8 Milliounen Entréeën. Gleewen ech net. Ech hu jo och d'Zuelen net do leien. Gleewen ech dofir net. Mat deene Leit, déi do erop passen, a mat deenen Ticketspräisser – an ech ginn Iech zegutt, se sinn net deier – geet déi Rechnung ni op.

Sponsoring 250.000 €. Okee, wou steet dat? Wat sinn „Autres recettes" 210.000 €? Am Verglach zu 150 € Frais de trucs.

Also Är Recettë schénge mer zimmlech opgeblosen ze sinn. Mee egal wéi, déi Recetten decke mol net d'administrativ Käschten.

An dann Äre Fait, ëmmer erëm ze ernimmen, dass déi Plus-value fir den Escher Commerce wär. Also deen existéiert wierklech just an Äre Käpp. Also ech ka mer jo nach virstellen, dass d'Hoteller déi zwee Deeg ausgebucht sinn. Mee de Gros vun der Clientèle kënnt moies un a fiert owes heem. Dat maacht Der mer net schlecht.

An der Uelzechtstrooss ginn zwou Jeans, keng zéng Tase Kaffi, net een eenzege Sonnebrëll méi verkaf. Dat wësst Der ganz genau, dofir haalt op mat deem Gespréich.

Mee dat bréngt eis dann elo bei de leschte Punkt an, ech denken, de wichtegste Punkt. Den Här Knaff hat et elo zum Schluss nach ugeschwat. An nach eng Kéier: Ech sinn net domat d'accord, dass mer déi do ASBL lassgeléisst vun den aneren ASBLe kucken.

Et gouf hei an och an der Kulturkommissioun gesot, dass déi nei ASBL sech an Zukunft un d'Soumissiouns-Gesetz wäert halen. Fir dass hei kee falschen Androck entsteet, dat ass kee grousse Gest vun Ärer Säit, dat musst Der maachen.

Ech mengen, et ass jo wuel e Minimum, dass sech d'Membere vum Schäfferot un d'Gesetz halen, Här Knaff.

An ech hoffen och, dass déi Leit an den ASBLen net onbedéngt mengen, se wieren elo domadder iergendwéi eraus. Well ech menge schonn, dass mer dat Ganzt hei mussen transparent a ganz konsequent opléisen.

Well mir wëssen, dass d'Sousmissiouns-Kommissioun d'ASBLe kontaktéiert huet. Apparament waarden déi zënter August op eng Äntwert. Ass dat sou?

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Nee.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Da musst Der mat Ärer Parteikolleegin schwätzen.

Här Buergermeeschter, wësst Der dat?

Ech hunn Iech d'lescht Joer schonn drop higewisen, dass eng ASBL, déi majoritär ass a vun ëffentleche Gelder gespeist gëtt, och majoritär aus Membere besteet, déi der Gemeng ugehéieren, Politiker a Beamten, duerchaus ënner d'Gesetz vun de Marchés publiques falen.

An och wann Der elo hei mat Ärer Milchmädchenrechnung 75.000 € iwwer der Hallschent vun deenen 3,9 Millioune sidd, a), Är Fonds propres zielen net dobäi, zweetens, Dir hutt nawell Subside vum Staat kritt. Dat heescht, dann hätt Der Är Rechnung e bësse besser solle maachen. Dir sidd iwwer der Hallschent.

Also d'Jurisprudenz an den Europäesche Geriichtshaff huet dat oft genuch decidéiert an dofir verstinn ech net, dass Der elo hei amgaange sidd mat flunkeren.

Deemools huet den Här Knaff, dat war virun engem Joer, hei erkläert, dass sech d'ASBL net misst un d'Reegele vum Marché public halen, well se kee Benefice maachen, well se net gewënnorientéiert wären. An d'Madamm Scholl huet fläisseg dobäi souverän mam Kapp gewénkt. Wat weess dee Faltz schonn. An ech kann Iech gär den Doktrin Artikel ginn.

Dass FrEsch net gewënnorientéiert schafft ass komplett irrelevant, scho mol fir d'éischt, well mir maachen en ëffentlechen Optrag, an doriwwer eraus héchstwarscheinlech d'Ënnerdreiwung vum Joer.

A wann ee sech d'Finanzen ukuckt, gëtt bei FrEsch definitiv kee Benefice gemaach. Dat ass éischter e Schredder wéi e Kulturbudget.

Well firwat ginn et déi Marché-publics-Gesetzer? Déi Reegele bestinn aus guddem Grond. Fir ze verhënneren, dass am ëffentleche Secteur – an am Géigesaz zum Privatsecteur, wou d'Konkurrenz normal ass. Fir ze verhënneren also, dass net einfach Frënn a Bekannten e Marché kréien.

All Marché soll seriö an transparent vergi ginn. Dat ass d'Roll vun engem Marché-publics-Gesetz. Dofir ginn et gesetzlech Oplagen, déi Transparenz a Chancëgläichheet virun allem garantéieren. Fir dass net ëmmer just dee selwechten en Optrag kritt. Fir dass jiddereen déi selwecht Chance huet.

Dat steet sou festgeschriwwen an der Loi relative à la concurrence an an der Loi des marchés publics. A FrEsch fält jo ënner dës Gesetzgeebung. Et ass den Artikel 2, net den Artikel 17, den Artikel 2 vun der leschter Gesetzgeebung.

An et schéngt bal, wéi wann dee Gesetzesartikel fir FrEsch geschriwwe wär. Do ass alles dran. Ça coche toutes les cases.

Net nëmmen dass keng Ausschreiwung gemaach gouf, mee laut Press soll en Employé vu FrEsch och gläichzäiteg Beneficiaire vun enger Firma sinn, déi den Optrag vun der selwechter ASBL krut.

An deem Kontext stellt sech elo de Verdacht vum méigleche Mëssbrauch vun ëffentleche Gelder. An dee bleift bestoen, well mer déi Informatioun net hunn. An déi gouf och zu kengem Moment widderluecht. An ech froe mech firwat. Dat wär an allem Interêt.

Well sollt dat stëmmen, droen d'Membere vum Verwaltungsrot déi politesch an déi juristesch Verantwortung. Ech hoffen, Dir wësst dat.

Ech géif dat net ënnerschätzen. Well sollt sech dat erausstellen, dass d'Konkurrenzrecht net respektéiert gouf, dann däerfen all déi Entreprisen, déi net d'Méiglechkeet haten, sech um Marché ze positionéieren – an dat sinn, all d'Bünebauer – hir Rechter geltend maachen an akloen.

Sollte si Recht kréien, kréie si hire Benefice zougeschwat. A si wäerte Recht kréien. Ass Iech dat bewosst?

Kleng Reflexiounshëllef. D'Gesetz iwwer de Marché public ass awer direkt nom Gemengegesetz dat wichtegst Instrument fir Schäffen a Gemengevertrieder. E leet nämlech fest, wéi mer Suen hei ausginn.

An den aktuellen ASBLe sëtze véier aktuell, fréier oder zukünfteg Schäffen a Schäffinnen. D'Madamm Ragni, den Här Cavaleiro, den Här Knaff, d'Madamm Scholl. Dat Onwëssen ass dramatesch.

Ech froen Iech also, Här Buergermeeschter, dass Dir aktiv dofir suergt, dass d'Sous-missiounskommissioun déi néideg Donnéeë kritt. Och wann den Här Knaff seet, se wären net gefrot ginn. Zënter August. An dass mir dës Geschicht elo endlech transparent ofschléissen, well et ass am Intressi vun der Saach an och am Interessi vun der Stad.

Ech hoffen elo just, dass ech net erëm eng offiziell Ufro hei muss stellen, fir déi ganz Korrespondenz ze kréien, déi dann erëm tëscht den ASBLen an der Soumissiounskommissioun ausgetosch ginn.

Mir huelen eis awer d'Recht eraus, an der Persoun vun der Madamm Braz, der Deptutéiert, bei der zoustänneger Ministerin nozefroen, wa mir de Verdacht hunn, dass dës Affär elo erëm express schleefe gelooss gëtt. An ech ginn dovun aus, dass den Deputéierte Baum do eng Hand mat upeekt.

Här Buergermeeschter, Dir verspriecht Transparenz, da liwwert och Transparenz.

Ech denken, dass trotzdeem un eis ass als Oppositioun, hei net nëmmen de béise Fanger ze maachen an dropzeschloen. An ech denken, dass an enger gudder Politik och wichteg ass, dass ee Propose mécht, wéi mer hei erauskommen.

Ech mengen, Dir wësst all, et ass trotzdeem e klassesche Fauxpas. Mir wëssen net, wien de Conseil ass, mir hu keng Transparenz an den Dokumenter – bon an den Dokumenter schonn, mee an de Konten. An dat kënnt Der eis net widderleeën.

Dofir wëll ech zum Ofschloss e puer Reflexioune maachen hei, wéi mer d'Suen, déi d'ëffentlech Hand jo awer da massiv zur Verfügung stellt, kéinte besser notzen.

Éischtens, huelt Kontakt mat der Rockhal op a frot, wat et d'Gemeng géif kaschten, fir eng Francofolies um Belval ze organiséieren. Si hunn Erfarung, de Site ass méi gëeegent, d'Capacitéit ass méi grouss a finanziell dréit sech dat besser, well méi Leit erapassen. Nach eng Kéier: Ech fannen d'Francofolies gutt.

Huelt e konsequente Montant vun deenen 3,9 Milliounen, déi Der jo elo sécher net méi braucht, an investéiert déi an d'Subventioune vu Veräiner a Clibb, egal ob Sport, Kultur, Soziales. Egal. Ech wiele meng Wierder: Investéiert déi Suen. Si wäerten dat appreciéieren. An déi Sue sinn do richteg gutt ugeluecht.

De Rescht vum Budget, dat ass jo nach ëmmer, setzt Der an den artistesche Budget vun de Kulturhaiser. Theater, Conservatoire, Bridderhaus, Bibliothéik, Konschthal, Kulturfabrik, Kulturservice.

Ech ginn do absolutt mam Här Baum, dass dat eng Basis ass, déi gutt ass, déi och Evenementiel kann. Well si maachen elo schonn e super Job a mat engem zousätzleche Budget kréie se nach besser

Programmer op d'Bee gestallt. A se géifen och ganz sécher eng Nuit de la Culture organiséieren. An déi wär méi kreativ, méi effikass an definitiv méi lokal verankert. Sécher.

Natierlech däerfe mer d'Personal vu FrEsch net vergiessen, wat jo aktuell fir FrEsch schafft. Déi si jo a Büroe verdeelt oder sou. Verdeelt déi Leit op déi Haiser, déi natierlech elo Budget musse kréien. Well méi Budget bedeit méi Aktivitéiten an doduerch och méi Personalbedürfnisser. An da maache mer dat zou.

An da gitt Dir Iech e Joer, fir déi nei Struktur um Terrain ëmzesetzen. Här Buergermeeschter, gitt Iech vläicht dräi, véier Wochen, fir eng Kéier doriwwer ze schlofen. Ech verstinn, datt Dir et vläicht am Moment net gutt fannt. Schlooft eng Kéier driwwer. An da wäert Der gesinn, mat den Escher Institutiounen, wéi wonnerbar dat wäert funktionéieren.

A wéi gesot, no enger gewësser Zäit léist Der Är ASBL op an da kuckt Der mol, wéi dat klappt. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Faltz.

D'Madamm Scholl huet d'Wuert an duerno den Här Baum.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Här Buergermeeschter, Dir Léif alleguerten, ech wéilt nach eng Kéier ënnersträichen, dass mer an der Kulturkommissioun dës Konventioun mat enger grousser Majoritéit ugeholl hunn an dass ech Iech effektiv nach eng Kéier wëll drun erënneren, dass FrEsch am Fong och gegrënnt gouf, fir den Heritage vun 2022 Europäesch Kulturhaaptstad ze perenniséieren. An och, fir dass d'Stad Esch weider kulturell opbléie soll.

Dat ass am Fong och e wichtegt Zil, un deem mir alleguerte jo dann och do matschaffen.

Ech mengen, et sinn e ganze Koup europäesch Kulturhaaptstied, déi no dem Kulturjoer sou Associatiounen, sou ASBLe gegrënnt hunn, wéi, wann ech mech net ieren, Lille3000.

Wéi gesot, et ass de Wëllen do, fir de positiven Elan vun enger europäescher Kulturhaaptstad weiderzedreiwen.

An dem CA waren effektiv all eenzel Parteie säit der Grënnung dobäi, mat dra vertrueden. An de But détim war dann och am CA FrEsch, fir absolutt Transparenz ze garantéieren. Déi detailléiert Konte goufen och do virgeluecht.

An ech wëll och nach eng Kéier ënnersträichen, dass all eenzele Member vun all Partei, deen dann do drasouz, super mat dru geschafft huet. Et ass keen do, deen eppes net wousst.

An awer si mer de Fuerderungen nokomm, fir dat Ganzt ëmzegestalten. An zwar an der Form vun enger Comité d'accompagnement stratégique, wou dann effektiv d'Politik ganz aus dem decisive Charakter erausgeholl gëtt. En huet awer Abléck weiderhin an déi detailléiert Konten. A mir stëmmen dëser Konventioun zu 100 % zou. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Scholl.

Den Här Baum huet d'Wuert an duerno den Här Ramdedovic.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Den Här Knaff huet virdru gesot, datt an der Vergaangenheet dës Diskussioune ganz dacks houleuse gewiescht wieren. An ech mengen, hie misst sech dann awer froen, firwat et sou war.

D'lescht Joer war et houleuse, well mer – den Datum weess ech elo net méi ganz genau – am Mäerz an eisem Budget e Budget presentéiert kritt hu vu FrEsch, deen awer an där Sëtzung selwer net drukomm ass. An déi Sëtzung drop hate mer dann de Punkt um Ordre du jour an do huet d'Kolleegin Weyrich, wat dann aner Zuelen hat, anscheinend déi richteg Zuelen, huet et déi virgelies.

Dat heescht, innerhalb vu véier Wochen hat sech d'lescht Joer einfach e Budget komplett geännert. An dat richtegt Dokument hate mir als Gemengerot net. Wonnert Iech net, wa Leit da soen, dat wär net ganz transparent.

Mir hate virun dräi Méint, den Här Faltz huet et och gesot, d'Konventioun mat Transition Minett um Ordre du jour. An och do war sou en Dokument, sou e Budget an eisem Dossier. A mir hu gesot, ma mir ginn deene 750.000 €. Mir mussen awer zumindest wëssen, wat se maachen.

Och si hu vill a komplex Projeten. Mir géifen als Gemengerot gär de Suivi dovu maachen, fir ze gesinn, wéi a wou mer déi Sue sënnvoll investéieren.

Den Här Sehovic huet dat och verstanen an den Här Sehovic huet gesot, komm, mir huelen dee Punkt vum Ordre du jour, dee Rapport d'acitivité gëtt et. Komm, mir huelen de Punkt op déi nächst Sëtzung, Dir kritt deen. Mir hunn de Rapport d'acitivité och kritt an hunn de Budget matvotéiert.

An der leschter Sëtzung waren eng Rëtsch Kultur-ASBLen, mat deenen och Konventioune gemaach goufen, an do ass gesot ginn - ech weess et, well nämlech ech war et –, solle mer dann net dat zum Prinzipp maachen, datt an de Konventiounen drasteet, ab engem bestëmmte Montant – elo net fir 5.000 €, mee ab, ech weess et net. Wann een eng Konventioun mat enger ASBL huet ab 50.000 oder 100.000 €, datt nieft dem Rapport d'activité e Finanzbericht en inklusiven Deel ass, net nëmmen, fir déi ASBLen ze kontrolléieren, mee och, fir déi Aarbecht, déi si maachen, kënne wäertzeschätzen.

Elo hu mer hei eng Konventioun, déi déckst mat enger ASBL, nämlech iwwer 3,9 Milliounen, an eisen Dossier besteet aus deem Blat. Deem Blat.

An der Kulturkommissioun ass nogefrot ginn, ob een de Budget vläicht e bësse méi detailléiere kéint. Ob ee vläicht kéint kucken, wou sinn déi 1,6 Millioune Salairen affektéiert, wat ass d'Proportioun vun de Salairen, déi an d'Nuit de la Culture geet, déi a Francofolies geet, déi a Bâtiment IV geet.

Wéi ass d'Salariatstruktur bei enger ASBL, déi – an ech kommen dorobber nach ze schwätzen, bei där ech jo och eng Zäit am Conseil d'administration war. Gëtt et en Organigramm? Ech weess awer net, ob deen entre-temps geännert huet, wéi do d'Affektatioune sinn.

Dat ass Transparenz. Dat wier Transparenz, déi mer hei am Gemengerot bräichten. Dat ass net geschitt, an dofir mengen ech, Här Knaff, däerft Dir Iech net ze vill wonneren, wann de Wonsch no Transparenz do ass a wann Diskussiounen doduerch houleuse och kënne sinn.

Ech weess net, ob ech Iech richteg verstanen hunn. Well wann ech Iech richteg verstanen

hunn, da kéint ech erëm houleux ginn. Ech weess awer net, ob ech lech richteg verstanen hunn, dofir wëll ech dat, iert ech houleux ginn, deem nach eng kleng Gedenkminutt ginn.

Dir hutt gesot, wann ech dat richteg verstanen hunn, datt déi 3,9 Milliounen och eng Affektatioun hätten innerhalb vun de verschiddenen Aktivitéiten. Dat heescht, innerhalb vu Francofolies, innerhalb vun Nuit de la Culture, Bâtiment IV an da Label Esch2020, wou ech éierlech als kulturaffine Mënsch net weess, wat fir eng Aktivitéit dat ass. Dat géif mech och interesséieren.

Mee Dir hutt gesot, datt vun deenen 3,9 Milliounen, wann ech mer et richteg opgeschriwwen hunn, 1,6 Milliounen eng Affektatioun hätte fir d'Francofolies, 1 Millioun fir d'Nuit de la Culture.

Wann dat sou ass, ma da géif ech dat gär an engem Budget gesinn. Et kann awer och sinn, datt ech et elo falsch verstanen hunn.

Verstitt Der, wann et déi Donnéeë gëtt, dann hätt ech dat gär als Gemengerot, fir dat kënnen ze kontrolléieren.

An der Kulturkommissioun ass och gesot ginn, et géif e méi detailléierte Budget ginn, mee dee wär just zougänglech fir Gemengeréit. Ech war haut de Moien a gëschter Owend nach op eisem Portail, op eisem Workflow, ech hu kee sou detailléierte Budget gesinn.

Dat ass e Problem. An doriwwer, mengen ech, muss ee kënne schwätzen.

An de Problem ass, datt déi Konstruktioun vu FrEsch effektiv à la base problematesch ass. Et ass richteg, datt ech och gesot hunn, datt ech zimmlech bosseg ass, wa véier Membere vun engem Schäfferot eng Konventioun maache mat engem anere Member vum Schäfferot a mam Generolsekretär. Och dat ass dëst Dokument, wat mer haut votéiere sollen. Datt dat net gesond ass, datt dat malsain ass, hunn ech gesot, an datt een dofir aner Weeër misst goen.

Ech kommen herno drop zeréck. Dee Wee, deen Dir proposéiert, kënnt net vu mir. Mee ech kommen herno dorop zeréck.

Den éischten a grousse Problem bei FrEsch ASBL ass, datt et eng ASBL ass. Eng reng privatrechtlech Struktur, déi net wéi all aner Veräiner – an dat ass eigentlech de Sënn vum ASBL-Gesetz –, déi vun ënnen erop, wou Leit sech zesummendinn a soen, mir hunn e gemeinsamen Interêt, e gemeinsame soziale But, eng sozial Aktivitéit oder kulturell Aktivitéit. A mir setzen eis zesummen a mir kreéieren eng ASBL. An déi Leit, déi d'ASBL kreéieren, sinn och responsabel dofir, wat si domadder maachen.

Hei geschitt genee de Contraire. Et gëtt eppes, oder et ass an et gëtt nach weider verschlëmmert, eppes top-down agesat. Dat heescht, et gëtt just eng Karkass geholl, nämlech eng juristesch Form, déi vun der ASBL, fir Suen ze verwalten. An dat féiert zu ganz grousse Problemer.

Dat féiert zu Problemer, wat d'Responsabilitéit ugeet vun deene Leit, déi an deenen ASBLe sinn. Et féiert och zu Problemer an huet och an der Vergaangenheet zu Problemer gefouert par rapport zu enger Situatioun, wou een zwar gläichberechtegt soi-disant an enger ASBL ass, wou awer gläichzäiteg de Patron a säi Salarié an der selwechter ASBL sëtzen. Dat ass e komplett malsaint Verhältnis.

Ech kommen awer zum Schluss, wann et ëm d'Gouvernance geet oder Är nei Propos, kommen ech e bësse méi am Detail dorobber zeréck.

Fänke mer u mat dem Budget vun de Francofolies. Ech si kee Frënd, an dat war ech nach ni, vun Eventkultur. Ech war et och net 2001 – Dir hutt jo virdrun den Historique gemaach –, wéi eng aner Majoritéit mat eiser Bedeelegung um Gaalgebierg en éischt Kulturfest gemaach huet. Deen Artikel huet Placebo geheescht, well ech gemengt hunn, net nëmme well Placebo Headliner war, mee well en och op d'Kulturpolitik géif passen.

Ech war frou doriwwer an ech sinn et bis haut net, well ech mengen, datt déi Budgeten, déi employéiert ginn, disproportionéiert sinn. 3,9 Millioune kritt FrEsch, den allergréissten Deel dovunner ass d'Francofolies. An dat ass disproportionéiert par rapport zu deem, wat mer an engem Weekend, oder wat de Public an engem Weekend op enger Plaz am Joer gebuede kritt. Dat ass disproportionéiert vun den Ausgabe par rapport zu deem, wat herno erauskënnt. Dat ass meng profund Iwwerzeegung.

An Dir hutt gesot, datt et 15 % wieren – 15:85 huelen ech jo dann un –, wat d'Verhältnis wier vun Evenementiel par rapport zu Institutionnel, wann een dat sou kann ...

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Montant global.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Majo, dann ass 15 % den Evenementiel a 85 %, déi iwwreg bleiwen, ass dann den institutionellen Deel, wa mech meng Rechefäegkeeten net komplett am Stach loossen.

Wann dat sou ass, da muss ee sech d'Fro stellen, wéi ass d'Entwécklung dovu gewiescht. A wa mer elo esou e grousse Montant awer an den Evenementiel stiechen, dann ass menger Meenung no dat disproportionéiert zu der Erweiderung vun den Ausgabe par rapport zu anere Saachen.

Dir kënnt elo net domadder averstane sinn, an dat ass e politesche Choix. Dat ass e politesche Choix, dat maach sinn. Mee et bleift awer dobäi, datt Suen a Milliounenhéicht auszeginn, fir op engem Weekend eppes op enger Plaz ze maachen, fir mech disproportionéiert ass.

Da komme mer zur Location. Dir hutt den Historique gemaach, wéi den Emile-Mayrisch-Stadion gebaut ginn ass, datt do Futtballmatcher sinn um Gaalgebierg, Dir hutt all méiglech Forme vun Evenementer, och de Beachvolley, opgezielt. Dir hutt all Form vun Aktivitéiten opgezielt. Dir hutt nach de Pitcher-Petanque-Club vergiess, deen do och scho mol eng Kéier do Boule pétanque gespillt huet. Mee dat sinn awer aner Proportiounen.

Mir hunn de Rapport, op deen ech och nach eng Kéier wäert agoen, vun de Francofolies, eng Etüd, déi do gemaach ginn ass. Déi seet, et si ronn 27.000 eenzel Besicher gewiescht iwwer de Weekend. Zesummegerechent iwwer déi dräi Deeg wieren et 40.000.

Dat steet awer a kengem Verhältnis zu deem, wann e Futtballmatch vun der Fola ass. Här Knaff, et gesäit net gutt aus fir déi nächst Joren, wat d'Zuschauerzuelen ugeet.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Et huet nach ni dichteg ausgesinn.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Effektiv, et huet nach ni ganz dichteg ausgesinn.

Mee dat si komplett aner Ordre-de-grandeuren, ob de Beachvolleyball do eppes organiséiert, wou 2.000 oder 2.500 Leit dohinner kommen oder op en Event, wou 40.000 Leit do sinn, mat awer risegroussen Aschränkungen, déi wäit, wierklech wäit iwwer dee Weekend erausginn.

Dofir stellt sech wierklech d'Fro vun der Location. A se stellt sech och net nëmmen aus, wéi soll ee soen, aus der Tatsaach eraus, datt de Gaalgebierg awer en Noerhuelungsgebitt ass, eng gréng Long vun der Stad Esch, déi grad zu engem Zäitpunkt am Mee/Juni, wann d'Leit mol erëm wëllen erausgoen, déi da just nach begrenzt accessibel ass.

Et huet jo awer och mat Nuisancen ze di fir déi Leit, déi zum Beispill am Quartier Neiduerf sinn. Deenen hir Oppositioun oder hir Belaaschtung zu deem vu Joer zu Joer méi grouss gëtt, an och hir Oppositioun par rapport zu där Location.

Wat de Core Business vun FrEsch ugeet, nämlech d'Francofolies, datt ech der Meenung sinn, datt de Budget disproportionéiert héich ass, datt d'Location net gutt ass.

An da sinn an der Vergaangenheet ëmmer zwee grouss Argumenter evoquéiert ginn. Jo, duerch d'Francofolies wier Esch elo endlech op der kultureller Landkaart ukomm. Bein, ech mengen, Esch och op der musikalesch-kultureller Landschaft. Wann ee just op de Beräich Musek kuckt, do si mer scho laang ukomm, mengen ech, duerch Aktivitéiten an der Rockhal an an der Kulturfabrik.

An dann ass ëmmer erëm gesot ginn, jo, déi vill Suen, déi mer do investéieren, et dierf een net vergiessen, dat huet och e ganz grousse Retour économique. Do hunn ech dann awer de Moien am Workflow déi Etüd do entdeckt iwwer de Retour économique vun de Francofolies.

An do muss ee soen, also vill méi mince geet et net. 72 % vun de Commerçanten hei zu Esch soen, et hätt keen oder hätt kaum Impakt. Den Haaptimpakt, deen et huet, déi Suen, déi hei ausgi ginn, den éischte Posten an den éischte Beräich, dat sinn d'Tankstellen. Ma super, finanzéiere mer elo Tankstellebesëtzer?

67 % vun de Befroten hunn deementspriechend och gesot, wann een d'Francofolies einfach net méi géif maachen, wat och ech net an där Form soen – ech menge just, datt een et anescht an op enger anerer Plaz misst maachen. Soen zwee Drëttel vun de Commerçanten, datt dat kaum oder iwwerhaapt keen Impakt hätt.

An da kënnt de grousse Saz an där Etüd: „L'impact économique primaire du festival est positif à l'échelle nationale luxembourgeoise" - et ass Säit 84 – „avec environ 200.000 € d'impact. Et il est neutre à l'échelle eschoise." Ekonomesch bréngt et näischt.

Dat heescht, dat Argument, dat ëmmer erëm benotzt ginn ass an der Vergaangenheet, fir ze soen, dir kënnt vläicht soen, datt de kulturellen Impakt net grouss ass, dir kënnt vläicht soen, mir missten anescht maachen, mee et huet e groussen ekonomeschen Impakt. Är eegen Etüd seet, et huet keen oder kaum ekonomeschen Impakt.

Dofir mengen ech, datt dat och nach eng Kéier wëssend dat ënnersträicht, wat ech virdru gesot hunn, datt et disproportionéiert vill Sue sinn, déi do fir een Event, ee Weekend ausgi ginn.

Ech hu virdru schonn an der Debatt gesot, interessant hunn ech och fonnt, datt et, wat konterintuitiv ass, datt et net en Event ass, dee populär klassesch Schichten unzitt, mee éischter gebilt Schichten unzitt. Dat war an deem dote Mooss och eigentlech net bewosst.

Zweetens, de Bâtiment IV. FrEsch këmmert sech och leidlech ëm de Bâtiment IV. Et ass e bëssen d'Stéifkand vu FrEsch, budgetär, wann ee gesäit, wéi vill Sue fir de Bâtiment IV virgesi sinn. Dat sinn – elo hunn ech mäi Bréll net dobäi – sinn eng Kéier 120.000 € Loyer an dann nach eng Kéier 100.000 € fir Projets culturels. Also par rapport zum Gesamtbudget vu knapp 8 Milliounen e verschwindend klengen Deel.

Et ass awer dat, wat hätt kënnen d'Ierfschaft vun Esch22 sinn. Et hätt kënnen dat sinn, wat als Tiers lieu culturel, als deen et annoncéiert war, a vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte räichlech kofinanzéiert ginn ass. Et hätt kënnen d'Ierfschaft si vun Esch22 an et hätt kënnen e spruddelnden Essort si vun enger sech dynamiséierender Escher Kulturlandschaft, déi ganz staark och op dem associativen Deel hätt kënnen agéieren.

De Problem ass, et gëtt kee Konzept an et gëtt kee Budget. Bon, do kann ee soen, wa kee Konzept do ass, da brauch een och kee Budget.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

An awer sinn 31 Associatioune frou, dass se do sinn.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Jo, et ass eng Herberge, Här Knaff.

Et gëtt nawell kee Konzept. Ausser Dir hätt mir et bis elo erfollegräich verheemlecht. Ech hunn et bis elo net héieren. Et ass eng Herberge, dat ass et.

Et ass alt dat. An Dir hutt natierlech Recht, et ass besser wéi näischt. Dat hunn ech jo och net gesot. Mee et ass zumindest kee Konzept. Obwuel et awer groussmundeg och als Konzept eng Zäit laang ugekënnegt war, nämlech als autogeréierte Kulturzentrum. Dat stoung deelweis ganz laang – an dat war och den Usaz vu Konzepter, just ni weidergefouert ginn – als Iddi vum Bâtiment IV.

A ganz vill strukturell Problemer, déi mer hunn, hunn och domadder ze dinn, datt de Bâtiment IV an dat, wat an deem Haus, an deem Lieu soll geschéien, ni wierklech konzeptuell gefaasst ginn ass.

Zwee Sätz just zu deem grousse Konflikt da mat Richtung22. Ech mengen och, datt déi Usätz vun Autogestioun, vun organiséierter Autogestioun, déi et gi sinn a wou et och ganz liichten Encadrement am Ufank ginn ass, deen awer ni weidergefouert ginn ass, mat ee vun de strukturelle Problemer ass. Datt et do, soe mer mol sou, ganz grouss Mëssverständnisser gi sinn, datt et do Revirementer am Verständnis vun Autogestioun gi sinn, an datt mer elo an enger ëmmer méi konfrontativer Situatioun mat Richtung22 sinn.

Ech sinn der Meenung, datt Richtung22 eng kulturell Associatioun ass, deenen hire kënschtlereschen Output wichteg ass, datt e sech evoluéiert, datt en eng positiv Dynamik huet. Eppes wat mer hei am Land an och hei zu Esch brauchen.

Wat awer net heescht, datt ech mat all Aktioun vu Richtung22 averstane sinn. An ech sinn och net domadder averstanen, datt mat déi engagéierst Leit an der Escher Kulurzeen op eemol als Geisel geholl ginn. Domat sinn ech net averstanen.

Mee datt dat iwwerhaapt méiglech ass, och dofir gëtt eng Responsabilitéit beim Schäfferot. Dat sinn nämlech Leit, déi sech net wiere kënnen, zum Deel, well et Beamte sinn. An ech mengen, datt ee sech dofir ganz ganz gutt misst iwwerleeën, wann een elo déi

Konstruktioun FrEsch ännere wëll, wéi Dir se proposéiert, hunn ech den Androck, datt Der déi Verantwortung nach eng Kéier méi wäit wëllt ewechginn.

Elo sollen d'Statutte sou geännert ginn, datt eng ASBL do ass, wou fënnef Gemengebeamten oder Fonctionnairen a véier Vertrieder vun der Zivillgesellschaft, déi eppes mat Esch ze dinn hunn – wien dat dann ass a wien dat wëll maachen, dat wësse mer net.

Déi si responsabel fir d'Gestioun vu FrEsch. Ech mengen, dat geet net. Ech menge ganz éierlech, datt dat net geet.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Dir hutt et dach proposéiert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Nee, ech hunn et net proposéiert. Ech soen Iech herno, wat ech proposéiert hunn.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Dir hutt et proposéiert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Nee, ech hunn et net proposéiert. Dir kënnt mer jo dann dat an iergendwellche Verbatim nosichen, wat ech da scheinbar proposéiert hätt.

Nee, hunn ech net. Ech soen Iech herno, wat ech proposéiert hunn.

Dat hei, dat ass d'Verantwortung ganz ewechginn, déi politesch Verantwortung op eng privatrechtlech Struktur, wou een dann deet Weisungsuntergebenen, nämlech Beamten oder Fonctionnairen, Responsabilitéit iwwerhuele fir politesch Decisounen, déi de Schäfferot hëlt.

Ech mengen, datt dat net geet. Ech mengen och net, datt dat an iergend enger Form de Wee ass.

Wat de Wee wier, Här Knaff, an Dir hutt en an Usätz – well dat hunn ech nämlech preconiséiert. Datt een nach eng Kéier d'Aktivitéite ronderëm dat, wat ech Evenementiel nennen, an dat, wat Bâtiment IV kéint sinn, vuneneen trennt.

Datt een de Bâtiment IV an e Kulturservice gëtt, déi Zäit, wou mer nach, an dat hunn ech och gesot, déi Zäit, wou mer nach iwwer Autogestioun geschwat hunn, hunn ech dofir plädéiert, eng ganz eege Struktur ze schafen, déi iergendwéi un d'Gemeng ugekoppelt wier. Awer dat hätt ee misse kucken. Do ginn et am Ausland Beispiller. Dat hätt kënnen eng Pist sinn.

Déi Pist, déi Dir elo selwer evoquéiert, dat siddele mer mëttelfristeg, wéi och ëmmer, beim Service Cutlure un, ass eng absolutt valabel Propos.

Et ginn och aner Gemengen hei am Land, déi Festivallen organiséieren. D'Gemeng Diddeleng organiséiert och Festivallen, an et ass bei hinnen de Service Culture, deen dat mécht. An ech mengen och, datt dat de Wee wier. An och dofir hunn ech andauernd plädéiert.

Grad sou wéi ech plädéiert hunn, Här Knaff, dat kënnt Der Iech jo och nach erënneren – am Ufank war FrEsch, déi Zäit, wou ech jo dann och am Conseil d'administration war, responsabel fir d'Bridderhaus an d'Konschthal. An ech hunn ëmmer dofir plädéiert, dorauser en eegene kommunale Service ze maachen.

Am Ufank sinn ech vun Iech an och vun aneren domadder belächelt ginn, bis Der op eemol op

d'Iddi komm sidd, datt dat awer vläicht guer net sou domm wier, well et deene Strukturen eng Planungssécherheet géif ginn.

Dat hu mer entre-temps erreecht. Ech hunn Iech och deemools felicitéiert dofir, datt Der op dee Wee gaange sidd. An dat do ass dee Wee, wou mer souwuel politesch Responsabilitéit kënne festmaache wéi och d'Kontrollfunktioun vum Gemengerot.

An dofir verstinn ech beim allerbeschte Wëllen och déi Iddi vum Comité d'accompagnement stratégique net. Do schafe mer also – et ass och relativ komesch formuléiert, mee bon.

Also mir veränneren eng ASBL, wou da keng Politiker méi drasëtzen, déi zwar d'Sue votéieren, mee just nach Beamten, déi se geréieren an déi déi eenzeg zivillrechtlech a penal Responsabilitéit dofir hunn.

Klamer op: Ech sëtzen och an der Spezial-kommissioun an der Chamber an ech ka mech och nach drun erënneren, wéi d'Beispill BENU Village duerch Mëssmanagement oder Feeler, déi geschitt sinn, wéi ASBL-Strukture kënnen zugronn goen. Och dat, Klamer zou, fir ze soen, datt d'ASBL-Struktur, mengen ech, net dat gëeegent Mëttel ass, fir Bäiträg a Milliounenhéicht ze verwalten.

Dat heescht, nieft enger ASBL elo nach e Comité d'accompagnement stratégique mat Kompetenzen, déi Dir ganz grouss nennt, déi ech éischter relativ flou fannen, wou dann en Deel vun de Gemengerotsmemberen dran ass an deen dann, jo wat, Bilane kritt vu FrEsch, do heiansdo Reuniounen huet. An déi dann nach eng Kéier de Gemengerot iergendwéi soll consultéieren oder aviséieren.

Ma mir hunn eng Struktur, eng demokratesch gewielt Struktur, déi dat kéint maachen. An dat ass d'Kulturkommissioun. Wéi eng Funktioun hätt an deem dote Konstrukt dann nach d'Kulturkommissioun?

Komm, mer bleiwen op deene Weeër, déi mer kennen, a maachen net nach aus enger Kakophonie vu Responsabilitéiten, setze mer elo nach eng weider dobäi. Ech mengen net, datt dat kéint zur Transparenz bäidroen.

Dofir, Här Buergermeeschter an Här Knaff, wäert ech op jidde Fall, wéi schonn an der Kulturkommissioun, déi heite Konventioun net matstëmme kënnen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Den Här Ramdedovic, duerno den Här Schmit.

**M. Dejvid Ramdedovic (CSV)**

Merci fir de Wuert.

Ech wäert hei mäin Ënnerstëtze fir de FrEsch ASBL ausdrécken. Eis kulturell Associatioun, déi eng zentral Roll am kulturellen a musekalesche Liewe vun eise Stad spillt.

Duerch Organisatioun vu Concerten, déi fir jiddereen op sinn, mécht FrEsch et méiglech, dass sou vill jonk wéi och manner jonk Escher Bierger direkt Zougang zu Musek kréien, zu den Treffen an zu den Emotiounen.

FrEsch bréngt Kultur a Musek an d'Häerz an eiser Stad. Si verkierpert eng dynamesch, inklusiv an essentiell Visioun vum Zesamme-liewen. Dowéinst wëll ech, dass eise Gemeng dës Struktur weider aktiv ënnerstëtzt. Eng Struktur, déi Esch duerch Musek a sozial Zesammenhalt liicht a wäit iwwer d'Grenz strale léisst.

Als Finanzexperte vu Beruff géif ech gär virschloen, an der neier Statutten en Artikel anzeféieren, deen e Kontrakt mat enger Fiduciaire an externe Reviseur op maximum dräi Joer limitéieren. Ouni Méiglechkeet fir eine automatesche Verlängerung. Am beschte wäert et och, wann de Fiduciaire an de Reviseur net an dem selwechte Joer géife gewiesselt ginn.

Dës Demarche steet nach emol méi Vertrauen a soll och bei anere Statutten a Konventiounen usus sinn.

Am Schluss, ech invitéiere FrEsch och drop, sech nach méi fir aner Escher Kulturveräin opzemaachen, fir eiser lokaler Artisten a Gruppen zu ënnerstëtzen, weiderzebréngen a si aktiv an déi grousse Manifestatiounen, déi FrEsch organiséiert, anzebannen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Ramdedovic.

Den Här Schmit an duerno d'Madamm Weyrich.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, meng Virgänger sinn zimmlech haut, géif ech soen, awer an den Detail gaangen, wat ech och hei da begréissen. An et ass vill gesot ginn, wat am Fong geholl wouer ass. Ech konnt de leschten Intervenanten an der Grousszuel vun hiren Äusserungen nëmme Recht ginn.

Ech wëll och dann hei net ze laang ginn, vu que datt scho vill Saachen am Fong geholl gesot ginn ass. Vläicht nach e puer Saachen trotzdeem.

Den Här Baum hat zum Beispill gesot, d'Francofolies missten anescht organiséiert ginn, wat ech natierlech voll ënnerstëtzen. Mee hien hat och gesot, se missten awer net onbedéngt annuléiert ginn, se missten anescht gestalt ginn.

Ech sinn och dobäi, se mussen anescht gestalt ginn, mee wann et sou sollt bleiwen, wéi et elo ass, dann hätt ech se nach léiwer net wéi sou.

An ech mengen, dat ass schonn eng staark Ausso, mee déi Situatioun ass am Fong geholl fir mech intenabel.

Ech hat och scho wéi vill Mol gefrot, datt en neien Audit dat alles soll analyséieren an datt mir dann och e Bericht hei am Gemengerot vun deem neien Audit solle kréien. Well wéi d'Situatioun elo ass, ass jo scho beschriwwe ginn, dat ass einfach méi wéi opaque.

Dat kann net méi sou weidergoen, dat wäert och warscheinlech net méi sou weidergoen. Déi nei Proposen, déi wou elo um Dësch sinn, weisen zwar e Versuch hin, eng Verbesserung ze gestalten. Op jidde Fall si se ongenügend a fir mech géife se net alles opdecken, sou wéi et sollt sinn.

Dat heescht, do kann ee mat guddem Gewëssen net fir sou eppes stëmmen, fir sou e Projet stëmmen, dee wou einfach nëmmen eng Kéier kuerz an déi richteg Richtung blénkt, awer am Fong geholl de Wee net geet.

Wat ech och festgestallt hu vun den Interventioune vun der Madamm Scholl an dem Här Knaff, ass, datt se oft schwätze vun der Grënnung vu FrEsch. An ech hunn d'Gefill – vum CA vu FrEsch – an datt se dann och ëmmer wëllen insinuéieren, sou hunn ech d'Gefill, datt all déi politesch Parteien, déi wou jo da mat dobäi ware vun der Oppositioun, och solle responsabel si fir déi aktuell Situatioun, déi wou mer hunn.

Ech ka mer denken, datt de Rescht vun der Oppositioun, déi wou dobäi waren, sech do warscheinlech net freet. An da kann ech nach just vläicht soen, datt ech mech freeën, vu que datt ech zu deem Zäitpunkt nach net am Gemengerot war, datt op jiddefalls d'ADR Esch nach ni am CA vu FrEsch mat dobäi war an do un där ganzer Situatioun doutsécher keng Schold huet.

Jo, dat muss een heiansdo kloerstellen, well et gëtt ëmmer gesot vun „all Partei". Mir hei wëssen, wéi d'Lag war, mee dobausse kéint dat missverstane ginn. Also den ADR Esch war nimools do mat dobäi an huet mat där ganzer Saach a mat deem Schlamassel, kann ee scho soen, näischt ze dinn.

De gréisste Reproche – also et si vill Reprochë gemaach ginn: Aupacitéit, Geldverschwendung. Jo, effektiv.

An dann déi Eventpolitik, déi fir mech hei op d'Spëtz gedriwwe gëtt. Déi alles blockéiert a Millioune kascht. Dat kann et net si fir Esch. Dat ass fir mech eng Bling-Bling-Verschwendung. An dovunner huet den Escher an d'Escher Geschäftsleit am Fong geholl guer näischt.

Déi Situatioun muss geännert ginn. Ech erhoffe mer, datt nei Proposen op den Dësch kommen. Ech erhoffe mer och, datt endlech en neien Audit gemaach gëtt an datt mer am Gemengerot dann e genaue Bericht kréien. Datt mer och net nëmme Linnen an engem Budget gesinn, mee datt mer och méi erkläert kréien, wéi dann déi Sue richteg verwent gi sinn.

Well ëmmerhi schwätze mer jo – mir haten et jo kuerz gesot – do d'Francofolies um Gaalgebierg vun enger Zomm vun 1,6 Milliounen. An da FrEsch 3,9 Milliounen.

Dat sinn Zuelen, déi et a sech hunn an am Fong geholl rechtfäerdegen, datt een do méi an den Detail geet an datt een och eng politesch Verantwortung do kann droen. An net einfach sou pauschal do gefuerdert gëtt, fir iwwer sou Zomme matzestëmmen, wann een am Fong geholl guer net weess, ob dat wierklech richteg an der Rei sou ass.

Wéi gesot, ech hat jo gesot, ech géif net ze laang maachen. Ech hale mech dann och dorun. Mee ech erwaarde mer am Fong geholl ganz nei Proposen an där heiter Saach. A sou wéi dat elo presentéiert ginn ass, kann ech, wéi de Rescht och vun der Oppositioun, dat do absolutt net matdroen.

Ech soe Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

D'Madamm Weyrich an duerno den Här Funck.

**Mme Joy Weyrich (CSV)**

Merci fir d'Wuert.

Also viru genau engem Joer hu mir genau dat selwecht Theema vu FrEsch schon an dësem Gemengerot behandelt. An Dir kënnt Iech nach e bëssen drun erënneren, dass dat zu vill Tamtam an der Press gefouert huet.

An ech wëll just nach sou puer Schlagwierder erënneren, déi haaptsächlech ronderëm gegeeschtert sinn. Dat war vu „Bling-Bling-Eventkultur", „Pim-Knaffiséierung vun der Kultur" an natierlech och de berüümte „Pim-Tonic", deen duerchgaangen ass.

Mee leider ass et wéi ëmmer erëm an der Politk nëmmen ëm de groussen Tamtam

gaangen an doduerch ass am Fong de Wäert an de But vu FrEsch komplett, deemools an och erëm haut, an den Hannergrond geroden. An ech stëmmen dem Här Faltz zou, et soll hei am Gemengerot net ëm sou Schlagwierder goen, mee ëm d'Fakte souzesoen.

A FrEsch ass jo deemools als komplementär zur Organisatioun vun Esch2022 gegrënnt ginn a sollt déi kulturell Villfalt an d'kreativ Potenzial vun der Regioun erhalen a weider ausbauen. Et soll dorëms goen, d'Kultur fir jiddereen ze fërderen, an dann och net nëmmen den Evenementiel, mee och d'Kreatioun.

An dass FrEsch funktionéiert gesäit een notamment un dem Erfolleg vun de Francofolies a vun der Nuit de la Culture.

De Statutt als ASBL spillt virun allem an der Kultur eng ganz wichteg Roll. D'Plangung vun den Evenementer, d'Verdeelung vum Budget an d'Personalandeelung ënnerleien net dem politeschen Turnus an duerch den ASBL-Status kënne vill bürokratesch Aschränkungen op Gemengenniveau vereinfacht ginn.

Verstitt mech net falsch, dat soll kengem d'Méiglechkeet ginn, Ausgaben ze verschleieren oder Suen verschwannen ze loossen. Kloerheet an Transparenz, genau dat ass leider iwwer déi lescht Jore jo verluer gaangen huet dozou verleet, kriminell Energie ze vermuten an d'Gerüchteküche e bëssen unzefeieren.

Mat deem ganzen TamTam, deen d'lescht Joer bedriwwen ginn ass a betitelt ginn ass mat „sou gëtt Oppositiounsaarbecht engem einfach gemaach".

Et muss een emol drop hinweisen, dass een et sech dann och notamment einfach gemaach huet an deem ëmmer erëm an der Press gefuerderten an dunn och am Oktober aberuffe Rendez-vous, fir Asiicht an Dokumenter vu FrEsch ze kréien, leider net nozekommen a bis elo och nach keen Ersatz-Rendez-vous gefrot huet.

Eng propper Buchféierung ass essentiell fir d'Vertraue vun de Bierger. Dobäi ënnersteet d'FrEsch ASBL och dem neien ASBL-Gesetz vu Juli 2023, wat wierklech verflichtend ass, wat op eng méi héich Transparenz, modern Verwaltungsstrukturen an eng besser Upassung ofziilt.

An dës Transparenz muss och op Gemenge-niveau bei der Presentatioun vun de Konventioune mat der ASBL an hire respektive Budgete weidergefouert ginn.

Duerch d'Aféierung vun den neie Statutten gëtt duerch déi nei Andeelung vum Conseil d'administration mat sengem Comité d'accompagenement stratégique endlech kloer Verhältnisser bezüglech der Gouvernance geschaf.

Ze begréissen ass hei och, dass nieft Fonctionnairen a Gemengenugestallten och endlech Bierger, also Zivillpersounen, dobäi sinn. Sou sinn den Informatiounsfloss vu FrEsch un d'Politik, d'Agräife vun der Politik an och eventuell Interessekonflikter hoffentlech propper gereegelt.

Nëmmen esou ass eng korrekt Féierung vun de kulturellen Ugeleegenheete vun der Stad Esch garantéiert a FrEsch kann als Baustee vun eiser Escher Kulturlandschaft sech endlech ëm dat këmmeren, wat hiren d'Job ass. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Weyrich.

An dann ofschléissend den Här Funck.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter.

U sech hat ech guer net wëlles, hei vill driwwer ze schwätzen. Mee wou d'Madamm Weyrich sech gemellt huet, fir ze schwätzen, hunn ech mer geduecht, vläicht kréie mer nei Zuelen. Well dat war jo d'lescht Joer sou. An ech hu geduecht, dat géif elo zur Reegel ginn.

Mee leider dann net, Här Baum. Dëst Joer musse mer mat deene puer Zuele liewen, wou mer hunn.

Mee ech wëll awer op en Artikel agoen, wou hei keen drop agaangen ass. Den Artikel 12 vun de Statuttepropositiounen.

Den Artikel 12 vun de Statuttepropositioune weist sech u sech en contraire mat der ganzer Transparenz, déi Der priedegt. Firwat? Fir mech bleift dat e bëssen de Wollef am Schofsfell.

Well do steet dran, an ech zitéieren aus dem Artikel 12: „Le conseil d'administration sera composé de cinq membres, 'fonctionnaire ou employé', représentant la Ville d'Esch-sur-Alzette et quatre représentants de la société civile en lien avec le territoire et sa scène culturelle."

Ma domat gëtt kloer gesot, dass e Salarié hei vun der Gemeng näischt am Verwaltungsrot vun der FrEsch ASBL verluer huet.

Also wësst Der jo ganz genau, wien déi Membere solle sinn. Oder firwat gitt Der sou kloer dorop an, dass e Fonctionnaire oder en Employé muss sinn? Da sot eis, wien et ass, wann Der wëllt. Et ass jo guer kee Problem. Mee sot eis et. A sot net, et muss e Fonctionnaire oder en Employé sinn. Gitt eis déi Nimm dovunner. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck.

Dann huet den Här Knaff d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech soen och de Riedner Merci fir hir Interventiounen.

Ech mengen, et muss een dat awer nach e bësse rappelléieren, datt FrEsch eng ganz jonk ASBL nach ass. Datt FrEsch nom Modell vun allen ASBLen, déi fir selwecht Zwecker utiliséiert gi waren, consituéiert ginn ass. An Esch hat eng laang Traditioun vun ASBLen, déi notamment eeben Evenementer am Espace public organiséiert hunn.

Et war genau déi selwecht Struktur wéi déi aner ASBLen, déi Joerzéngten hei zu Esch gegrënnt gi sinn an dann erëm opgeléist gi sinn, wann hiren Objet erfëllt war.

An nach eng Kéier: Et ass jiddweree vun de Parteie gefrot ginn, fir do matzemaachen. All Partei hat en Administrateur am CA, also mat alle Befugnisser, déi ee kann hunn. Dat heescht, mat dagdeeglechem Abléck a sämtlech Operatiounen, a sämtlech Konten. Et wosst also jiddwereen och, wéi eng Decisioune geholl gi waren, well dat jo de Fall am CA war. Dat ass dat éischt.

Ech gesinn elo, datt – an dat kann ee jo och verstoen, wann ee gesäit, den Här Baum huet et ugeschwat –, datt mer mat Geschichte wéi Caritas etcetera, datt een do vermeert als ASBL soll, muss oppassen, datt een all finanziell Feeler, déi ee kéint an der Gestioun maachen, datt een déi evitéiert. Datt een evitéiert, datt Suen do géife verschwannen. Datt ee géif op Presidententricken erafalen oder wat och ëmmer.

An ech mengen, dat hu mer gemaach. An dat hu mer net eréischt elo ofgewaart, datt haut Är Interventioune géife kommen. Mee dat gëtt bei eis an der ASBL FrEsch schonn éiweg praktizéiert. No dem selwechte Krittär wéi hei an der Gemeng Suen engagéiert ginn.

Dat heescht, fir all Depense muss e Bon de commande ginn. Et muss dann eng Rechnung ginn. Déi Rechnung gëtt bezuelt vu verschiddene Leit iwwer Virement. Do muss eng Ënnerschrëft gemaach gi vun zwee Leit minimum, plus den Direkter, deen d'Suen engagéiert.

Déi Piècë ginn encodéiert an der Comptabilitéit vun engem professionelle Comptable, deen d'Comptabilitéit an de Grand-livre an de Journal opstellt. Déi Konte ginn duerno vun den Administrateure guttgeheescht a se gi vun engem Reviseur d'entreprise verifiéiert.

Dat heescht, d'Administrateure sinn an deem Sënn ofgeséchert, datt hir Gestioun gutt gemaach ginn ass. Si sinn an deem Sënn ofgeséchert, wann de Reviseur seet, déi Compta ass richteg gefouert, mir hu keng Beanstandungen. Dann ass dat en Zeechen, datt d'Administrateuren hiren Job gutt gemaach hunn.

Elo gëtt gesot, dat geet nach net duer. Et muss nach méi gemaach ginn. Dat am Kader vun enger ASBL. Eng ASBL, déi natierlech hir Daseinsberechtegung huet, well verschidden Evenementer, déi se organiséiert, och fixéiert sinn an eisem Koalitiounsaccord, wou drasteet, datt mer déi wëlle weiderféieren. An do ass notamment de Festival des Francofolies an d'Nuit de la Culture dobäi.

Firwat ass déi Struktur geholl gi vun der ASBL? Well een awer, wann een am Evenementiel dann handelt, eng gewëss Rapiditéit muss hunn. Et muss ee reaktiv sinn. An de schwéieren, bürokrateschen Opwand, deen am Interieur vun enger Gemeng ass, deen ass inkompatibel domadder.

Mee wéi gesot, wa mer do de Passus fannen, datt den Här Baum, wéi een dat kéint maachen hei intern, da wär dat natierlech eng Optioun. Mee sot mir net, datt elo déi aner Leit, aner Gemengen, déi e Festival organiséieren, datt déi deen organiséieren.

Déi kafen e Festival clé en main. Dat war déi aner Méiglechkeet. Bei e Promoter ze goen – mir hunn der jo e puer hei am Land – a soen, organiséier mir e Festival. Da seet de Promoter, jo, ech organiséieren dir e Festival, dee Festival kascht sou vill. Oder sou vill muss du bäileeën.

An da komme mer an déi Situatioun, wéi mer effektiv waren an de Joren 2010 bis 2014, wou dat kee Mënsch méi interesséiert huet. Wou déi Festivallen, déi mer hei organiséiert hunn, kee Mënsch méi interesséiert huet.

Wou mer nach 800 Billjeeë verkaf hunn, éier met dunn opgehalen hu mat deene Geschichten, wou ëmmer ee grousse Promoter de Festival organiséiert huet. Mat vill Bling-Bling an deem Moment an och mat ganz iwwerdeierte Präisser fir déi Leit, déi kucke komm sinn um Niveau vum Catering.

Mir wollten dat anescht maachen. An d'Basis vum Festival ass och eng ganz aner. Well eppes, vun deem Dir ni schwätzt, keen heibannen, an dat mécht mech e bëssen traureg, well dat ass am Fong e Volet, deen lech all misst um Häerz leien. Dat ass dee vun der Participatioun.

Vun der Participatioun vun den Awunner, vun der Participatioun vun den Associatiounen. Vun där ganzer Aarbecht, déi vun de Grand-rêveure gemaach ginn. Där mer der entre-temps 3.000 hunn, déi do sinn, fir eis ze

hëllefe bei de Franco, fir eis ze hëllefe bei der Nuit de la Culture.

Wou all Dag um Terrain gekuckt gëtt, déi Leit matzezéien, mat ze begeeschtere fir déi Evenementer, déi mer am Espace public maachen.

Dat heescht, d'Iddi ass eng ganz aner. Dee Festival, dee soll gedroe gi vun der Basis hier. An et soll kee Festival sinn, dee vun uewen erof iergendwéi wéi en Ovni iergendwou higesat gëtt.

Dofir gëtt och d'ganzt Joer un deem Festival geschafft. Dofir ginn d'ganzt Joer iwwer Reunioune gemaach mat deene Benevollen. Dofir ginn d'ganzt Joer Formatioune gemaach fir eventuell Museker, déi do matmaachen. Mat der Francofabrik, wou se Coaching kréien, fir ze wëssen, wéi ee sech op enger grousser Scène beweeegt. Wat zesumme mat der Kufa gemaach gëtt. Dat ass eng ganz aner Optik, wéi dee Festival soll bestoen.

An dann op der anerer Säit muss ee soen, datt dee Festival – an do kënnt Dir sou vill falschrieden a schwaarzmole wéi der wëllt – en enorme Succès war. An dat all Joer, wou mer e gemaach hunn. Souguer dat Joer, wou mer en am Covid ënner de Restrictiounen hu misse maachen.

Et war e grousse Succès. Et ware ganz vill Leit e kucke komm. Entre-temps wësse mer, vu wou se kommen. Si kommen net nëmmen aus Frankräich. Si kommen entre-temps aus dem ganze Land. An de Festival huet sech en Numm gemaach. Sou datt, wéi gesot, de Wëlle vun eis do ass, fir dee Festival weiderzeféieren.

Wéi kréie mer elo – de Fait, datt d'Stad Esch déi ASBL subventionéiert, wéi kréie mer dat elo op en Nenner domat, datt Dir ... Är Mission de contrôle vun de Suen, wéi kréie mer déi esou gemaach, datt se Iech passt. Datt Dir mengt, Dir wäert genuch informéiert, fir dee Contrôle auszeüben. Well mir hunn, wéi gesot, do guer näischt ze verstoppen.

Wann et effektiv Saache ginn, déi kontraktuell festgeluecht ginn, datt een net Cacheten devoiléiert vun deem engen oder vun deem aneren, do musse mer eppes fannen. Mee pour le reste kënnt Dir déi Konte kucke kommen.

A mir haten dat jo och proposéiert. Do ass deen Datum näischt ginn a mir waarden elo nach op e Réckruff, wéini datt dann dee grousse Contrôle vun de Konte soll gemaach ginn.

*(Interventioun Här Steve Faltz)*

Dat ass esou. Dat sollt am Oktober sinn. Do war deen Datum net gutt, a mir waarden elo nach op en Uruff, fir déi Konten do mat Iech zesummen ze kucken, a wou Der kënnt all méiglech Fro stellen.

Sou datt dat, wéi gesot, ëmmer e Problem war iwwer Montanten, iwwer d'Héicht vum Subsid hu mer schonn am Dezember geschwat. Deen hu mer do festgeluecht, dee war do am Budget ageschriwwen.

Et kann een et elo héich fannen oder et kann een et net héich fannen. Mir mengen, datt mer déi Sue gutt an am Interêt vun der Stad Esch asetzen. Well dat ass net nëmmen eng Saach vu Musekfestival a Kulturfestival, mee et ass och eng Saach vu Visibilitéit vun der Stad. Et ass eng Saach vun Animatioun an enger Stad.

Et ass en Zeeche vu weisen, datt eng Stad lieweg ass. Datt se kapabel ass, e Festival vun esou enger Envergure ze organiséieren. Datt se gutt Leit huet, déi déi Saache maachen. Datt de Public och ugesprach ass vun deene Programmatiounen. An dat ass de Succès vu FrEsch.

Mee wéi gesot, mir sinn als CA elo – an ech denken, déi aner och, vu datt mer eis elo dozou engagéieren. Mir wëlle groussméiglech Transparenz. Awer Dir musst eis dann och soen, wéi Der se gär hätt. Well déi muss dann à la carte sinn.

*(Interventioun Här Steve Faltz)*

Mee mir kënnen awer ... an et ass eng ASBL, Här Faltz. Et ass eng ASBL, déi wéi aner ASBLen ...

*(Interventioun Här Steve Faltz)*

An och fir grouss, fir eng grouss ... jo, jo. Fir eng grouss, déi och mat gréissere Montante subsidiéiert ginn. Dat ass natierlech och en Agrëff an déi ASBLen. Mee wéi gesot, dat ass eis hei an dësem Punkt egal.

Mir wëllen, datt Der beschtméiglech informéiert sidd, wéi mir de Festival organiséieren. Well et ass, wéi gesot, do näischt ze verstoppen.

An ech wëll awer mat engem Wuert nach agoen – Dir hutt erëm vu Reese geschwat. Dat waart Dir jo kucke gaangen, wéi eng Reese si gemaach ginn.

Ech wollt Iech just soen, Dir hutt eng ugeschwat op Bayreuth, well Dir e Post gesinn hutt op Facebook. Bein, dat war eng privat Rees op Bayreuth, déi ganz eleng an nëmme vu mir ...

*(Interventioun Här Steve Faltz)*

An nëmme vu mir bezuelt ginn ass. Do hätt ech gär, datt dat gesot gëtt. An alles Aneres nëmmen an de Raum ze stellen, ass am Fong scho gemeng. Well wéi gesot, sou Saache sinn net richteg.

Ech mengen, elo ass alles gesot. Wéi gesot, mir wëllen dat selwecht. Mir wëlle gär, datt FrEsch weiderexistéiert mat engem anere Modell elo, well Dir net méi wollt d'Politik am CA sëtzen hunn. Dat hu mer adaptéiert.

Mir wëlle gär, datt et déi gréisstméiglech Transparenz ass. Datt Der kënnt Asiicht an d'Konten hunn. Dofir hu mer dee Comité d'accompagnement gemaach, wou Der vill méi no nach kënnt bei der ASBL dobäi si wéi elo hei am Gemengerot. Dat heescht, vun eiser Säit aus hu mir dat gemaach, wat d'Virgabe waren, déi Dir eis wollt opginn, an déi mer eis selwer wëllen opginn, fir all Schwieregkeeten an der Zukunft ze evitéieren.

An dofir géif ech Iech bieden, där Konventioun zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Knaff.

Well ech selwer ugeschwat gouf, respektiv och d'Fro opgeworf gëtt vun der Transparenz vun den Äntwerte vum Schäfferot, notamment op dann e Bréif, dee mer krute vun der LSAP, an dann e Verglach gemaach ginn ass mat der Situatioun, wou nach Dokumenter nogefrot goufe bei Transition Minett, wëll ech awer dann eng Prezisioun ginn.

Ech mengen, dass et ze ënnerscheede gëllt tëscht enger Fro un de Schäfferot, wou dann de Schäfferot zesumme mat der Administratioun, mat de Beamten, mat de Servicer eng Äntwert opsetzt, formuléiert an déi dann un de Gemengerot, deen d'Fro gestallt huet, weidergëtt, respektiv un eng Demande, fir Dokumenter weidergeleet ze kréien.

Natierlech huet den Här Sehovic déi Dokumenter weidergeleet. Et war awer net esou, dass do d'Administratioun vun der Stad Esch oder iergendwellch Mataarbechter vun der Stad Esch Dokumenter redigéiert hätten.

Dat ass och dat, wat ech eigentlech als Prämiss viraussetzen, dass mir als Administratioun keng Dokumenter redigéieren, Rapporte redigéieren oder Äntwerte redigéieren, wann do ASBLe sinn, déi awer eng Responsabilitéit hunn.

An dowéinst hutt Der och keng Äntwert kritt op déi Froen am Numm vun der Stad Esch, well dat net eise Béier ass a mir net déi Äntwerten ze liwweren hunn. Mee dat ass FrEsch.

FrEsch hat schonn eng Kéier en Datum – et ass elo e puermol gesot ginn an ech wëll net ze vill drop agoen – proposéiert, fir kënnen op déi Froen ze äntweren. D'Froe sinn nodréiglech komm, mee Dir hutt d'Dokumenter alleguerte kritt. Do war en Datum am leschte Joer am Oktober vun der ASBL fixéiert. Deen ass ofgesot ginn, net op Demande vun de Majoritéitsparteien.

Et ass kee Problem, mengen ech, fir déi Demande erëm ze formuléieren an ze soen, déi dote Versammlung kann erëm eng Kéier aberuff ginn, respektiv mat den neie Statutten, wou sech FrEsch gëtt, an dat ass, mengen ech, de Plus vun deenen neie Statutten, dass wierklech Parteien, déi hei vertruede sinn am Gemengerot, hir Plaz dann awer hunn, fir eng Kontroll an eng Transparenz zu all Moment ze hunn an déi all Moment kënne weiderzeginn.

Déi war och schonn eng Kéier gi virdrun. An enger anerer Form. Déi ass net erneiert ginn no de leschte Walen, dat stëmmt. Et si Parteien hei am Gemengerot, déi net an den ale Statutte berücksichtegt goufen.

Et ass esou, dass verschidde Parteien hir Leit net ausgewiesselt hunn dee Moment, wou d'Wale waren. Och dat ass e Choix, wou mir net a Fro ze stellen hunn. Mee mat dësem neien Outil mengen ech, dass déi Transparenz, déi gefuerdert gëtt, an à la fois déi Kontroll, déi gefuerdert gëtt, ginn ass. Sou dass een dann och op der richteger Plaz déi Froen direkt un de Conseil d'administration vu FrEsch ka stellen.

Mir stëmmen elo of iwwer d'Konventioun. Iwwer d'Statutte stëmme mer net of, well dat mécht natierlech eng ASBL.

A ganz ofschléissend, well och vill iwwer de Budget geschwat ginn ass an d'Opdeelung vum Budget an ob een net d'Sue sollt huele vu FrEsch an déi op aner Punkten, op aner Associatioune soll verdeelen. Jo, dat ass ëmmer schnell gesot.

Ech wëll awer soen, dass een e Budget net opstellt, andeem ee semer la zizanie mécht. An et ass ëmmer einfach gesot, komm, mir verdeele se anescht, komm, mir verdeele se un aner Associatiounen, déi et vläicht besser hätten.

Mee ech mengen awer och, wann d'Reflexioun déi wier, déi d'Finanzpolitik oder d'Politik vun der Stad Esch a vun eis alleguer zesummen hei géing guidéieren a wa mer wierklech sou géingen déi verschidde Linnen, déi verschidden Associatiounen ee géint deen aneren ausspillen, da mengen ech, da géing d'Kultur leider och de Leidtragenden duerno sinn.

An dowéinst ass dat doten net de richtege Wee, fir hei de Budget indirekt an där Form unzegräifen.

Au vote.

- ☒ **Enesa Agovic**
- ☒ **Aldin Avdic**
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Joy Weyrich)
- ☒ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☒ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 3.1. Convention relative aux aides à la pierre sis à 22, Cité Franz Leesberg ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Convention relative aux aides à la pierre fir d'Haus 22, Cité Franz Leesberg.

Et ass esou, dass mer hei eng Konventioun virleien hu mam Logementsministère, wou et ëm d'Konstruktioun vun engem Eefamilljenhaus geet, déi eeben op Nummer 22 an der Cité Leesberg soll sinn.

Et ass sou, dass d'Stad Esch hei zënter Joren, wann net zënter Joerzéngten en Haus stoen hat, dat als Sozialwunneng benotzt ginn ass, wat sech den Zoustand awer komplett degradéiert huet, wou ni gréisser investéiert oder renovéiert gouf.

Sou dass eigentlech elo de Coût, wa mer dat Haus géinge renovéieren, respektiv wa mer dat Haus och wéilten dann un déi aktuell Standarden, déi mer dem Gesetz no brauchen, upassen, de Coût nach eng Kéier bedeitend méi héich géing ginn, wéi wa mer op den Neibau géinge goen.

En plus gëtt den Neibau eis d'Méiglechkeet, dass mer hei d'Surface vun der Parcelle besser notze kënnen, dass mer d'Haus méi grouss baue kënnen, sou dass mer och en Haus mat sechs Kummeren an dësem Fall baue kënnen.

Dat ass eng Taille, déi entre-temps och der Demande beim Logement entspriecht. Dat heescht, et gëtt Familljen, déi en besoin sinn, fir sou grouss Haiser entre-temps och als Soziallogement zur Verfügung gestallt ze kréien.

Den Devis fir déi Aarbechte beleeft sech op 1,45 Milliounen Euro. Deen ass och mam Budget 2025 matgestëmmt ginn. Iwwer d'Konventioun kréie mer nach eng Kéier 1,05 Milliounen Euro zeréck. Dat entspriecht 72 % vun de Coûten.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Den Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, eng ganz kuerz.

Dir wësst, dass ech lech deemools e bëssen attackéiert hat, well ech sot, fir 1,5 Millioune sou e klengt Haus ze restauréieren. Mee op der anerer Säit gëtt et eis jo awer alleguerte Recht, wann ee kuckt, wéi vill Subsiden dass een elo fir deen dote Bau kritt. Dass ee genau an där doter Richtung awer muss weiderfueren.

Well sou laang de Staat d'Täschen nach esou opmécht, ass et wierklech e Feeler, fir

déi Täschen net ze notzen. An dofir géif ech Iech encouragéieren, dann de Rescht vum Renovéierungsstau opzeléisen.

Ech hat Iech och eng Fro dozou gestallt. Also et géif mech awer interesséieren, wou mer do dru sinn. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Also ech kann dann nëmme Merci soen, dass Der eigentlech eis ënnerstëtzt an der Politik, déi mer do grad féieren. An och eigentlech zeréckkommt op dat, wat Der an de Budgetsverhandlunge gesot hutt.

Et ass sou, dass dat hei awer de Wee ass, fir an dësem Fall konkreet weiderzegoen.

Ech mengen, mir kënnen au vote goen.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Joy Weyrich)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 3.2. Contrat de prestations de service Repas sur Roues ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei den 3.2, dat ass de Contrat de prestations fir de Repas sur Roues. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir hunn op deem dote Punkt eng Prestatioun ze votéieren haut. Vläicht nach eng Kéier kuerz de Kontext.

Den 1. Juli 2019 hu mir als Stad Esch den éischte Kontrakt fir d'Prestatioun Repas sur Roues mat Servior ofgeschloss. Dës Decisioun ass geholl ginn, nodeems de CHEM seng Kichen agestallt huet an ugekënnegt hat, dass de Repas sur Roues net weiderzeféieren ass vun hirer Säit aus.

Ech mengen, si wollten eis eng Soustraitance virschloen, mir hunn awer do iwwerpréift, opgrond vu verschiddene Prestatairen, a waren der Meenung, dass mir selwer als Esch eng Konventioun mat Servior sollen ofschléissen, fir d'Produktioun vum Iessen ze garantéieren.

D'Aschreiwungen, d'Bestellungen, d'Liwwerungen an d'Facturatioun gi weiderhi vun der Stad Esch iwwer de Service Seniors/ Besoins spécifiques iwwer eise BiBBS organiséiert. An do ass mam Gesetz zu der Qualitéit vun de Servicer fir eeler Leit vum 23. August 2023 de Kontrakt missen iwwerschafft ginn.

Vu dass Servior als Soustraitant och verschidde Flichten huet, den Dateschutz betreffend, gouf och e Contrat de soustraitance relative au traitementes des

données à caractère personnel opgestallt. Dat hutt Der och alles am Dossier leien.

An deem Contrat de prestation de service Repas sur Roues ginn déi allgemeng Richtlinne festgehalen tëscht Servior an der Stad Esch geméiss dem Gesetz vum 23. August 2023. An dat sinn dann déi Begrëffer, déi mussen ugepasst ginn an der Terminologie vum Qualitéitsgesetz.

Déi eenzel Etappe vun der Kollaboratioun, Prestatioun vu Servior, de Präis, d'Facturatioun un d'Stad Esch, d'Gestioun vun den Doleancen, den Dateschutz, spezifesch Punkten, déi sinn definéiert ginn.

Fir eis als Stad Esch ass nach ëmmer spezifesch och déi Etappen d'Inscriptioun, de Kontakt mam Usager, dat heescht mam Awunner, d'Commande an d'Annulatioun, d'Logistik, dat heescht d'Gestioun vun de Placken, den Akaf, d'Preparatioun, d'Liwwerung. D'Refacturatioun un den Usager, dat heescht un den Awunner, geréiert da Servior. D'Produktioun an den Emballage geméiss de gesetzlechen Normen, déi en place sinn.

Vu dass d'Stad Esch an deem Sënn just d'Menüen an den Emballage akeeft, kritt se vu Servior de Präis vum Iesse verrechent. An deen ass aktuell bei 12,94 €. Aner Gemenge bezuelen och nach Prestatiounen, awer do sinn dann natierlech och déi Liwwerung plus d'Logistik mat dobäi.

Spezifesch awer och als Informatioun fir Iech ass och nach, dass mir maximal zéng Leit oder zéng Usageren hunn, déi, falls néideg, och e waarme Menü kréien. Dat sinn déi Leit, déi Problemer hunn, well se e bëssen dement sinn. Da muss een och dobäi bleiwen, fir ze kucken, dass se direkt dat Iessen zou sech huelen. Well se net kënnen da selwer eens ginn, wann een dat an enger kaler Filière kritt.

Ech mengen, gläichzäiteg ass et awer och eng Méiglechkeet fir eis Chauffeuren. Déi kënne jee no Bedarf och de Besoin vu Formatioune profitéieren, déi Servior eigentlech ubitt. An ech mengen, dat sinn alleguerten déi Instruktiounen, déi eis nei Mataarbechter och kënne profitéieren, fir déi eeler Leit ze begleeden.

Colmar-Bierg gëtt ugebueden an och den Ëmgang mat Feierläscher am Fall, wou eppes wier. Ech mengen, dat ass eng Panoplie vu Méiglechkeeten, déi dann och ugebuede ginn.

Ech mengen, dat neit Taxereglement gouf bei de Rechnunge vu Mäerz, d'Iesse vu Februar betreffend, applizéiert. Dir kënnt Iech erënneren, dass mer den 22. November 2024 eng nei Tariffstruktur adaptéiert hunn. Déi Iescht, déi mer do haten, dat war 2023. Do hu mer schonn 12,94 € verrechent kritt, mir selwer hunn et awer net weiderginn. An do hu mer gemengt, mir missten awer elo op de Wee goen, fir en Effort ze maachen. Also déi gëtt elo säit dem Februar applizéiert.

An et sinn am Ganzen – well dat och ëmmer hei zur Diskussioun kënnt, wéi vill Leit sinn dovunner betraff, fir den Tarif réduit ze kréien. Ech mengen, et sinn 20 Demanden am Ganzen. Dat war fir 2024 néng méi wéi dat 2023 de Fall war.

Ech muss awer och soen, dass de Retour vun eise Leit, déi bei hinne waren, deen ass, dass der ganz vill drënner waren, déi iwwerhaapt net wossten, dass se kéinten en Tarif réduit froen.

Doduerch dass dat alles opgeschafft ginn ass an alles explizéiert ginn ass, ass et hinne bewosst ginn, dass se kënnen dat maachen. An dat hu mer dunn natierlech och ënnerstëtzt. An dat ass natierlech och weidergaangen. Am Mäerz goufen am Ganzen 144 Menüe geliwwert.

Zum Schluss dann awer nach e Merci un de Service juridique, well dat hei war keng einfach Aufgab an deem Ganzen. Eisem DPO an och dem Service BiBBS souwéi och Servior, deen dëst Dokument mat finaliséiert huet an och domadder d'accord ass.

Ech géif Iech da bieden, am Fall, wou keng Froe wieren, fir deem Ganzen hei zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Als éischt e grousse Merci un d'Leit vum Repas sur Roues. E grousse Merci un d'Leit an der Kichen bei Servior, well et ass eng Herkulesaufgab, fir sou vill Menüen zäitgläich ze preparéieren, zäitgläich erauszeginn, fir dass d'Leit kënne waarm iessen.

An dat huet schonn e grousse Respekt verdéngt. Well déi meescht Leit wëssen dat jo net, mee do gëtt dann och fir de Pensionnairen am Altersheim hiert Iessen zäitgläich gekacht. Dat heecht, déi hunn do schonn e relative taffen Aarbechtsplang.

Ech well awer – an Dir hutt et kuerz ugedeit, Här Zwally – op eis Diskussioune vum 22. November vu leschtem Joer agoen. An den Här Baum a mir als LSAP haten och gefrot, ob mer déi Grille net nach eng Kéier sollten iwwerschaffen.

Doduerch dass esou vill Tariffer an d'Luucht ginn, dass den Altersaarmutsrisiko ëmmer méi an d'Luucht geet, mengen ech, dass mer trotzdeem kënnen a sollen eng Kéier driwwer kucken, ob mer déi Grillë vun deene Revenuen, déi mer do drageschriwwen hunn, net sollen nach eng Kéier upassen.

Mir sinn eis eens, dass de Budgetsposten elo net enorm ass. An eis géif warscheinlech keen Zack aus der Kroun sprangen, wa mer dat do géifen eng Kéier zesummen duerchkucken. An ech mengen, dass mer dann do och e breede Konsens géife fannen, wa mer do eppes Aneres kéinten ausschaffen.

An dann op alle Fall nach eng Kéier: Et ass eis Responsabilitéit als Stad Esch, ze kucken, dass jidderee sech kann de Repas sur Roues leeschten, ouni dass e muss hoffen, dass en de 15. nach eng waarm Moolzecht kritt. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck.

Soss gëtt et keng Wuertmeldungen. Wëllt Dir drop äntweren, Här Zwally?

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, ech kann nëmmen dat widderhuelen, wat ech d'lescht Kéier och gesot hunn.

Ech mengen, doduerch dass mer elo am Februar déi Applikatioune maachen iwwer e ganzt Joer ofwaarden, wat dann elo geschitt bei den Ënnerschrëfte par rapport zu deem, wou d'Leit och musse leeschten an och d'Präisgestaltung, déi si och erkläert kritt hunn.

Ech mengen, déi fënnef Tariffer, wëll ech ganz gär nach eng Kéier widderhuelen, déi si jo gestaffelt nom Akommes. An dat sinn da fënnef Tariffer, allkéiers vum héchsten erof bis op den niddregsten, minus allkéiers 1 €. Dat heescht, de Leschten huet 4 € manner ze bezuele wéi deen aneren.

Dat loosse mer elo mol en vigueur an da kucke mer d'nächst Joer, a wat fir eng Richtung dass

mer kënne goen. Oder wann dann Härtefäll kommen a mir géifen elo feststellen, dass wierklech méi Demandë géife kommen, da muss een eng Kéier driwwer schwätzen. An dann huelen ech dat och gär eng Kéier mat an d'Kommissioun.

Ech wëll awer och – an dat hunn ech och schonn eng Kéier gesot – betounen, dass mer iwwer 7.600 Leit hunn, déi dat doten net froen. Mir sinn hei ëmmer bei 200 Leit. An do ass net jiddwereen, deen eigentlech nëmmen de Mindestloun huet oder manner wéi de Mindestloun huet. Mee do sinn der och drënner, déi absolutt kee Problem hunn, fir 12,94 € dat do matzestemmen.

*(Interventioun Här Steve Faltz)*

Kucke mer.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Zwally. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Joy Weyrich)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 3.3. Convention de mise en place du Service de Consultation et d'Aide pour les troubles de l'Attention (SCAP) ; avenant ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Punkt 4, de Pacte Climat. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Här Buergermeeschter, ech mengen, mir hätten nach e Punkt virdrun. D'Konventioun mam SCAP.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

O, richteg, déi hu mer nach vidrun. Dann hutt Der awer dofir d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

D'Konventioun mam SCAP, mam Service de de Consultation et d'Aide pour les troubles de l'Attention, de la Perception et du Développement psychomoteur war um Ordre du jour vum Conseil communal virun e puer Méint schonn. Dat heescht, ech wëll et relativ kuerz maachen, well et hei ëm ee punktuellen Avenant zu där Konventioun geet. Aus engem ganz praktesche Grond.

De SCAP huet gefrot bei eis, ob et méiglech wär, fir am Kader vun hirer Aarbecht mat de Kanner, mat de Jonken och kënnen den Airtramp ze benotzen, dee mer an der Wobrécken-Schoul hunn. Wat eng super flott Installatioun ass, déi och wierklech eng Kéier dofir suergt, dass Kanner sech méi beweege kënnen an immens vill Spaass dobäi hunn.

An de SCAP wollt déi eeben am Kader vu senger Aarbecht notzen, wat fir eis och kee Problem ass. Mee fir eeben do haftungs-, assurancentechnesch och da propper ze stoen, wollte mer dat dann awer och ganz kloer an der Konventioun festschreiwen. Mat de Responsabilitéiten, déi domat anhierginn. An dat ass eigentlech de Géigestand vun der Propos vum Schäfferot vun haut.

Ech erlabe mer awer och, d'Remark ze maachen, dass mer en héijen Drock hunn op den Airtramp. Infrastrukturen, där mer der e puer hunn hei zu Esch, an eisen Escher Schoulen.

A vill Demande hunn, notamment vun nationalen Acteuren: Centre-de-compétencen a sou weider. Deene mer entgéintkomme sou gutt wéi mer kënnen, mee wou mer natierlech awer och mussen en Ekiliber halen, well mer déi Infrastrukture prioritairement fir d'Escher Kanner brauchen an notze wëllen.

An dowéinst schécken ech vläicht och nach eng Kéier vun hei aus, aus dem Escher Gemengerot awer en Appell un déi national Instanzen, well ech d'Gefill hunn, dass do eng grouss Demande ass an d'Offer nach net grouss genuch ass. Un d'national Instanzen an och un d'aner Gemengen, fir änlech Infrastrukturen an Zukunft ze schafen.

Voilà, dat e generellen Appell.

Hei bieden ech awer fir den Avenant vun der Konventioun ëm Zoustëmmung vum Gemengerot. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et heizou Wuertmeldungen? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Joy Weyrich)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 4. Pacte Climat 2.0. ; état des lieux ; présentation et décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech hu mech virdru gefrot, firwat den Här Behm nach sou entspaant do géing sëtzen, obwuel mer scho beim Punkt 4 wieren. Mee da weess ech et elo.

De Punkt 4, Pacte Climat, den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech stelle fest, dass den Här Behm och ëmmer nach entspaant do sëtzt. An ech mengen, dass dat virun allem domat ze dinn huet, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen

a Kolleegen, dass den Här Behm hei ass fir d'Indicateuren aus dem Klimapakt 2.0 ze presentéieren.

A well hien do weess, dass seng Aarbecht an d'Aarbecht vu sengem Service exemplaresch ass. An dowéinst all Grond zur Geloossenheet huet an deem heiten Dossier. Geloossenheet, déi net sollt mëssverstane gi mat Zefriddenheet, well et bleift och nach vill ze dinn. An dorobber komme mer ze schwätzen.

Wann een d'Indicateuren aus dem Klimapakt 2.0 kuckt – an déi leien de Gemengeconseillere jo zënter e puer Deeg vir –, dann ergëtt sech e Bild vun enger Stad, déi sech engagéiert an déi nohalteg um Fortschrëtt schafft.

Et ass keng Selbstverständlechkeet, dass eng Stad, déi wiisst, mat all den Erausfuerderungen, déi sou e Wuesstem mat sech bréngt, et gläichzäiteg fäerdegbréngt, den Energie- Ressourcëverbrauch a ville Beräicher ze stabiliséieren oder souguer ze reduzéieren.

D'Stad Esch huet an de leschte Jore gewisen, dass Bevëlkerungswuesstem net automatesch zu méi Ressourcëverbrauch muss féieren. Dat ass wouer fir de Waasserverbrauch zum Beispill, fir de Stroumverbrauch, och fir den Offall.

Dat ass encourageant an e klore Beweis, dass kommunal Politik wierkt, wa se koherent a laangfristeg ëmgesat gëtt. Et ass och eent vun de kloerste Signaler eigentlech, dass mer als Stad, Stadverwaltung, awer och als Stadgesellschaft, mat eise 38 Biergerinnen a Bierger, dass mer ëmmer méi e Fonctionnement fannen, deen nohalteg ass. Och wann d'Zuel vun den Awunner klëmmt.

Datt mer haut an der aktueller Zertifizéierungsperiod e Score hu vu 84,5 % an domadder goldzertifizéiert sinn, mat enger Zousaz-Zertifizéierung am Beräich vun der Économie circulaire, datt mer haut eraginn an déi nächst Zertifizéierungsperiod mat engem Score vu 86,5 %, also nach eng Kéier 2 % méi héich, wëssend dass bei all Zertifizéierungsperiod d'Krittäre méi streng ginn – Pi mol Daumen 10 % méi streng ginn – weist, dass mer eigentlech net nëmmen e klenge Fortschrëtt gemaach hunn zënter der leschter Zertifizéierungsperiod, mee e Sprong gemaach hu vu ronn 12 %, wann ech dat sou soen däerf.

An dass mer am nationale Verglach vun de Stied hei am Land ganz uewen op der Tabell stinn, Champion sinn, ass eng Auszeechnung, mengen ech, fir d'Zesummenaarbecht vun allen Acteuren an Acteurinnen hei an der Stad. Ob se elo an der Verwaltung sinn oder an der Zivillgesellschaft oder och eebe bei de Biergerinnen a Bierger.

Dëse Score ass awer virun allem och eng Verflichtung, fir drun ze bleiwen. A bevir ech elo dem Jeannot Behm, eisem Chef de service vum Service écologique d'Wuert ginn, fir d'Presentatioun vun den techneschen Donnéeën ze maachen, wollt ech awer eppes virausschécken.

Mir hätten hei de Choix kënnen huelen, fir lech just déi Donnéeën ze weisen, wou mer gutt sinn, wou mer extreem gutt sinn. Dat ass déi allergréisst Majoritéit vun den Indicateuren.

Mir wëllen awer hei, dat ass nämlech den eigentlechen Objektiv vun där Diskussioun am Klimapakt 2.0, ganz transparent sinn an eeben op der enger Säit de Point maache vun deene Saachen, déi klappen, an awer och op der anerer Säit ganz oppen opweisen, wou mer nach alleguerten zesummen, well dat heiten ass keng eenzel, isoléiert Responsabilitéit vum Schäfferot, wou mer mussen alleguer zesummen och nach besser ginn.

An domadder ginn ech dann elo dem Jeannot Behm d'Wuert a wäert dann duerno, wann Dir erlaabt, Här Buergermeeschter, nach e puer

politesch KonKlusiounen zéien an dann déi Resultater, déi de Jeannot eis elo presentéiert, versichen, an e Kontext ze setzen.

An domadder, Här Buergermeeschter, géing ech gär dem Chef de service vum Service écologique, dem Jeannot Behm, d'Wuert ginn.

**Jeannot Behm**

Villmools merci, Här Sehovic.

Léiwe Gemengerot, merci, datt ech Iech dat hei presentéieren däerf. Den Här Sehovic huet et scho gesot, punkto Transparenz: All déi Donnéeën, déi mer hei weisen, an nach vill méi Detailer sinn um Site Esch.lu am Beräich vun der Ecologie ze fannen.

Mir sinn iwwregens déi eenzeg Gemeng, déi sou transparent am Klimapakt kommunzéiert. Ech géif dat just nach kuerz bäifügen.

Zu dem Aktivitéitsbericht an den Indikatoren. Wat ech Iech wëll weisen haut, sinn éischter d'Detailer. Et ass nëmmen en Auszuch vun den Indikatoren, déi mer suivéieren. Awer et si wichteg Indikatoren.

Et sinn Indikatoren, sougenannt Key-Performance-Indikatoren, déi eigentlech vum Klimapakt virgi sinn an déi mer eigentlech musse suivéieren. Et ass och wéi den Här Sehovic scho gesot huet, et sinn der dobäi, déi sinn absolutt on track, et sinn anerer, déi sinn net honnertprozenteg on track, awer do ginn et schonn Erklärungen, firwat dat sou ass.

Gegeebenenfalls kënne Gemenge sech och nach aner Indikatore eraussichen. Wéi gesot, mir hunn eng ganz Rutsch, Dir kënnt gär eng Kéier déi ganz Dokumenter duerchkucken am Beräich Ecologie / Klimapakt. Do fannt Der quasi alles, wat Der sicht, iwwer eis Gemeng.

Komm, mir starten direkt an d'Haaptthematik eran. Ee wichtegen Indikator fir eis ass natierlech eisen Undeel un den erneierbaren Energien an de kommunale Gebaier, wat d'Wäermt ugeet.

Dat ass kee Geheimnis, do si mir och net déi eenzeg Gemeng, déi do éischter wéineg huet. Mee mir schaffen drun. Eise grousse Punkt ass, d'Gemeng Esch huet eng ganz Partie a vill Gebaier a grouss Gebaier. Grouss Gebaier ze dekarboniséieren, ass net ëmmer sou einfach, mee mir schaffen op verschiddene Projeten, wou den Här Sehovic herno nach eng Kéier wäert drop agoen.

Mir selwer versichen awer, déi Energie, déi mer an de Gebaier verbrauchen, sou wäit wéi méiglech ze reduzéieren. An do ass d'Entwécklung vum Wäermtverbrauch pro Meterkaree gerechent op eise kommunale Gebaier. An do gesäit ee ganz kloer eng Tendenz, datt mer do an déi richteg Richtung eis beweegen.

Fir de Stroum gesäit dat och ganz gutt aus de Moment. Dat heescht, do hu mer eigentlech schonn eist Zilpfaden, wat de Stroumverbrauch an eisen ëffentleche Gebaier ugeet, quasi schonn erfëllt.

Eise Waasserverbrauch, gesäit een och ganz kloer, ass drastesch erofgaangen. Woubäi ech do wëll e Beispill nennen. De Gros vun deene Waassererspuernisser, déi hei ze gesi sinn – an dat ass net negligabel –, dat ass op eng Mesure zeréckzeféieren, déi an de Bains du Parc realiséiert ginn ass.

Dat heescht, do hu mer zesumme mat de Leit aus de Bains du Parc ëm 2016 Installatioune gemaach, fir do d'Waasserconsommatioun ze reduzéieren. An do gesäit ee ganz kloer, datt dat iwwer d'Jore lues a lues sech entwéckelt huet an do absolutt zu engem gudde Resultat gefouert huet, wann een

och op deene Gebaier, wou dann déi grouss Verbräich sinn, effektiv versicht, da Mesuren ëmzesetzen.

D'Emissioune bezunn op d'Energie-Bezuchsflächen, do si mer ganz gutt on track de Moment. Dat deckt sech méi oder wéineger och, wa mer on track mat eise Wäermtverbräich op de Meterkaree op de Gebaier. Deckt sech dann och d'CO2-Emissiounen pro Meterkaree op de Gebaier ongeféier domadder. Dat heescht, och do si mer relativ on track.

Stroumverbrauch vun der Stroossebeliichtung. Do wäert den Här Sehovic herno och nach eng Kéier drop agoen, do ass och ganz vill geschitt. Hei ass elo just den Auszuch 2021 bis 2024. Mee do gesäit ee ganz kloer, Tendenz falend.

Firwat? Ma eis Leit am Eclairage public wiessele pro Joer ongeféier 200 Liichtpunkten op LED oder méi effizient Beliichtung. Dat heesscht, do geschitt ganz vill.

Dann hu mer eis eng Kéier ugekuckt, wéi entwéckelt sech de Stroumverbrauch an eisen Haushalter hei zu Esch. Dat heescht, dat si just Haushalter. Do ass net de Gesamtverbrauch um Territoire Esch, mee reng d'Haushalter.

An do gesäit een, datt eis Bierger schéngen ze mierken, datt se spuere sollen, kënnen an et och maachen. Et gesäit een och kloer e gewëssen Trend. Ech hunn och nach Zuele vu virdrun – firwat ass elo hei d'Period 2021. Ma dat ass déi Period, wou eigentlech de Klimapakt 2.0 kuckt.

Bei de Betriber gesäit et e bëssen anescht aus. Do ass d'Gemengegebitt. Dat heescht, dat ass alles an der Gemeng, inklusiv der Gemeng selwer, inklusiv den Haushalter, inklusiv den Entreprisen, ausser ETS-Betriber wéi Arcelor oder Cimalux oder wierklech déi ganz grouss Verbräich.

An do gesäit ee ganz kloer, déi Tendenz ass net déi selwecht. Dat heescht, eis Bierger spuere méi, eis Entreprisen oder Geschäfter vläicht éischter manner. An d'Zuele vun der Gemeng hu mer gesinn, mir sinn och on track. Dat heescht, effektiv ass dann do vläicht och nach e bëssen Handlungsbedarf, fir un d'Betriber ze goen a mat deene vläicht e bësse méi an Zukunft ze schaffen.

Photovoltaik. Do ass a leschter Zäit enorm vill geschitt. Do gesäit ee säit 2022, 2024. A wann ech d'Zuelen interpoléieren, 2025 wäerte mer bei iwwer 7 % warscheinlech ze leie kommen. Do geschitt de Moment ganz vill.

Et geschitt ganz vill, awer net, well d'Leit et dobausse maachen. Firwat? Mir hunn och e bëssen eng speziell Demografie. Esch si vill Leit, déi an Appartementshaiser wunnen, déi net onbedéngt Daachflächen hunn an éischter wéineg kënne maachen. Dat heescht, déi Entwécklung, déi mer do gesinn, ass majoritär Südstroum an d'Gemeng Esch, déi PV-Anlagen hunn. Also wäit iwwer d'Hallschent vun deenen Anlagen, déi do de Moment dra sinn, ass Südstroum an d'Gemeng.

ArcelorMittal plangt zum Beispill eng grouss Anlag an Zukunft. Dat heescht, do wäerte mer och nach eng Kéier e Sprong maachen. Dat heescht, do si mer zouversiichtlech, datt mer d'Kéier kréien an eis an e richtegen Trend era beweegen.

Woubäi een och muss soen, dat Potenzial, wat hei bestëmmt ginn ass, ass e Potenzial, dat kënnt vun der Klima-Agence. Et ass gesot ginn, mir kucke sämtlech Diecher vun Esch an ee Véierel dovunner muss beluecht sinn. Woubäi, wéi ech gesot hunn, dat ass zimmlech utopesch, ze mengen, datt a Kopropriétéite PV-Anlagen op den Diecher einfach ze realiséiere sinn.

De Waasserverbrauch pro Kapp zu Esch läit wäit ënner dem Duerchschnëtt vu Lëtzebuerg. Dat heescht, och do soen eis Leit um Waasserwierk, eis Bierger wësse mam Waasser ëmzegoen. Waasser ass eng wäertvoll Ressource, gëtt an Zukunft eng nach méi wäertvoll Ressource. Si wëssen domadder ëmzegoen.

A mir gesinn och, datt ab dësem Joer d'Ufuerderungen un eis Ziler sech verschäerfe wäerten. Mee mir sinn haut schonn on track fir 2030, wat de Pro-Kapp-Verbrauch vu Waasser vun eise Bierger hei zu Esch ugeet.

Dat do fannen ech eng ganz spannend Situatioun. Dat seet eis, wéi vill Waasser ass an eisem Reseau verluer gaangen – säit 1974 bis haut, mengen ech, ass gekuckt ginn. An do gesäit een, 1974 ass ronn een Drëttel vum Waasser an eisem Reseau iergendwou am Buedem versickert a kee wousst wou.

Och do hunn eis Servicer, d'Waasserwierk, enorm Verbesserunge gemaach an de leschte Joerzéngten. An haut si mer bei Waasserverloschter, déi ënner de 5 % leien, wat och e ganz gudde Score schonn duerstellt. Also vun engem Drëttel wierklech op nëmmen nach 5 % erofzekommen, ass schonn e Riseschrëtt.

Offallsammlung a Müllentwécklung, dat ass Kilogramm pro Awunner. Och do gesäit een, datt sech an de leschte Joren eppes gedinn huet. An zwar net wéineg.

Eis gro Poubellen, wat jo och d'ursprénglecht Zil ass, ass drastesch erofgaangen. Wat sech net sou wierklech erkläre léisst, firwat huet sech de gréngen Undeel net an déi aner Richtung entwéckelt. Deen hätt eigentlech missen e bësse méi grouss ginn.

Dat do sinn déi niichter Zuelen. An och do gesäit ee ganz kloer, datt d'Bierger an eis Servicer, wat d'Hygiène ugeet, och do hir Aarbecht maachen an d'Leit sensibiliséieren, informéieren, fir ze spueren a manner Müll ze produzéieren. Manner Verpackung a sou weider.

Och do gëtt et en Track. Bis 2030 missten all Klimapakt-Gemengen eng 180 Kilo an der groer Poubell pro Awunner a pro Kapp erreechen. Mir schwanken aktuell tëscht 184, 179, 183. Mir si méi oder wéineger on track.

Dat heescht och do, et ass net, fir opzehalen mat deene Beméiungen an deem Secteur weiderzemaachen. Mee och do si mer méi oder wéineger on track.

De Fuerpark vun de Gemengenautoen, do ass eigentlech gefrot, datt bis 2030 eng 49 % vum Gesamtfuerpark vun der Gemeng soll quasi emissiounsfräi funktionéieren. Ob dat elo Elektrescher sinn oder aner Alternativen – ech loossen déi nach opstoen.

Do gesäit een, datt mer bis 2021 gutt on track waren. Mat wat huet dat ze dinn? Majo, bis dohinner sinn haaptsächlech alles, Autoen, Persouneween, peu à peu ersat ginn. Eis Autoen am Carsharing sinn elektresch a sou weider. Dat heescht, do sinn all déi néideg Mesuren an Efforte gemaach ginn.

Elo komme mer awer op e Punkt, wou et warscheinlech e bësse méi schwéier gëtt. Grouss Gefierer, Camionen, Busser etcetera, fënnt een net onbedéngt déi Alternativen, déi ee brauch. An dofir stagnéiere mer do e bëssen.

An do si mer elo amgaangen, e Plang opzestellen, fir ze kucken, wat fir Gefierer dann an Zukunft kënnen ersat ginn, fir dann do och erëm d'Kéier ze kréien. Mee ech denken, datt den Här Sehovic dozou och gläich nach wäert e puer Wierder soen.

Dat do hunn ech einfach emol dragesat. Déi renzentst Zuelen, déi ech do hunn, si leider

nëmmen 2022, an ech weess net, ob mer déi weider wäerte kréien. D'Unzuel u Gefierer, déi hei zu Esch ugemellt sinn.

An do gesäit een, dat ass eng Tendenz, déi net no ënne geet. Op jidde Fall mol net bis 2022. An ech fäerten och ganz, datt déi Tendenz weider no uewe geet. Trotz de Beméiungen, déi gemaach ginn, wëll de Bierger awer nach ëmmer säin Auto hunn. Dat sief elo einfach mol eng Zuel, déi dohinner gestallt ass. Ech weess och net, ob mir do sou e groussen Impakt drop hunn. Mee eng informativ Zuel fannen ech.

Dat do ass eppes, wou ech mech ganz schwéier dinn. Dat ass d'Energieberodungen, déi vun der Klima-Agence hei um Territoire gemaach gi sinn. An do gëtt et en Zilpad. An zwar misste fir eis Gemeng eng ronn 380 Berodunge pro Joer vun der Klima-Agence duerchgefouert ginn.

380 Berodunge pro Joer, dat heescht, 10 Berodunge pro 1.000 Awunner si gefrot. Dat sinn der enorm vill. An ech hat der Klima-Agence eng Kéier virgerechent, wann dat d'Zil ass fir all Gemeng, da braucht Dir 40, 50 Leit, déi näischt Aneres maache wéi déi Energieberodung.

Och do ass et e bësse schued, well mir selwer, eis Servicer, Service écologique, Südstroum, och all eis aner Servicer maache jo awer alldeeglech Berodung um Client. An déi gëtt hei net comptabiliséiert oder däerf hei net comptabiliséiert ginn.

An dofir mengen ech, si mer, wat d'Berodung ugeet, weesentlech besser eigentlech wéi wa mer déi Nettozuele vun der Klima-Agence kucken.

Dat do sinn Zuelen, déi spigelen den Energieverbrauch um gesamte Gemengegebitt zu Esch erëm. Déi Zuele baséieren op nationalen Zuelen. Dat heescht, et ass net honnertprozenteg garantéiert. Dat seet den Ecospeed Region selwer, also den Oekozenter, deen déi Zuele geréiert, dat ass net richteg fir all Gemeng, mee et ass dat bescht, wat mer hunn.

An do kënnt awer elo an noer Zukunft eng besser Approche, déi méi gemengespezifesch Wäerter erlaabt.

Nichtsdestotrotz sinn déi Tendenzen, déi mer och scho gesinn haten, e bëssen ze gesinn. Hei ënnen ass zum Beispill de Stroumverbrach. Do gesäit een, deen huet éischter eng Tendenz, erofzegoen.

Den Äerdgasverbrauch am Orangen huet och éischter e bëssen eng Tendenz no ënnen. An dann deckt sech dat och e bësse mat där Zuel, déi ech gewisen hunn, mat der Zuel vun den Autoen. Mir hu weesentlech méi Autoen – an hei sinn den Diesel- an de Bensinnsverbrauch. Dat heescht, déi strecken d'Gesamtverbräich e bëssen auserneen an zéien déi an d'Luucht.

An der Hoffnung, wann d'Elektromobilitéit bis richteg Schwong kritt, datt natierlech hei de Stroumundeel weesentlech méi héich wäert ginn an déi doten zwee sech dann hoffentlech reduzéieren.

Dat selwecht spigelt sech dann natierlech och erëm an den CO2-Emissiounen. Well quasi de Gesamtenergiebedarf vun all de Gemengen hei zu Lëtzebuerg, ausser vläicht de Stroumundeel, ass gedeckt iwwer fossill Energien. Dat ass leider sou. An do schaffe mer eeben alleguer an déi Richtung.

An och do gëtt et en Zilpad, deen ze erreechen ass bis 2030. 2030 ass muer, oder iwwermuer. Dat heescht, et ass nach e grousse Wee ze maachen, mee och all d'Gemengen, d'Südgemengen – mir hu jo de

President a Form vum Här Buergermeeschter och hei sëtze vum ProSud – hu sech jo engagéiert, an déi Richtung ze schaffen. An ech mengen, et ass och e wichtege Wee, datt mer alleguerten an déi dote Richtung fueren. Oder kommen.

Voilà, last but not least: Wou si mer elo drun? Den Här Sehovic huet et scho gesot, mir hunn 2 % méi wéi d'lescht Zertifikatiounsperiod.

Fir nach eng Kéier ze soen, déi 2 % spigelen net de reelle Reffort zeréck, well allkéiers, wann eng Rezertifikatioun am Klimapakt usteet – de Klimapakt gëtt all Joer ugezunn. Dat heescht, d'Daumeschrauwe ginn allkéiers e bësse méi ugezunn. Dat heescht, et gëtt méi schwiereg, Punkten ze kréien oder Punkten ze halen. Dat heescht, am Endeffekt hu mer net 2 % méi, mee effektiv 12 % méi.

An déi Grafik hei verdäitlecht eendeiteg gutt, wou sinn eis staark Punkten. Mir si relativ staark an der Mobilitéit, dat muss ee ganz kloer soen. Mir sinn eng Stad, déi ganz vill am Beräich vun der Mobilitéit mécht. Mir sinn eng Stad, déi relativ vill an der Kommunikatioun an och ganz vill an der Entwécklung, an der Raumplanung mécht.

Mir hunn awer effektiv Schwaachpunkten an eise Gemengegebaier, dat wësse mer. An dat, mengen ech, sinn och Saachen, déi meng Ekipp och zesumme mat den anere Servicer versicht, sou gutt wéi méiglech opzeschaffen.

Voilà, domadder wär ech doduerch an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Behm.

Ech kucken dann als éischt an de Gemengerot a froen, ob et nach Explikatiounsfroen, technesch Froe gëtt, déi un den Här Behm ze riichte wieren? Den Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci fir d'Presentatioun. Ech hu just eng Fro.

Den Energieverbrauch um Gemengenniveau. Ass dat den Energieverbrauch vun der Populatioun oder ass och do den Transitt, dat heescht, Tankstelle mat agerechent?

**Jeannot Behm**

Wéi ech gesot hunn, eigentlech sinn dat national Wäerter. An effektiv sinn do och d'Transittbeweegunge mat dran. Ganz kloer.

A wéi ech och scho gesot hunn, mir sinn elo och an enger Aarbechtsgrupp als Gemeng Esch vertrueden, wou an Zukunft dee Berechnungsmodell méi konkreet op d'Gemenge soll wierklech reduzéiert ginn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et nach Froen un den Här Behm? Dat ass net de Fall. Da soen ech Iech Merci am Numm vum Gemengerot.

An da ginn ech dem Här Sehovic d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och dir, léiwe Jeannot, fir déi kloer a komplett Presentatioun.

Ech mengen, wat een aus dëser Bestandsopnam mathuele kann, ass net nëmmen eng Rei zefriddestellend Resultater. Mee, an de Jeannot huet dat

direkt e puermol richtegerweis gemaach, den Hiweis op aner Servicer, den Hiweis op d'Multitüd vun de Servicer, déi hanner deenen Zuele stinn an déi weisen, et sinn eeben net just Resultater. Hei geet et och ëm e Selbstverständnis an eise Servicer, déi alleguerte soen, mir wëlle weider Verantwortung iwwerhuelen, realistesch, mat Klang a mat Ambitioun.

Ech mengen, dass déi méi grouss Erfolleger, wéi zum Beispill d'Reduktioun vum Energieverbrauch beim Ecairage public – iwwer een Drëttel manner zënter 2016 – weisen, wou mer wierklech konsequent dru schaffen, do gesi mer och direkt déi deementspriechend Resultater.

Am Waassermanagement hu mer et fäerdegbruecht, de Verbrauch pro Awunner op engem relativ niddregen Niveau stabill ze halen, trotz Wuesstem an der Bevëlkerung. De Leakage an eise Verdeelernetzer, also d'Verbëtze vum Waasser direkt am Reseau, ass kontinuéierlech zeréckgaangen. An dat ass eng gutt Nouvelle an och immens wichteg fir d'Resilienz vun eiser Stad.

Eis Efforten am Beräich vum Offall bezéiunsweis vun der Kreeslafwirtschaft droen och Friichten. De Volumen u Restmüll ass staark erofgaangen, virun allem an der groer Poubelle. Eng Konsequenz vun cibléierter Sensibiliséierung a virun allem awer och vun effizienter Aarbecht vum zoustännege Service, och vun enger gudder Zesummenaarbecht ënner anerem mat Acteure wéi der SuperDrecksKëscht.

Et ass awer och d'Konsequenz vu gezielten Efforte vun alle Servicer, fir Kreesleef ze schléissen. Esch ass mëttlerweil d'Haaptstad vun der Kreeslafwirtschaft, an dat ass och de Meritt vun de séllege sozialen an ekologeschen Initiativen, déi mer hei um Territoire hunn.

Beim Stroumverbrauch – an dat ass eng extreem gutt Nouvelle – vun den Haushalter gesi mer eng ausgepräägt Spuerbereetschaft vun eise Biergerinnen a Bierger. Dat weist, d'Leit maache mat, wann de Kader stëmmt a wann d'Stad mat guddem Beispill virgeet.

Och bei de Photovoltaikprojete beweegt sech vill; och wann een dat eréischt an den nächste Joren nach vill méi däitlech an der Statistik wäert gesinn. An och wann et fir eis Stad – dat soen ech kloer, dat huet de Jeannot och scho gesot – eng Erausfuerderung wäert sinn, déi mer gär unhuelen, fir d'Ziler aus dem Klimapakt ze erreechen. Aus methodologesche Grënn an awer aus Grënn vun der Bausubstanz a vun der Soziologie vun der Stad.

Zu Esch si mer an enger Stad, wou mer weesentlech méi Locatairen hu wéi am nationale Schnëtt. An déi hate bis elo relativ wéineg Afloss op d'Energietransitioun. Dofir wäerten eis nei Initiativen op de gréissere Gemengeninfrastrukturen an awer och Initiative wéi de Projet Balcon-PV, dee mer lech geschwënn hei wäerte virstellen, déi positiv Tendenz massiv verstäerken.

Dës Entwécklung ass net nëmmen technesch wichteg, mee och sozial. Well et ass eist Zil, et méi Leit ze erméiglechen, selwer Deel vun der Transitioun ze sinn.

Am Beräich vun der Wärmeversuergung vun de Gemengegebaier goufen an de leschte Joren eng ganz Rei Pilotprojete mat Wärmepompelen op neien oder op méi klenge Gebaier gemaach. An do sinn d'Resultater ganz positiv.

Dëst Joer hu mer zum Beispill d'Léon-Jouhaux-Annex vun der Bruch-Schoul energeetesch sanéiert an do d'Wärmeversuergung op Erneierbar ëmgestalt. Mir hunn am ale Sprëtzenhaus mat der Renovatioun

an der Prepratioun vum Empfang vu Kanner am Kader vun der Maison relais natierlech och den Energieverbrauch an de Wärmeverbrauch op Erneierbar ëmgestalt.

Mee d'Erausfuerderung bleift virun allem bei de grousse Gebaier mat héijem Energieverbrauch. Mir sëtzen an engem. Hei d'Stadhaus, d'Schwämm, eis Sportshalen a sou weider. An do bleift nach vill ze maachen.

An do geet wéinst der Bausubstanz an och wéinst der Envergure vun deene Projeten, soe mer mol, en einfachen Ersatz op eng Wärmepompel net einfach duer. Do si mer a méi komplexe Projeten.

Ech mengen, ech hat hei am Gemengerot schonn eng Kéier den Hiweis ginn, dass mer am Moment amgaange sinn, op engem Konzept ze schaffen, wéi mer d'Wärmeversuergung vun deem heite Gebai kënnen dekarboniséieren. An do ass eeben aus deenen Etüden, déi mer scho gemaach hunn, relativ kloer: dat ass net just den Ersatz vun enger Chaudière op eng Wärmepompel. Do brauch een an der Reegel méi Wärmepompelen. An da geet dat oft nach net duer.

An dofir si mer hei zum Beispill amgaangen, ze kucken, ob mer d'Ofwäermt, d'Restwäermt, déi vun den Autoen am Parking hei ënnendrënner, kënne recuperéieren, hei injectéieren an eise Wärmecircuit an zum Beispill och mat där Ofwiermt wiermen. Mee wéi gesot, dat si Projets de grande envergure. Mat och engem innovative Charakter, wou mer dru schaffen, mee wou mer och nach e bëssen Zäit wäerte brauchen.

Mir hunn awer doriwwer eraus an der Erkenntnis vun der Erausfuerderung och domat ugefaangen, mir sinn amgaangen, un engem strateegesche Sanéierungskonzept ze schaffen. Dat wäert et eis erlaben, e Gesamtiwwerbléck an eng Strategie fir all d'Gemengegebaier ze hunn an eeben och déi grouss Hiewele richteg unzepaken.

Mat de richtegen Zäitleeschten, mat de richtege Budgeten an och enger Prioriséierung vun de Projeten.

Och de Fuerpark bleift eng Erausfuerderung, déi mer weiderhin am Bléck behale mussen. Do stagnéiert d'Zuel am Moment, an dat huet virun allem domadder ze dinn, dass mer an de leschte Joren och aus enger budgetärer Iwwerleeung eraus prudent waren eigentlech mam Akaf vun neie Gefierer.

Eise Grondsaz ass, mir fueren eis Gefierer bis un d'Enn vun hirer Liewenszäit an tausche se dann, wou méiglech, mat enger Null-Emissiouns-Alternativ aus. De Problem ass – an dat ass e Problem, dee mer zu Esch constatéieren, an alle Gemenge vum Land, an doriwwer eraus och iwwerall an Europa.

De Problem ass, datt grad am Beräich vun de schwéieren Utilitairen d'europäesch Constructeure just wéineg Offer bidden am Moment an déi Offer oft ëm e Villfacht méi deier ass wéi déi fossill Alternativ.

An do muss ech och soen, dass ech mer och do vum Staat erwaarde méi Ënnerstëtzung fir d'Gemengen, wa mer deen Defi wëllen ugoen.

Mir schaffen dofir awer och aktuell mat eise Servicer un engem Zenario, fir de Phasing Out vun all eise Gemengegefierer eeben iwwer d'Zäit vun hirer Liewensdauer kënnen ze assuréieren.

Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat den Tëschebilan weist, ass menger Meenung no Follgendes: D'Stad Esch huet net nëmmen ugefaange mat der Transitioun zu enger resilienter an zu enger klimaneutraler Stad. Esch huet substanziell

Fortschrëtter gemaach an ass e Leader am nationalen an och am internationale Verglach.

Mir baue Strukturen a Prozesser op, déi wierken. Mir passen eis un, mat Engagement a Kompetenz an de Servicer. An et muss een och kloer soen, et bleift nach verdammt vill ze dinn.

Mee mir bleiwen dru mat eiser Energie, mat eiser Kompetenz a mat ganz vill Ënnerstëtzung aus der Zivillgesellschaft, an hoffentlech och hei aus dem Raum. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic.

Wie wëll zum Punkt schwätzen? Den Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Just ganz kuerz. Villmools merci och fir d'Presentatioun. Och villmools merci dem Jeannot Behm fir d'Presentatioun vun deem Tëschebericht.

Ech denken, datt ech wichteg war fir Esch, scho ganz laang op deen dote Wee ze goen. Eleng nëmme well mer dat dicht Baugebitt sinn, wat mer numol sinn. Mat deene ville Leit, awer och mat deene ville Leit, déii heihinner schaffe kommen. Mat deem ville Va et vien, wou hei kënnt, dass et do wichteg ass, dass mer scho ganz fréi dru geduecht hunn, fir un d'Zukunft ze denken.

Ech mengen, dat weise jo och d'Zuelen. Déi fänken, mengen ech, 2011, 2012 un, wou déi éischt Impakter ze gesi waren.

Et ass elo effektiv e bësse schued, mee dofir kann awer elo heibanne keen, dass déi lescht Zuelen 2022 sinn. Well ech mengen, 2022 war genau dee Moment, wou mer déi Energiekris, virdru Covid haten. An ech denken trotzdeem, dass virun allem mat där Energiekris, wou d'Energiekäschte jo awer massiv an d'Luucht gaange sinn, dass dat vill Leit un d'Ëmdenke bruecht huet.

Heiansdo muss een et knallhaart soen: Et ass am Fong egal, firwat dass se ëmdenken. Mee d'Haaptsaach ass, dass se ëmdenken.

An ech mengen, dofir wäerte mer och an deem Energieverbrauch respektiv am CO2-Ausstouss –zemools wou jo do den Tanktourimus och berécksichtegt gëtt. Well et deet mer awer schonn e bëssen ze denken, wann den Diesel awer nach ëmmer eis Haaptenergiequell soll sinn, dann hoffen ech awer schonn, dass sech dat an nächster Zukunft zum positiven zum Stroum an zu anere renouvlabelen Energiequelle wäert dréien.

Et ass just deen een Tablo, wou de Jeannot Behm gesot huet, deen dra war, dee mech, wéi ech e gesinn hunn, awer richteg erféiert huet. Well ech hunn net geduecht, dass et an deem Mooss wär. Dat ass dee vun den Autoen op de Kapp. Also wéi vill Auto do op 1.000 Awunner waren.

Dee Sprong, deen et do ginn ass, vun 2015 op 2018 war enorm. Ech weess net, gëtt et do eng wëssenschaftlech Erklärung dofir. Mee wéi et schéngt jo dann net. An deen och nach ëmmer amgaangen ass, unzesteigen.

Dat heescht, mir hunn net nëmmen eng Usteigung vun eiser Bevëlkerung, mee och nach eng Matusteigung vun den Autoe pro Kapp. Da brauche mer eis effektiv elo déi Fro net ze stellen, firwat dass eis Stroosse sou voll sinn.

A wa mer jo wëssen, dass mer mat dem neie Quartier op 50.000, 55.000 Awunner ginn, an och wa mer do soen, mir probéiere Model

split a mir probéieren do e bëssen autofräie Quartier, wësse mer trotzdeem dass … ech mengen, de Belval war déi Zäit och ganz romantesch 60:40 Model split geplangt, gëtt awer trotzdeem ëmmer verwässert.

Also dat ass och elo hei. Dofir kann elo keen. Dat ass eebe sou. Dat ass an der Natur vun der Saach.

An ech denke schonn, datt dat de groussen Challenge awer fir eng Agglomeratioun wéi Esch wäert sinn, wéi mer do vum Auto fortkommen. An do mengen ech, kënne mer eis net op national Politik verloossen, well déi wäert eis do an enger éischter Phas sécher am Stach loosen.

Well déi Wieler, déi si och interesséieren, sinn déi Wieler vun Dippech a vu Reckeng an déi vu Steebrécken, wou virun der Dier dräi Parkplaze sinn a wou et am Fong geholl egal ass, wéi vill Autoen dass de fiers.

Mee ech denken, dass virun allem déi dicht bebaut Agglomeratiounen, wéi Déifferdeng, Diddeleng, d'Stad Lëtzebuerg, vläicht Ettelbréck, mir natierlech, dass déi awer do sollen d'Käpp zesummestrecken, wéi een et do hikritt, an iergendenger Form dem Escher oder dem Bierger d'Méiglechkeet ze ginn, wéi en dann op iergendeng Form ka verzichten.

Wéi gesot, eist ëffentlecht Transportnetz ass jo elo net dat allerschlechtst. Vëlo sinn d'Méiglechkeeten och iergendwann eng Kéier um Enn. Mir schwätze vum Séchere Schoulwee, an awer wësse mer, dass och do Enkpäss sinn.

Fir mech ass op alle Fall aus deem dote Constat erauskomm, dass dat den Challenge ass. Punkt. Well dee reduzéiert och d'Energie, dee reduzéiert den CO2. Dat ass am Fong de Winner, also de Winning Goal.

Mee, mir wëssen et all, et ass de schlëmmsten, dee mer kënnen attackéieren. Dofir bonne Chance, bon Courage, fir déi dote Punkten unzegoen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz.

D'Madamm Ragni, duerno den Här Baum.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter. Villmools merci och un den Här Behm fir d'Presentatioun.

Als gréng Partei freet et eis besonnesch ze gesinn, wéi vill positiv Dynamik an de leschte Joren an eis Klimaefforten entstane sinn. D'Donnéeën, déi eis virleien, weisen däitlech, Esch ass um richtege Wee fir seng Klimaziler net nëmme seriö ze huelen, mee och ganz konkreet ëmzesetzen.

Wéi d'Iwwersiicht vun de Klimapakt-Indikatore weist, handelt d'Gemeng net just op engem Beräich, mee ganzheetlech. Vun der Energieeffizienz an de Gemengegebaier iwwer den ëffentlechen Energieverbrauch, d'Mobilitéit, Waasserwirtschaft, bis bei d'Offallvermeidung an d'Berodung vun eise Biergerinnen a Bierger.

All dës Fortschrëtter wieren ouni déi motivéiert Aarbecht vum Klimateam an all concernéierte Service net méiglech. Zënter dem leschten Audit goufen 21 Sëtzungen ofgehalen an déi behandelt Theemen, wéi d'Beschafung, d'Gebaistandarden oder d'Spezialiséierung op Klimawandelupassungen, weisen, wéi déifgräifend a strateegesch d'Gemeng hei schafft.

D'Ziler bis 2030 si méi wéi just Zuelen. Se sinn e Verspriechen un eis Kanner an Enkelkanner. Als Majoritéit setze mir e staarke Message: Mir maache mat, mir huele Verantwortung eescht, an zesumme mat de Verwaltungen a Matbierger wëlle mir eng nohalteg Zukunft fir Esch gestalten.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni.

Den Här Baum an duerno den Här Schmit.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och nach eng Kéier fir d'Presentatioun. Och dem Här Sehovic seng Iwwerleeungen, déi ech a ganz groussen Zich deelen. Hien huet dat hei jo intensiv virbereet.

Ech hätt awer vläicht an zwee Beräicher nach Froen. Wa mer feststellen, dass mer als Escher Gemeng an eisen eegene Gebaier en Nohuelbedarf hunn, datt mer do net on track sinn, hutt Dir Zilsetzungen, déi Dir Iech fir déi nächst dräi, véier Joer gitt. Sinn déi Zilsetzunge quantifizéierbar? Also wéi mer vun deenen aktuell 0,2 op déi, wou mer am Moment misste sinn, 15, awer vläicht kéinten hikommen.

Dat zweet ass eng Suggestioun. Ech fannen, datt d'Photovoltaik bei private Stéit zu Esch wierklech ënnerentwéckelt ass. An et gëtt wierklech e ganz grousst Potenzial. An ech weess et, well ech selwer zënter engem hallwe Joer elo eng Photovoltaikanlag op mengem Daach hunn.

Ech sinn awer an enger Strooss, déi immens gutt läit, deen Eenzegen, deen dat huet. Déi meescht vun deenen anere sinn awer och Proprietären. Dat heescht, ech mengen, datt och vläicht d'Gemeng do misst Opklärung oder Reklamm dofir maachen, wat och d'Aidë sinn, déi vun der Gemeng zousätzlech zu deene staatlechen zur Verfügung stinn.

Et ass jo elo dommerweis esou, an ech mengen, mer deelen dat Bedaueren, datt dem Premier säi Kampf géint de Klimawandel, deen net nerve soll, doranner besteet, datt en d'Subventiounen erofgesat huet bei de Photovoltaikanlagen. Nawell ginn et der.

An ech mengen och, datt mer eng cibléiert Kommunikatioun misste maachen un d'Escher Stéit, fir se dorop opmierksam ze maachen, datt et dat gëtt an datt dat wierklech Sënn mécht.

Dat wat mech awer am meeschte schockéiert huet, méi nach wéi d'Entwécklung vun den individuellen Autoe pro 1.000 Awunner, ass dann awer déi relativ Stagnatioun bei de gesamten $CO^2$-Emissiounen um Territoire vun der Stad Esch. Do gesäit mer keng wierklech Entwécklung an de leschten zéng Joer.

2030, Zilpadvirgab minus 55. Do mer wierklech nach ganz wäit ewech. An d'$CO^2$-Reduzéierung ass de Kär vun der Dekarboniséierung.

Et sinn natierlech d'Tankstellen an aner Elementer, déi do erakommen, wou d'Stad Esch just e begrenzten Afloss drop huet. Nawell mengen ech, mussen all eis Efforten an eis Reflexiounen an déi Richtung goen, wéi mer dat dote weesentlech gesenkt kréien. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

An dann zum Ofschloss den Här Schmit.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Jo, dat ass natierlech e Projet, wou ganz vill positiv Aspekter dra sinn. Dat muss ech natierlech zougestoen. Dat ass och esou. Ech hunn awer och d'Gefill, an ech mengen, dat wäert wuel och kee verneinen, datt och eng grouss ideologesch Approche doranner ass.

Ech selwer hunn an der Energiepolitik eng éischter méi pragmatesch Approche. An dofir gesinn ech am Fong geholl dat Ganzt net honnertprozenteg positiv. Ech hunn awer, solle mer soen, e puer Virbehalter.

Mir sinn ëmmer der Meenung gewiescht, an ech selwer och, datt den Endresultat soll am Fong e gudden Energiemix sinn. Dat heescht, den Endresultat ass fir mech net, datt een op 100 % Erneuerbarer soll kommen, mee datt een op e ganz anstännege Prozentsaz vun erneuerbaren Energië soll kommen. An datt dat sollt d'Approche, d'Zil sinn am Fong geholl.

Dat ass am Fong geholl am Grondprinzipp also schonn eng Abweichung mat deem, wat am Fong geholl d'Majoritéit wëll hei am Land. An och hei an eiser Gemeng. Well ech dat eeben net fir soutenabel halen an do eeben eng aner Opfaassung dozou hunn.

Nichtsdestotrotz ass alles, wat zum Beispill Energiespueren ubelaangt, super positiv. Kann ech nëmmen och begréissen. Ob et Elektresch ass, ob et aner Zorten Energië sinn, ob et de Waasserverbrauch ass. Dat geet alles absolutt an déi richteg Richtung.

Hitzedämmung, Sanierung, dat sinn och Saachen, wou onbedéngt mussen no vir gedriwwe ginn a wou een och de Leit soll hëllefen, déi wou sou Aarbechte wëlle maachen. An och d'Gemeng selwer natierlech, wa se op dee Wee ka goen. Dat ass nëmmen ze begréissen.

Ech géif soen, Sonne und Wind ass super. Mee ech mengen net, datt dat eppes wäert sinn, wou een als Lëtzebuerg sech kann zu 100 % iergendwann emol drop baséieren. Dat ass op jiddefalls meng Meenung. D'Zukunft wäert eis jo da soen, ob ech do Recht behale wäert oder net.

Et ass och vum Diesel- a vum Bensinnauto geschwat ginn. Et ass wouer, datt Elektroautoen, solle mer soen, déi lescht Jore vill verkaaft gi sinn an och vill agesat ginn. An datt vill Leit domat zefridde sinn.

Ech wëll just dozou soen, datt dat och gréisstendeels mam Strompräis ze dinn huet. Dat heescht, dee wou an der leschter Zäit jo awer alles wéi fix a roueg war. Wann deen emol fir d'Bierger, solle mer soen, zum Nodeel sech entwéckelt, da weess ech net, ob jiddwereen, dee wou en Elektroauto gewielt huet, dann nach ëmmer sou wäert zefridde si wéi bis elo.

Ech mengen och net, datt Elektroautoen u sech, ouni souguer déi Problemer mam Strompräis, déi Léisung per se ass aus zwee klenge Grënn, déi wou ech just kuerz hei wëll ernimmen.

Et ass de Problem mat de Seltenen Erden, déi wou ee brauch, fir déi Batterien hierzestellen, déi wou an deenen Autoe verwent ginn. Do ass e groussen Energieverloscht, fir déi ze recuperéieren a fir déi dann ze verschaffen. Dat misst een och an d'Rechnung mat era setzen.

An ech hunn d'Gefill, dat géif net ëmmer an d'Rechnung mat era fléissen. Dat heescht, do ginn et och negativ Aspekter. An och wéi d'Natur duerno ausgesäit, wann déi Ressourcen ofgebaut gi sinn, dat misst och alles bedenken.

An dann natierlech nach de Problem vum Recycling vun de Batterien duerno. Dat ass vläicht e Problem, deen ass nach net sou akut, well déi Elektroautoen nach net sou laang lafen, datt se elo en masse – bon, et fänkt zwar schonn un – musse recycelt ginn.

Mee wa mer eis drun erënneren, ech mengen, dat war an de 70er-Joren, déi éischt Problemer an dat éischt, wat mer am Fong geholl recycelt hunn, dat waren Autosbatterien. Dat ware just Batterien. An zwar just aus dem gudde Grond, well Batterien immens schädlech si fir d'Natur. An déi kann een net egal wouhinner geheien. Déi verseuchen de Buedem wierklech fir Joerhonnerten.

An dofir géif ech soen, ass dat eng Fro, déi wou och wichteg ass an déi wou menger Meenung no an där heiter aktueller Rechnung och net zu Enn geduecht ass.

Also ech weess net, wéi wäit datt sou Iddien hei an all déi Iwwerleeunge mat afléissen. Mee ech fannen, wann ee sech dat géif ukucken, de Recycling vun deenen – an hautdesdaags hunn déi Batterien en anere Volume wéi déi Autosbatterien an de 70er-Joren.

Wat do muss alles anstänneg a korrekt recycelt ginn, ob dat wierklech sou virgesinn ass, och déi Käschten an déi Efforten do mat agerechent ginn, fir dann zum Endresultat ze kommen an ze soen, datt den Elektroauto wierklech absolutt dat elo ass, dat mer mussen an Zukunft hunn, dat ass eppes, wat ech net sou honnertprozenteg weess a wou ech op d'mannst géif a Fro stellen an dee Punkt eeben ernimmen.

Voilà, also fir eis si gutt Saachen do, si schlecht Saachen a menger Hisiicht ze bemierken. Op jiddefalls Saachen, wou ech net onbedéngt ideologesch do honnertprozenteg do op där Linn sinn, déi wou d'Majoritéit hei wëll goen.

Mee nichtsdestotrotz felicitéieren ech trotzdeem fir déi Efforten, déi wou gemaach gi sinn. An ech hoffen dann, datt mer nach an där Richtung weiderginn. Surtout déi Affär vum Energiespueren ass eng Saach, déi wou mir och perséinlech um Häerz läit an déi wou ech och versichen, anzehalen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Schmit.

Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Mat Bléck op d'Zäit versichen ech, mech kuerz ze halen. An ech wéilt awer ufänke ganz zum Schluss mam Debunking vun awer enger, zwou Behaaptungen. Ech fänke ganz hannen un, wat d'Autosbatterien aus de 70er ugeet an den Akkuen, déi mer haut an der Elektromobilitéit virfannen.

Här Schmit, déi zwou heeschen alle béid Batterien, mee dat ass sou zimmlecht dat eenzegt, wat se gemeinsam hunn. Déi Batterien, déi mer aus dem Verbrennermotor kennen, dat si Bläi-Saier-Batterien, Voltage 12 Volt. Wat mer haut an engem Elektroauto hunn, Silicum-Ionen-Akkuen, déi fonctionéieren op 400-Volt-Basis. Haut bei de ganz neie Modeller op 800-Volt-Basis.

Déi Batterien, déi Der kennt aus de 70er, dat si Batterien, déi genuch Capacitéit hunn, fir dem Verbrennermotor ze hëllefen, ze starten, wärend déi Akkuen, déi mer an der Elektromobilitéit virfannen, wierklech d'Haaptenergiequell si fir den Undriff vun deenen Autoen. An et ginn nach ganz vill weider Ënnerscheeder, sou dass eigentlech béides guer net, awer wierklech guer net mateneen ze vergläichen ass.

Ech wëll awer drop hiweisen, datt et op europäeschem Niveau d'Reglementatioun, Gesetzgeebung gëtt, déi eigentlech sécherstellt, dass Batterien, Akkuen, déi an der Elektromobilitéit verwennt ginn hei an Europa, zu 100 % musse recycléiert ginn. An am beschten och hei um europäesche Kontinent bleiwen, well an deenen Akkuen eng ganz Rei vu wichtege seltene Ressourcë sinn, déi mer net einfach sollten ewechgeheien, mee déi mer sollte reutiliséieren.

Wéi gesot, do gëtt et Legislatiounen, an dat ass wuel en Defi, mee eigentlech een, wou mer politesch an technesch schonn eng Äntwert hunn, sou dass ech do éischter confiant sinn.

Wat ech eigentlech net richteg verstinn, ass d'Schwieregkeet, déi den ADR an aner rietsextreem Parteie wierklech hu mat den erneierbaren Energien. A wisou Der och sot, Här Schmit, dass Der net gär hätt, dass mer net 100 % erneierbar sinn hei zu Esch.

Well eigentlech geet et jo ëm eng Saach: ëm Suffizienz, ëm Autonomie, ëm Onofhängegkeet. Dee Stroum, déi Energie, déi mer hei kënne produzéieren als Stad Esch, Biergerinnen a Bierger, do musse mer kee froen. Do si mer selwer Här am Haus. 100 % onofhängeg.

Ech fannen et vill besser, dass mer selwer hei eens ginn ënner eis, ënner eis 38.000, fir eis Energieproduktioun ze assuréieren, sou gutt wéi et méiglech ass, wéi dass mer si vun iergendwellche Pëtrolscheichen oder iergendwellche Gasdiktatoren a Russland an op anere Plazen. Oder Urangeieren, déi oft aus de selwechte Länner kommen.

Sou dass 100 % Erneierbar eigentlech net just eng Fro ass vu Klimaschutz. Et ass eng Fro vun Onofhängegkeet. Et ass eng Fro vu selwer decidéiere kënnen als Land – an dat misst jo eigentlech eppes sinn, wat och Ärer Partei misst wichteg sinn.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Se sinn awer zouverlässeg a realistesch.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Fir de Rescht wëll ech Merci soe fir d'Diskussioun.

Et si ganz vill Remarke gemaach ginn, déi ech, mengen ech, deelen.

Här Faltz, ech deelen Är Preocuppatioun par rapport zu den Neizouloossunge vun den Autoen an och Är Analys eigentlech vun deem Problem. Dee sech anescht stellt an enger dicht bebauter Agglomeratioun wéi Esch oder iwwerhaapt hei am Minett.

An do gëtt et fir mech zwee Constanten. Dat eent ass en nationale Constat, wou ech och wierklech dohannert bleiwen an der Chamber. Nämlech dass grad déi grouss Infrastrukturprojeten, déi eis hëllefe sollen um Horiont 2035, d'Unzuel vun de Mobilitéitsbeweegunge mam Auto ze reduzéieren.

Mir mussen onbedéngt dohannert bleiwen, dass déi Investitiounen, déi Infrastrukturprojeten esou ëmgesat ginn, wéi se och an der Zäitschinn

virgesi sinn. Dass et do net zu Retardementer kënnt, well mer do soss wierklech e grousse Problem kréien. An dann eeben deen Defi, dee mer hunn am Klimapakt an doriwwer eraus, net wäerte kënnen assuréieren.

An deen anere grousse Chantier, deen ech gesinn, dat ass, wa mer wierklech wëssen, dass et awer och e groussen Deel oder en nennswäerten Deel vun deene Beweegunge transfrontalier sinn, dass mer wierklech och mussen dorunner schaffen, fir e bessere grenziwwerschreidenden ëffentlechen Transport kënnen ze assuréieren.

Wat elo ganz lokal ugeet, mengen ech, dass mer och iwwer eng Prioriséierung an eng Neiorganisatioun vum ëffentleche Raum, wou mer eeben dem Foussgänger, der duusser Mobilitéit och déi Plaz ginn, déi ee brauch, fir sécher kënnen ze circuléieren, dass mer dorauser awer scho Signaler kënne schécken un d'Populatioun. An et eebe méi attraktiv maachen, op den Auto ze verzichten.

Wat d'Remarken an d'Froe vum Här Baum ugeet an eeben och deen Defi, dee mer hunn, bei de Gemengegebaier, wat do eis konkreet Zilsetzunge sinn. Wéi gesot, op der enger Säit schaffe mer am Moment ganz konkreet op verschiddene ganz grousse Gebaier, déi eeben an där Statistik direkt e ganz groussen Impakt hunn. Wou mer versichen, Konzepter auszeschaffen, wéi mer do kënnen dekarboniséieren.

Op der anerer Säit hu mer eng Bestandsopnam gemaach vun alle Chaudièren, Wärmeversuergungen an all eise Gebaier. Mat eeben och Dates butoiren. Wéi laang sinn déi? Wéi laang ass d'Liewensdauer dovunner? Wéi laang kënne mer domat rechnen, dass mer do Problemer kréien, dass mer se musse reparéieren, ersetzen? Fir dass mer dann och prett sinn, se da mat enger erneierbarer Alternativ ze ersetzen.

An dann ass dat anert, wat mer am Budget dëst Joer hunn, wat mir och wichteg erschéngt, well ech gemierkt hunn, dass mer oft an eng Drocksituatioun kommen, dass mer eis Noutfallcapacitéite ginn, fir kënne ganz punktuell e Gebai ze hëtze mat enger Noutfallinfrastruktur, wann do eng Chaudière kabott ass.

Well do wou den Drock fir mech ganz oft entsteet, dass ech dann héieren, hei päift elo meng Chaudière wierklech aus dem leschte Lach, déi muss onbedéngt ganz séier ersat ginn. A wann dat e ganz grousst Gebai ass – Beispill, dass do 300 Kanner drasëtzen. Ech wëll déi net am Kale loossen. An dann ass ganz oft eng Äntwert, okee, da musse mer ganz séier eng nei Chaudière – well dat kriss de séier bäi, do muss de keng grouss Etüde maachen a sou weider.

An dofir hu mer eis elo Noutfallcapacitéite ginn, wou mer kënnen Zäit gewannen, fir dann do eeben net méi aus engem Drock eraus mussen ze agéieren, mee eebe kënne preventiv, proaktiv schaffen. An eis déi Zäit ze ginn, déi mer brauchen, fir dann och a méi komplizéierte Situatioune kënnen ze dekarboniséieren.

An dann, wéi gesot, ass d'Änwert, mengen ech, d'Sanéierungskonzept, wou mer wierklech eis e Plang an eng Strategie ginn, Gebai fir Gebai, mat wat fir enger Reiefolleg mer a wéi enge Jore wéi eng Gebaier wëllen dekarboniséieren.

Wat de PV ugeet, grad am Privaten. Do ginn ech Iech Recht, dass et och eng Fro vu Sensibiliséierung an Opklärung ass. Ech mengen, dass mer dat e Stéck wäit maachen.

Do wou ech dem Här Buergermeeschter dankbar sinn, well mer do gutt zesummegeschafft hunn, ass, dass mer eigentlech

eist Bescht gemaach hunn, fir déi ganz Autorisatiounsprozedur beim PV ze entschlacken, ze acceleréieren.

An do weess ech, dass de Christian Weis als zoustännege Buergermeeschter, deen d'Baugeneemegunge mécht, do wierklech drop hält, dass déi Saache ganz séier ginn.

Dat ass, mengen ech, och e wichtegt Signal un d'Privatleit, wa se bei d'Gemeng komme a se wëllen e Projet maachen, dass dat net e Burokratiedschungel ass, dass se do net decouragéiert ginn, mee dass se hei Servicer virfannen, déi soen, super, mir hëllefen der, mir kucken, dass mer dat sou séier wéi méiglech ëmgesat kréien.

A genau an deem Esprit ass jo dee Projet Balcon-PV, wou mer geschwënn hoffentlech hei an de Gemengerot kënne kommen, fir méi Detailer ze ginn. Wou mer op der enger Säit dat ganzt Prodezuraalt eigentlech selwer en charge huelen, dat selwer maache fir d'Leit. An dann eeben hei och endlech eng Offer kënne schafen, fir Leit, déi keen Daach hunn, op hirem Balcon kënnen eng ganz onkomplizéiert Léisung ze maachen.

Dovun erhoffen ech mer vill. Net just konkreet op deene Projeten, mee insgesamt, fir eng Dynamik kënnen ze entfachen, wou mer kënne soen, mir Escherinnen an Escher wëllen einfach erneierbar Energië selwer produzéieren op eisem Territoire. Egal ob mer Locatairë sinn, ob mer Proprietäre sinn. Egal ob mer an engem Haus wunnen oder an engem Appartement. An dass mer do wierklech eng Dynamik kréien, déi mer an anere Beräicher – an dat weisen d'Zuele jo och – gesinn .

Wat d'CO2-Emissiounen um Territoire ugeet an och de Gesamtenergiebedarf, wëll ech nach eng Kéier den Hiweis widderhuele vum Jeannot Behm. Et sinn, eiser Meenung no, eng Kéier eng Rei methodologesch Schwächten an der Analys vun deenen Donnéeën.

An dann ass einfach – an dat ass eppes, wat eis zeréckgeheit, net just zu Esch, mee am ganze Land, wou mer wierklech mussen oppassen. Et ass schued, wann een 20 Sliden, 18 Sliden huet, wou ee gesäit, d'Gemeng mécht Progrèsen, d'Bierger an d'Biergerinne maache Progrèsen, an dann ass et den Tanktourismus, deen do matgezielt ass an deene Saachen, deen eigentlech dee ganze Progrès, dee mer do gemaach hunn, erëm iergendwou kompenséiert. Dat ass bedauerenswäert. An dat geet awer just iwwer e Phasing Out vun deem Tanktourismus.

An do wëll eng Suerg mat op de Wee ginn an eppes, wat mer hei mussen am Bléck behalen. An den Här Faltz huet et gesot: Et gëtt ganz vill Grënn, déi ee motivéiere kënnen, fir Klimaschutz ze maachen. Ganz oft ass d'Präissignal e ganz determinante Grond.

A mir mussen onbedéngt oppassen, dass Präissignaler an der Energie, beim Stroum awer och bei der Wäermt, stëmmen an dass mer net a Situatioune kommen, wou déi fossill existent Léisunge méi bëlleg sinn, finanziell méi attraktiv si wéi emissiounsfräi Alternativen.

A wéi gesot, dat geet oft iwwer Präissignaler. An do musse mer och op nationalem Niveau déi richteg Decisiounen huelen.

Ech soen Iech Merci fir eng ganz gutt Debatt an eng ganz konstruktiv Debatt, déi eis och nach eng Kéier Energie gëtt, fir op deem dote Wee weiderzemaachen an dann d'Defie weider unzepaken. Op eng gutt Zesummenaarbecht an deem Beräich; ech mengen, et kënnt eis alleguerten zegutt. Villmools merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Sehovic.

### 5.1.1. Transactions immobilières ; Compromis de vente entre la Ville et M. et Mme T. – appartement 56, rue Guillaume Capus (lot 6N) ; décision

### 5.1.2. Transactions immobilières ; Contrat de location avec M. et Mme T. pour emplacement intérieur Résidence Mont Blanc (lot 6N) ; décision

### 5.2. Transactions immobilières ; Contrat de location avec M. et Mme T.R. – F.D.S. pour un emplacement intérieur Résidence Mont Blanc (lot 6N) ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Transactions immobilières.

Hei hu mer dräi Dokumenter virleien. Eng Kéier e Compromis de vente fir d'Acquisitioun vun engem Appartement an der Residence Mont Blanc. Et ass en Appartement mat zwou Kummeren an enger Surface vun 90 m$^2$. De Reschtpräis beleeft sech nach op 453.000 €. An dobäi kënnt nach de Bail emphytéotique. Et ass dat dräizéngt Appartement vun 19, wou mer hei verkafen.

An dann hu mer nach zwee Contrat-de-bailen. Dat sinn d'Locatioune vu Parkplazen an der selwechter Residence. Hei beleeft sech de Loyer fir eng Parkplaz op 145 €. Deen ass indexéiert.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Joy Weyrich)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 6.1. ACAIE ; subside extraordinaire ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei e Subsid. De Subside extraordinaire fir d'ACAIE.

Deen ass iwwer 45.000 € an deen ass spezifesch fir Animatioun a fir Evenementer, fir hei d'Attraktivitéit ze assuréieren. Zum Beispill och fir notamment bei de Braderien, fir do méi attraktiv Marchanten ze kréien, a verschiddene Marchanten och ze soen, dass se net sollen op Esch kommen. An dee Moment da soll dee Subsid och hëllefen, do déi Depensen ze decken.

D'Kommissioun huet gefrot, firwat dëse Subsid net einfach an d'Konventioun mat ageschriwwe gëtt. D'Konventioun ass iwwer 20.000 €. Dat ass eng Konventioun vun 2015. Déi baséiert eigentlech um Fonctionnement an op administrativen Ofleef, déi dës solle garantéieren. Dat ass d'Basiskonventioun.

Elo einfach déi Sue bäisetzen, dat wier vläicht de falsche Message, well et ëm verschidden Elementer geet. Mee ech hunn awer mam Här Knaff geschwat, mir géinge proposéieren, dës Kéier nach eng Kéier de Subside extraordinaire ze stëmmen an da fir d'nächst Joer ze kucken, ob mer déi Konventioun eng Kéier kënne komplett iwwerhuelen, an net nëmme just eng Zuel dran ergänzen. Dat wär méi derwäert.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Den Här Funck.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. A merci, dass Der meng Propos aus der Kommissioun mathuelt.

Trotzdeem musse mer awer op e gewësse Punkt agoen. An ech fänken u mat "Alle Jahre wieder". De Schäfferot huet hei am Courrier proposéiert "comme l'année dernière". Ech hunn dat och d'lescht Joer gekuckt dann, an do stoung am Bréif "comme l'année dernière". An do hunn ech geduecht, da gees du nach eemol zeréck. "Comme l'année dernière".

Okee, bei "comme l'année dernière" ass "extraordinaire" dach e bësse schwiereg. Ech verstinn et awer.

Ech hat awe ren anere Problem u sech. An dat war deen, wéi ech den Dossier gesinn hunn, um E-Conseil gekuckt hunn, do stoung guer kee Montant an der Demande dran. D'Demande seet, kënne mir e Subside extraordinaire kréien.

De Schäfferot huet dee proposéiert. Am Prinzipp, bei den Demande-extraordinairë vun de Subside geet et an eng Subside-kommissioun, d'Subsidekommissioun soll doriwwer statuéieren unhand vun deenen Zuelen, wou se gesäit.

Ech hunn an der Finanzkommissioun profi-téiert, fir de President vun der Subsidekom-missioun ze froen, ob d'Subsidekommissioun en Avis dozou ofginn huet, ob se gefrot gi sinn. An do war et och nee. Okee, kee Problem.

Dir hutt mir elo Informatioune ginn, déi ech nach guer net hat. Dir hutt elo gesot, et ass fir Evenementer, fir dat Ganzt méi lieweg ze gestalten.

An der Beschreiwung hei steet, „afin de compenser la perte de fonds réglés par les marchands ambulants lors de chaque braderie." Tant mieux wann et nach doriwwer eraus geet. Mee da stellt mir awer eng aner Fro.

Wa mer zënter dräi Joer de selwechte Montant mussen, solle bezuele fir déi Marchant-ambulanten ze kompenséieren. Dee Manque à gagner, deen do entsteet. Dat ass awer dann an enger gewësser Iwwerleeung vu mir en contre-sens mat deem, wat Dir iwwer d'Politik vum Developpement vun der Activité commerciale an Esch sot.

Well doduerch dass jo ëmmer méi Geschäfter beluecht sinn, hätte mer jo manner Besoinen, ambulant Commerçanten. Déi solle kommen, also misst dee Subsid jo erofgoen. Dat ass u sech eng normal Logik, déi ech dann hei awer net erëmfannen.

Den Avantage vun der Konventioun, firwat ech deen an der Finanzkommissioun ubruecht hunn, ass deen, dass mer eis erspueren eng Diskussioun iwwer e Subside extraordinaire. An déi zweet Saach ass, mir kënnen dann och Fuerderungen an enger Konventioun stellen als Stad Esch, wat mir als Géigeleeschtung gär hätte par rapport zu deene Montanten, déi mer iwwerweisen.

An en anere Punkt ass einfach deen, dass ech elo soen, mir hunn oft déi Diskussiounen iwwer Subsiden hei. A mir wëssen och, dass,

soe mer mol, méi kleng Associatiounen, déi weesentlech manner kréien, mussen immens vill Dokumenter ofginn.

Ech gleewen och, dass d'ACAIE hei vill Dokumenter ofginn huet. Mee komm, mir kucken dann, dass mer et einfach entweeder alles an d'Subsidekommissioun ginn oder dass mer soen, de Schäfferot ass Här a Meeschter an en decidéiert eleng. Dat ass okee. Dat ass Äre Choix.

Mee komm, mir maachen awer net, dass mer eng Kéier Cavalier seul vum Schäfferot hunn an eng Kéier maache mer eis méi schäinhelleg wéi mer sinn a mir froen eng Millioun Dokumenter.

Ech mengen, et ass net am Sënn vun der Transparenz, vun där mer dräi Punkte virdru geschwat hunn. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech mengen, wa mer dann un de Fong ginn, da ginn ech och dem Här Knaff d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Wéi gesot, mir hunn effektiv eng Konventioun mat der ACAIE. Ech mengen, do geet ëm e Montant vun 20.000 €. Dat ass notamment, fir si ze ënnerstëtzen an deene Campagnen, déi si fir de Commerce maachen, respektiv Animatiounen, déi si an der Stad, an der Uelzechtstrooss gemaach hunn. Do war e Montant vun 20.000 €.

Si hunn dann och ëmmer, well dat eng vun hiren Haapteinnamequelle war, organiséiere si déi dräi Braderien. An do hat sech op eemol agebiergert, datt probéiert ginn ass, aus deene Braderien eraus wierklech d'ganz Surface beschtméiglech ze beleeën.

A si hunn do ganz vill Foraine komme gelooss vu baussen. An dat war eppes wéi e Joermaart. An dat war net ganz propice, fir de Commerce, dee mir zu Esch ubidden. An dat wollt ee Moment, an ech weess net méi, wéini dat en place gesat ginn ass, mee ech mengen, dat kéint souguer nach virum Changement gewiescht sinn.

Do ass gesot ginn, okee, wann dir dat net méi wëllt, a well dat awer sou vill Käschte mat sech bréngt, fir Pub ze maache fir d'Braderie, fir dat ze annoncéieren – do gëtt Pub um Radio gemaach, an der Zeitung etcetera – hätte se Manque à gagner, wa se net kéinten d'Uelzechtstrooss sou vollstoppen notamment och Leit, déi Produite verkaaft hunn, déi mer am Fong net wëllen. Sou Plastiker, net genormt Saachen etcetera.

An do ass d'Iddi komm vun deem Subside extraordinaire, fir hinnen dee Manque à gagner ze kompenséieren.

Mee dat hu mer awer elo schonn x Jore sou gestëmmt. Dat heescht, eng normal Konventioun plus dann dee Subside extraordinaire. An do ass elo an der Finanz-kommissioun d'Remark komm, soll een dat net jumeléieren, een eenzege Montant ginn. A wou mer natierlech dann och kéinten an d'Konventioun draschreiwen, si solle kucke bei der Braderie, datt se nëmme Verbänn huelen, déi dann och Saache proposéieren, déi mer wëllen hunn an déi net klimalasteg sinn oder wat och ëmmer. Dat war d'Iddi.

Wéi gesot, dee Subsid hu mer bis elo ëmmer gestëmmt. An dofir, well e sech agebiergert huet, ass en am Fong net méi sou extraordinär. An dofir wëlle mer en och net méi ënner där Form stëmmen, mee mir wëllen en d'nächst Joer afléisse loossen an d'normal Konventioun.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An ech mengen och, well e sech agebiergert huet a well e scho sëlleg Kéieren hei gestëmmt gouf, an déi Explikatiounen, wou den Här Knaff elo ginn huet, net fir d'éischt hei an dëser Form gi gouf an dëser Ronn, dass Dir dat, déi en och schonn e puermol matgestëmmt hunn, net nach eng Kéier misst extra erkläert kréien.

Nach eng Wuertmeldung? Au vote.

- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Joy Weyrich)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 6.2. GECT Alzette/Belval ; participation financière annuelle ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Punkt 6.2, wat och keng Neierung ass.

Hei ass et d'Participatioun iwwer 12.500 €, déi mer bezuele beim Groupement Européen de Coopération Territoriale Alzette/Belval, wou d'Stad Esch zesumme mam CCPHVA a mat de Ministèrë vun den zwou Säiten och am Executif restreint ass.

Mee fir virzebeugen, dass nach Froe géife kommen, obwuel mer dat schonn e puermol gestëmmt hunn, ginn ech dem Här Cavaleiro d'Wuert fir nach e puer Explikatiounen zum GECT.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Zum GECT, wéi Der wësst, geet et hei ëm eng Organisatioun, déi transfrontalière Politik soll diskutéieren. De GECT befaasst sech an de leschte Méint vill mat Interreg-Projeten, wou eng Panoplie u Projeten tëscht franséischen a lëtzebuergesche Munipalitéiten do Projete presentéieren.

De GECT gëtt de Moment presidéiert vun der Madamm Marie-Josée Vidal, Representante vun der Regierung, déi do nominéiert gouf. Et ass am Fong geholl eng Tournante, déi reegelméisseg gemaach gëtt. Eng Kéier vu Regierungssäit, eng Kéier vun de Gemengen. An hei ass, wéi gesot, elo dës Kéier un d'Regierung, een ze nominéieren. An do ass d'Madamm Vidal eebe Presidentin.

Et gëtt eng Feuille de route 2021-2027 fir de GECT. An do wäerten deemnächst och e puer Informatioune kommen, wat déi Reflexiounen ubelaangt, déi ech dann eng Kéier hei wäert presentéieren.

Dofir bieden ech Iech, déi Participatioun vun 12.500 € fir d'Joer 2025 matzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Mee mäi Merci ass net fir d'Wuert dës Kéier. Mäi Merci ass fir leschten Dënschdeg.

A mir waren eis unanime an där Kommissioun eens, dass et enorm gutt war, dass Der dohinner komm sidd, dass Der eis Är Deplacementer erkläert hutt, dass Der eis erkläert hutt, wat an den Diskussiounen an de grousse Linne mat den Ambassadeuren oder soss Representanten, déi Dir hei empfänkt, geschwat ginn ass.

An och merci, an dat well ech ganz besonnesch ervirhiewen, dass Der opgehalen hutt, andeems Der d'Finanzpunkte vun deene Reesen duergeluecht hutt. An dofir soen ech Iech dann och nach eng Kéier Merci, dass Der eis haut den Dossier vum Syvicol mam Titel "Gemengegesetz liicht gemaach" weist.

Well ech verweisen do op d'Säit 2 vun der Fiche 3.7, wou kloer beschreift, wéi d'Delaie vun Äntwerte sinn, wa mir eng Fro als Fraktioun stellen. An do gëtt et nach eng oppe Fro. Wou ech awer muss soen, do ass net de ganze Schäfferot, deen net geäntwert huet. Well den Här Sehovic huet eis drop geäntwert. Dat heescht, mir waarde just nach op d'Äntwert vu véier Schäffen.

Den anere Punkt ass, mir wäerten dat hei ganz kloer matstëmmen. Mir si frou doriwwer, dass mer dat do haut kënne matstëmmen. Ech géif awer deene Schäfferotsmemberen am Idealfall un d'Häerz leeën, och eng Kéier an d'Kommissioun ze kommen. Do ware mer eis als Kommissioun mam Buergermeeschter eens, dass et sënnvoll ass, ze verstoen, wat déi Fotoen um Esch.lu-Site bedeiten a wéi eng Visioune mer hunn; fir d'Politique transfrontalière an de Jumelage gemeinsam. Ech mengen, do geet jo wäit iwwer déi just jumeléiert Gemengen eraus. Do geet et ëm Diskussioune mam CCPHVA, do geet et an den Diskussiounen an deenen eenzelen transfrontalièren Dossieren. Dofir ass et wichteg, dass mer vun Iech, well Dir hutt den Inside dovunner, dass dat gedeelt gëtt.

An dofir elo ofschléissend da mäi leschte Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck, fir déi vill Mercien.

Ech weess net, ob Der sou zefridde wäert si mat der Äntwert, déi Der wäert kréien. Dir wäert eng Äntwert kréien zum Zougang zu deenen Informatiounen, déi Der nach gefrot hutt.

Dir wäert och den Zougang dozou kréien. Et wäert awer net sou sinn, dass mir Iech e kompletten Dossier wäerte gi mat de Fotokopië vun all eenzele Rechnungen a sou weider.

Mee Dir wäert dat, wéi mer et och bei enger anerer Situatioun Iech ugebueden hunn, wäerte mer Iech proposéieren, e Rendez-vous auszemaache mat der Comptabilitéit, wou Der da sur place kënnt goen an da kënnt Abléck an all Rechnung do huelen, wou Der wëllt.

Eppes wat d'aiileurs als Conseiller, menger Opfaassung no, e Recht ass, wat Der Iech roueg kënnt huelen. Och bei anere Saachen.

Voilà, au vote zum GECT.

- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Joy Weyrich)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 7. Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Beim Relevé et rôle supplétif hat Der ee Relevé vun der Grondsteier virleien.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Joy Weyrich)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 8. Confirmation des règlements temporaires de circulation ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Verkéiersreglementer. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Déi permanent Ännerungen am Verkéiersreglement hunn ech gehale fir d'nächst Woch. Mir hunn haut um Ordre du jour sechs temporär Ännerungen, déi mat Eventer oder Chantieren ze dinn hunn.

Eng Kéier um Boulevard Charles de Gaulle, eng Kéier an der Rue du Moulin, an der Rue Würth-Paquet, an der Rue du Fossé, um Boulevard Prince Henri. An dann eng Kéier an der Rue Helen Buchholtz wéinst der Péngschtkiermes.

Ech bieden ëm Zoustëmmung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen? Au vote.

- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Joy Weyrich)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 9.1. Contrats de bail et avenants ; décision

## 9.2. Contrat de bail et avenant GLS ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An dann hu mer Contrat-de-baile virleien.

Dat si fënnef nei Kontrakter fir Sozialwunnengen an eng Verlängerung bei enger Gestion locative sociale. Dës Dokumenter mat den Detailer hat Der am Dossier.

Wuertmeldungen heizou? Dann au vote.

- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Joy Weyrich)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 10. Commissions consultatives ; modifications ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mer hu keng Ännerunge fir d'Kommissioune virleien, sou dass mer zum Schluss vun dësem Gemengerot ukomm wieren.

Nach zwou, dräi Saachen. Als éischt hutt Der an der Press matkritt, dass mer eng gutt Relatioun mat Schengen hunn.

Déi gutt Relatioun baséiert eigentlech op enger Iddi, déi 2022 entstanen ass, wou d'Stad Esch Kulturhaaptstad ginn ass. Europäech Kulturhaaptstad. A wou gesot ginn ass, da sollen déi zwou europäeschst Gemengen am Land sech besser zesumme beroden, verstoen. A mir hu verschidde Projeten, wou mer an den Administratiounen eis een deen anere mol ënner d'Äerm gräifen.

An Dir hutt och an der Zeitung gelies, dass och e Wäin entwéckelt gouf, dass mer och autark ginn an eiser Wäiproduktioun, fir zum Beispill d'Receptiounen. A wa mer herno erausginn, da kënnt Der och eis nei Cuvée „Les deux rives" schmaachen. Dann hutt Der schonn e Virgoût op d'Receptiounen.

E Mëttwoch kënnt Der e vläicht och scho schmaachen. Dann hu mer nämlech d'Inauguratioun vun der Sportshal, vum COHS3, mëttes um 5 Auer.

D'Klimawoch ass och nach aktuell amgaangen. Dat heescht, et gëtt nach genuch Occasiounen, fir sech ze begéinen. De Culture Forest Festival de Weekend.

An elo hale mer op schlussendlech nach mat engem leschte Message, wou mer dann enger Enseignante aus eisem Conservatoire bonne Chance wënsche fir dëse Samschdeg. Et ass awer schonn exceptionnell, dass d'Madamm Thorn sou e Lien mat der Stad Esch huet. An da kucke mer, wéi gutt et um europäeschen Niveau ofschneit.

Merci fir dëse Gemengerot. Schéine Weekend.

# CONSEIL COMMUNAL



**Christian Weis**
CSV



**Pierre-Marc Knaff**
DP



**André Zwally**
CSV



**Meris Sehovic**
déi gréng



**Bruno Cavaleiro**
CSV



**Jean Tonnar**
LSAP



**Mandy Ragni**
déi gréng



**Daliah Scholl**
DP



**Ben Funck**
LSAP



**Steve Faltz**
LSAP



**Liz Braz**
LSAP



**Enesa Agovic**
LSAP



**Sacha Pulli**
LSAP



**Pascal Bermes**
CSV



**Joy Weyrich**
CSV



**Marc Baum**
déi Lénk



**Bernard Schmit**
ADR



**Tammy Anna Broers**
déi gréng



**Dejvid Ramdedovic**
CSV